




GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 20.12.2019





SOMMAIRE

RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS	03
1. PRISES DE POSITION DES CONSEILLERS COMMUNAUX AUX VOTES DU BUDGET RECTIFIÉ 2019 ET DU PROJET DE BUDGET 2020.	04
2. RÉPONSES DU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS	33



RAPPORT SOMMAIRE

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 20.12.2019

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Yves Jadin ; Madame Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent : Monsieur Vic Haas, conseiller, excusé.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres. Il est ensuite procédé à la liquidation de l'ordre du jour. Le budget rectifié de l'exercice 2019 et le projet de budget de l'exercice 2020 ayant été présentés par le collège des bourgmestre et échevins durant la séance du conseil communal du 13 décembre 2019, la présente réunion est réservée uniquement aux prises de position des conseillers communaux par rapport aux projets de budgets, ainsi qu'aux votes du budget rectifié 2019 et du budget initial de l'exercice 2020.

Ainsi, le budget rectifié de l'exercice 2019 est approuvé avec 10 voix contre 5 et 3 abstentions, tandis que le budget initial de l'exercice 2020 est approuvé avec 10 voix contre 8.

Fin de la séance vers 16.15 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 20.12.2019

I. STELLUNGNAME VUN DE MEMBERE VUM GEMENGEROT ZU DEN ÄNTWERTE VUM SCHÄFFER- ROT AN ZUM VOTT VUM BUDGET RECTIFIÉ FIR DEN EXERCICE 2019 A VUM BUDGET INITIAL FIR DEN EXERCICE 2020

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER)

Voilà léif Kollegeinnen a Kollegen, schéine gudde Mueren an häerzlech Wëllkomm fir déi zweet Ronn ronderëm d'Budgetpresentatioun, oder respektiv dann haut virun allem de Fokus vun de Budgetsdebatte vun de Conseillere aus der Majoritéit an der Oppositoun zesummen, déi Stellungnam huelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Maan mer mol hei den Apparat un. Merci, e geet. Geet et? Geet et? E geet! Voilà! Bonjour Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot. Als Fraktiounsspriecher vun der CSV wäert ech am Kader vun den Diskussiounen ëm de Budget eng gemeng Analys vun dem Schäfferrot senger Aarbecht am leschte Joer maan. De finanziellen awer och de politeschen Impakt vum Schäfferrot sengen Decisiounen probéiere mer ze analyséieren, ze hannerfroen, ze belichten an ze kommentéieren – Dëst souwuel wat d'Aarbecht am Joer 2019 ubelaangt, wéi awer och d'Propositioune a Projekte fir 2020. Meng Kollegen, Jean-Paul Gangler, Jean-Paul Friedrich, Sylvie Andrich-Duval a Claude Martini wäerten da méi konkret zu de verschidden Themeberäicher Stellung huelen an der CSV hir Vuen a Propose virstellen. Fänke mer un mam Budget rectifié 2019. Am Numm vun der CSV soen ech natierlech dem Här Pull a senger ganzer Mannschaft villmools Merci fir d'Opstelle vum Budget. Merci fir seng kompetent Erklärungen bei der Finanzkommissiounssitzung a mir appreciéiere virun allem awer och déi kleng explikativ Ajouten bei de verschiddene Posten, souwuel am Budgetdokument wéi awer och am Dokument, deem der Kommissioun virgestallt gëtt. Mir kommen zum Budget rectifié 2019. Wéi seet de Premier: „Wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit och gutt goen.“ Wann et dem Land gutt geet, da geet et der Diddelenger Gemeng och gutt. Eng enorm Hausse vun de staatlechen Dotatiounen, sief et sous forme vun der Gewerbesteier, wéi awer och duerch de Fonds de Dotation global des communes – do krute mer zesummen eng Recette ordinaire vun 100 Milliounen. 2020 gouf sech ausgerechent, dass mer esou 103 Milliounen zur Verfügung gestallt kréien. Loosse mer da mol hoffen, dass d'Konjunktur weider gutt dréint an de soziale Fridden erhalte bleift. Bei der Recette ordinaire ass awer och ëmmer eise Restanten Etat dra verstoppt. 1,2 Milliounen déi ëmmer, déi mer warscheinlech och ni ënnert déi eng Millioun gedréckt kréien, trotz all eise Beméiungen mat Rigueur géint all eis Creanciere

virzegoen. Dat musse mir dann eben esou akzeptéieren. Zu den Dépenses ordinaires: Do stinn 81 Milliounen Euro dran als Dépense ordinaire. An do bestätegt sech den nämmelechten Zenario wéi all Joer: eng enorm Hausse vun de Personalfraisen. Sécher stoungen och mir hannert der Decisioun eis zwou Crèchen, Nuddelsfabrik a Minettsdäpp, ënner d'Fittiche vun der Gemeng ze huelen. Mee dat mécht just eng Hausse vun 1,47 Milliounen aus. Mir hunn awer vun 2018 op 2019 eng Hausse am Total vu 5,2 Milliounen bei de Personalfraisen. Gebeetsmühlenaarteg widderhuele mir vun der CSV, et misst een d'Entwécklung vun de Personalfraisen analyséieren, eis Servicer duerchlichten, Synergie schafen, Prozeduren optimiséieren an Transparenz an der Aarbechtsprozess an der Organisatioun an de Servicer op den Dësch leeën.

Mir gi jo lo op dee Wee: Et gëtt e Screening gemaach, et gëtt en Ausschaffe vun neie Prozeduren – an dat ass och gutt esou an dat ass och néideg! Mir fuerderen awer och weiderhin, dass, wann virun dem Antrëtt an d'Pensioun vun engem Mataarbechter en zweete Mataarbechter agestallt gëtt, an dofir muss en zousätzleche Poste geschaaft ginn, dass dann, wann de Mann an d'Pensioun geet, dass dann och den neie Posten ofgeschaaft gëtt, oder dem Pensionär säi Posten. Hei ass an der Lescht e bëssen eppes geschitt, mee et ass nach Loft no uewen. Am Budget rectifié 2019 op der Säit vum Extraordinär, do leie mer op Recettesäit bei 11 Milliounen. Mer krute vum Här Buergermeeschter d'lescht Woch d'Erklärungen, dass dat virun allem ass, well mer méi Subside vum Staat kréie fir d'Rekonstruktioun vum Hartmann, krute mer nach ëmmer en Deel deen ausstoend war fir d'Maison des Chercheur, fir d'Bildungshaus Lenkeschléi. A bei den Depensen, jo, do sinn oft nei Kreditter, déi mer oft zähneknirschend musse votéieren, well et Depassementer vun initiale Kreditter sinn, wou mer awer ëmmer drop hiweisen, dass et dem Schäfferrot seng Sorgfaltsflicht ass, fir Depensen am Aen ze behalen an Depassementer esou gutt ewéi méiglech ze evitéieren.

Projeten, déi op 2020 reportéiert goufen, stinn och nees eng Hällewull dran. Projeten, déi grouss annoncéiert goufen, an dëst Joer mol nach net ugefaange goufen, an elo nees mat vill alo annoncéiert ginn. Beispill: d'Déierenasyl sollt ausgebaut ginn. Dat hate mer Rieds d'lescht Joer. Dëst Joer steet et am Budget nees dran. Den Neibau vun där Salle Polyvalente vum Gaart an Heem – och dat war d'lescht Joer ugekënnegt ginn, steet dëst Joer erëm dran. An och iwwer d'Gemengen-Atelieren hate mer d'lescht Joer scho kuerz gesot kritt, dass mer dat wëlte plangen, mee d'Realitéit, déi weist eis awer, dass do nach näischt geschitt ass. Verschidde Projekte verlafen och am Sand – leider. Zum Beispill bei der Zone „Helper“. Do war eng Elaboration d'un plan directeur viru Jore schonn annoncéiert ginn. Do ass awer näischt geschitt. Dee Posten ass am Budget total gestrach ginn. D'Realitéit gesi mer souwisou réischt, wa mer den definitive Compte administratif virleien hunn. Dofir beloossen ech et heimat bei dese Commentairen zum Budget rectifié 2019.

Da komme mer zum Budget 2020. Hei widderhuelen ech nach emol: Wann et dem Land gutt geet, geet et der Gemeng och gutt. Eis ordinär Recette, déi ginn op ronn 103 Milliounen geschat. Lo hoffe mer alt, dass näischt



dertëschent kënnt an eis Depensen, déi ginn awer och erop op 89 Milliounen. An hei och nach emol: 4,9 Milliounen Augmentatioun vun de Personalfraisen. Dat si 70% vun den Haussé vun den Dépenses ordinaires, sinn Haussé vun de Personalfraisen. Dat ass enorm an och besuergneserregend, well wa mer bedenken, dass wann d'Konjunktur eng Kéier mol net méi esou gutt dréint, dës Frais, déi behale mer. Eng Fro och un de Schäfferot: Interessant wier och ze wëssen, wéi déi absolut Zomm an de Personalfrais virgesinn ass fir dëst Joer. De Plan pluriannuell fir 2019, dee mer am Ufank vun dësem Joer virgestallt kritt hunn, do war fir 2019 e Chiffer vun 46,3 Milliounen Frais de personnel genannt ginn a fir 2020, 47,6 Milliounen. Wat jo awer lo laut de Pronosticke vun de Finanzexperten an eiser Gemeng net ka stëmmen, well jo do schonn eng Hausse vu 4,9 Milliounen dobäikënn. Dofir froe mir eis, wéi vill Prozent vun eisen ordinären Depensé maan dann elo d'Personalfraisen aus a wéi ass déi absolut Zuel vun de Personalkäschten? Ech hunn och nach eng Fro: Et ass och nach e Poste vu 489.000€. Do steet dohannert „postes temporaires 2019/2020“, déi sinn ageschriwwen ginn. Villäicht ass dat nach eppes, wat ech net matkritt hunn, oder soss kënnt dir mir do nach eng Kéier präziséieren, wéi eng Poste dat sinn, ob déi ofgeschaaft gi sinn a wat dat heescht. Wéi gesot, de STATEC huet seng Wuesstemsprognose fir 2020 liicht no ënnen revidéiert. Loosse mer alt hoffen, dass déi international Finanzlag, an awer och déi politesch Lag, trotz imminentem Brexit, trotz zouhuelenden nationalistesche protektiven Tendenzen an Europa an och anerwäerts, roueg a sozial-koherent bleift. Suerge maachen eis awer och der Regierung hir grousszügeg Cadeaue fir d'Leit. Gratis Kannerbetreuung an de Maison Relais an an de Crèche.

Mir als Gemeng mussen awer den zouhuelenden Afflux geréieren, wat net evident ass, a mir mussen och kräfteg mat bezuelen. D'Personalfrais an d'Infrastruktur-frais, do musse mir och an d'Täsch gräifen. Dann, den zweete grouse Cadeau: De gratis ëffentlechen Transport. Mir ware paff, wéi de Buergermeeschter e Freide matgedeelt huet, dass mir elo keng Subventionéierung vum Staat méi kréie fir eise Citybus. Eis Participatioun vum TICE, déi klëmmt natierlech rasant. Participation aux frais d'exploitation, déi waren am Initial 2019 op 1,8 Milliounen festgesat ginn. Am Rectifié steet lo do schonn eng Zomm vun 1,32 Milliounen. 2020 ass, mengen ech, e bëssen optimisteschen Taux vun 2,06 Milliounen agesat ginn, virun allem wann ee bedenkt, wéi Madamm Dall'Agnol gesot huet, dass 65% vum Budget fir den TICE fir d'Personalkäschte sinn. Déi gi jo sécher och erop, an net erof. De Citybus huet eis 2018 eng Millioun kascht. 2019: 973.000€. 2020 sinn 940.000€ ageschriwwen ginn. Bis d'lescht Joer krute mer ëmmer nach weinstens e Subside vum Staat vun 30.000€. Déi falen awer elo wech. An dëst obwuel am Februar, wou mir eng Fro gestallt haten, wéi et da war mat den Dotatiounen fir de Citybus, nach geheescht huet: „Majo dach, den TICE-Direkter, deen hat versprochen, dass déi staatlech Subventionen, déi mer fir de Citybus kréien, net a Fro gestallt wier.“ Mee nom Motto „Was kümmert mich mein Geschwätz von gestern“, ass haut e Wuert kee Wuert méi. Mir zu Diddeleng hunn dat jo och misse feststellen, wéi d'Regierung hiert Wuert gebrach huet, an déi am



Regierungssaccord festgehalten Implantatioun vun der Filmindustrie op eise Friche gekippt huet. An obwuel mir dräi Diddelenger Buergermeeschter, ech betounen: dräi Diddelenger LSAP-Buergermeeschter, an der Chamber op der Säit vun der Majoritéitspartei sëtzen hunn, si mir Diddelenger einfach am Ree stoe gelooss ginn. A mir froen eis: Wéi ass dat méiglech? D'Regierung brauch eis dräi Buergermeeschteren, soss huet se keng Majoritéit méi. Do misst dach Verhandlungsspillraum sinn a mir hoffen, dass do och eppes geschitt. A meng Fro ass och: Wéi eng Propose leien dann elo konkret um Dësch, respektiv wéi eng Iddien oder Projeten hutt Dir iech virgestallt, fir eis Friche ze beliewen.

Um Radio huet den Här Buergermeeschter de Projet Film, Audio, Musée an Gespréich bruecht. Wéi wäit hutt Dir de Projet da schonn entwéckelt? Wéi vill wäert dee Projet kaschten? Wéi soll dat ausgesinn? Wéi vill Aarbechtsplaze schafe mer? Als Oppositioun verlaange mer, mat abezunn ze ginn an d'Diskussioun an als Oppositioun hu mer och d'Recht, de Projet virgestallt ze kréien, éier der domadder bei d'Regierung gitt. Mir hunn als Gemengerot eng Haaptaufgab: D'Aarbecht vum Schäfferot ze begleeden, ze kontrolléieren, ze analyséieren an ze votéieren. Ech mengen, dat vergësst dëse Schäfferot och heiansdo. Beispill: Projet „Filmindustrie NeiSchmelz“. Am Oktober, wéi de Projet vun der Regierung gekippt ginn ass, si mer ganz bäileefeg gewuer ginn, dass e Planungsbüro beoptraagt gouf, e Konzept „Cité du Film“ opzeschaffen. Dee Projet, deen hätt herno 22 Milliounen kascht. Am Joer 2007 war e Projet vu 7,2 Milliounen am Gespréich. Op eiser Nofro hin, wéi et zu där Käschenexplosioun koom, krute mer wierklech e Wisch dohinnergeluecht mat enger Tabell, wou just Zuelen drastoungen, wou uewen dropsteet „Projet 17 113“, an da steet dran „Programm 2008“ an dann „Programm 2017“ – kee Wuert Explikatioun, keen Dossier écrit, en einfacht Blat mat Zeilen ewéi „Programme identique qu'en 2008“, „provisions maintenues en 2017“. Majo, wéi war dann de Programm vun 2018? A wat ass dann de Programm vun 2017 gewiescht? 't ass de Geck mat der, mam Gemengerot gemaach, a mir hate ganz kloer gefrot, dass mir éischters all Verhandlungsstéck sollen duergeluecht kréien, säit 2008, souwuel déi Diskussiounen mam Filmfong, mat der ULPA a mam Kulturministère. An zweetens hate mer gefuerdert, dass mer sollten de Konzept 1 an de Konzept virgestallt kréien. Vläch hätt ee jo och vläch kënnen an deenen 10 Joer tëschen 2008 an 2018 ee Mol eng eenzeg Kéier mam gesamte Gemengerot de Projet diskutéieren. Mee neen, hannert zouenen Dieren gëtt gewurschtelt an op eis Nofro, also an deenen 10 Joer hu mer oft nogefrot – et sinn och Zeien heibannen, déi dat kënnen bezeien – hu mer oft nogefrot „wéi ass et da mam Projet Filmfong?“. Do huet et ëmmer geheescht „Majo natierlech leeft dat sécher, et ass alles an der Rei“, an



dann zum Schluss gëtt der Regierung e Projet dohinnergeluecht, deen iwwerdeiert ass. An dann, wann de Projet refuséiert gëtt, jo dann ass et jidderengem seng Schold, awer net dem Schäfferot seng. Mee „mea culpa“, dass dee Projet falsch ugaangen ass, dat, déi Wieder héiere mir hei bannen natierlech net.

Mee dat ass jo net den eenzegen Dossier, wou eise Schäfferot hannert zouenen Diere mauschelt a wurschtelt an dann awer dëst Joer huet awer misse Faarf bekennen am Gemengerot. Beispill: Projet „Shared Space“. Komplette finanziell Fehlplanung a mir haten d'Lescht virun engem... enger Woch hei Rieds am Gemengerot. Firwat? Ma initialement krute mer gezielt, de Projet mat dräi Phase sollt 6 Milliounen kaschten. Elo kascht Phase 1 an 2 schonn iwwer 7 Milliounen, an eise Berechnungen 8,3 Milliounen souguer, well wann een Zuele vun der Partie écrite vum Devis remanié kuckt, da komme mer op en anere Chiffer wéi dee genannten, déi genannte 7 Milliounen. En plus kommen 1,7 Milliounen dobäi, well mer de Reamenagement vun der Strooss Dominique Lang nach mat aplangen. An da kommen nach d'Suen, déi fir déi 3. Phase musse labber gemaach ginn: Nach eng Kéier 3 Milliounen. E Shared Space, e Projet, wou mer 100% dohannert stinn, dat steet hei net zur Fro, net, dass dat eis herno rëm gesot gëtt „Jo, dir maacht eis alles maadeg“, mee et geet net dorëmmer. E Projet, hannert deem mir 100% stinn, dee kascht eis duerno 10 bis 12 Milliounen. Dat ass dat duebelt vum initialen Devis. Mee wa mir eis CSV da soen, passt op ären, respektiv eise Budget, passt op deen op, well de Budget, dee mir hei stemmen, ass net dee vun der Majoritéit, net dee vun der Oppositoun, net dee vum Gemengerot, mee et ass de Budget vun allen Diddelenger Bierger. A wa mir da soen „Majo dir sidd de Bauhär, dir sidd responsabel fir eis Suen“, da ginn d'Ae verdréint an dann „Mimimimimi, mir kënnen net dofir. Mir hu Problemer Firmen ze fannen, déi dat baue mat deene Suen, déi mir hunn. Mir hu Problemer mat der Explosioun vun de Materialfräisen. Imprevue sinn dotëscht komm.“ Jo, dat maach jo sinn, mee mir erwaarde méi Kontroll, méi Rigueur, méi Professionalitéit a méi Transparenz. Mir erwaarden Transparenz vis-à-vis vum Gemengerot, an domat och vis-à-vis vun eise Bierger.

Ech hat am Oktober gefrot, dass mer d'Resultater vun de verschiddenen Etüde virgestallt kréien – Etüden, do si mer gutt dran. Eng Etüd hu mer gemaach „en vue de l'optimisation de la fluidité du travail trafic au centre ville“. Mir haten eng Etüd gemaach „sur la suppression des passages à niveau“. Dës a vill aner Etüde ginn iwwert de Gemengebudget finanziert. An dir, als Schäfferot, dir huet, wann eng Etüd ofgeschloss ass – sou hoffen ech et jo mol – eng Conclusioun, wann déi Etüd fäerdeg ass, an dir huet eng Deliberatioun, wat da geschitt. An de Gemengerot huet och d'Recht drop, dës Deliberatiounen virgestallt ze kréien. A meng Fro ass: Wéini hutt Dir da Wëlles, eis Conclusioun an déi weider Schrëtt an dësen, wéi och an deenen aneren Etüdsdossieren virstellen?

Thema Mobilitéit: Dat ass de groussen Challenge – national, awer och lokal. Wéi oft hu mer gefrot, wéi är Propose sinn zum Projet Zuch, respektiv Train-Tramm, déi der beim Ministère an CFL da virdrot? Schweigen im Walde. Wéi oft hu mer gefrot, wat seet Lux-Tram zu eise Projet? Mat

wéi engen anere Spezialisten hu der Kontakt opgehooll? Evasiv Äntwerte kréie mer. An dat ass net dat, wat mir gär hätten. Mee d'Zäit, déi drängt. Dem Quartier Neischmelz seng 4 PAPen sinn an der Prozedur. Dausend Wunnenge sollen dohinner kommen. 't ass jo alles schéin a gutt, dass mer do en Eco-Quartier schafen. Mee et geet net duer, och de Leit, déi op de Reuniounen sinn, ze zielen „Majo, mir maache Gemeinschaftsgaragen, mir maache Vélosweeër“. Mee wéi kommen d'Leit op d'Schaff? Well d'Schaff ass net hei zu Diddeleng fir déi meeschte Leit. Also wéini maache mer do Neel mat Käpp? Wéini kënnt dir iech bei der Regierung duerchsetzen, dass mer eng Léisung, net nëmmen eng vun deene sëllege Propose kréien, déi dann bëssen diskutéiert ginn, an dann op eng Kéier héiert een näischt méi dervun? Wéi eng Léisung bitt dir eis, oder respektiv: Hutt Dir mat der Regierung ausgeschafft, wéi mer aus Diddeleng Richtung Beetebuerg a Lëtzebuerg solle kommen? Musse mer eis beame loossen oder fuere mer mam Helikopter oder wéi solle mer dat maachen?

Dir sidd mat ärer Partei an der Regierung. Net eréischt säit zwou Legislaturperioden. Dir sidd zu dräi Diddelenger Buergermeeschter an der Chamber. Setzt iech an, dass mir eng Léisung fannen, esou séier wéi méiglech. D'Leit hunn es sat, moies 40 bis 50 Minutten an Diddeleng am Stau ze stoen, fir aus Diddeleng eraus ze kommen, fir schaffen ze fuere, oder fir ze spéit an d'Schoul ze kommen. De Bus, vill gelueften RGTR-Linn, de steet och am Stau. Dofir ass den Thema Mobilitéit, dat beschäftegt d'Leit. Mir mussen dat ugoen, och zesummen. Well Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng schafen, dat ass elo net onbedéngt eng Prioritéit vun dësem Schäfferot – leider. Zone Koibestrachen: Bis viru kuerzem eng kommunal Industriezone mat nationaler Affektatioun. 't ass mol net méi am Budget virgesinn, déi Zone weiterentwéckelen. Zone Helper, wou elo de 36. Ulaf geholl gëtt, fir Neel mat Käpp ze maachen. Do stinn am Budget 100.000€ dran fir de PAP Helper opzestellen. D'Deliberatioun vum Plan Directeur, dee gouf einfach fale gelooss. Et ass jo luewenswäert fir de Projet Innovationhub weiterentwéckelen, mee hu mir do vill Aarbechtsplaze geschaf? Ech denken, do ass d'Ausbeute bescheiden. Dir sot, d'Regierung huet eng Bringschuld, fir Aarbechtsplazen op Diddeleng ze brénge. Majo, Koibestrachen sollt jo eng national Zone ginn, fir Technologie de Santé a fir informatesch Servicer. Et geschitt awer näischt! Oder hutt dir eis vergiess eis eppes Positives diesbezüglich leschte Freiden ze soen? Den Här Buergermeeschter huet a senger Conclusioun gesot, Diddeleng bleift attraktiv fir Kanner a Familljen. Jo, mir sinn eng flott Stad, mir sinn houfreg drop, hei ze wunnen, mee et dierf ee Problemer: 1. Mobilitéit 2. Mangel un Aarbechtsplazen hei zu Diddeleng net ignoréieren. An den drëtte groussen Problem ass de bezuelbare Wunraum. Dir sot, mir iwwerhuele regional Aufgaben. Jo, mir hunn eng Museksschoul, mir hunn e CGDIS a mir sollen eng national Virreiderroll iwwerhuelen als véiertgréisst Gemeng. Ma da komm mir maan dat! Komm mir, oder vill méi dir, gitt bei d'Regierung a fuerdert konkret, dass mer eescht geholl ginn.

Ech komme kuerz zum Thema Spidol. Kee Mënsch hat dat Wuert an de Mond geholl leschte Freiden. An dir sot awer ëmmer, mir wëllen eng medezinesch Grondversuergung



hei zu Diddeleng oprecht erhalen. Den CHEM-Gestionnaire vun eisem Spidol huet an der Infoversammlung virun e puer Méint zouginn, am Budget 2019 keen Euro Invest fir eist Spidol virzegesinn. An an ärer Budgetspresentation d'lescht Woch gouf och kee Wuert iwwer d'Spidol fale gelooss. Wéi sinn dann d'Pläng vum CHEM? Wéi eng Iddien hunn se? An et gouf eng Polemik dës Lescht an der Press, mee bon, ech wëll lo net weider dorop agoen, dass déi Projeten net esou herno realiséiert solle ginn, wéi se virgestallt goufen, mee wéi sinn äre Pläng? Nidderkuer mécht sech Gedanken iwwer d'Erhale vun der Gesondheetsversuergung vu sengen Awunner an huet konkret Projeten um Dësch leien. Wéi sinn d'Verhandlungen mam Ministère de la Famille, déi eng Struktur fir Dement an Alzheimerkrank Patienten an d'Spidol wëllen integréieren? Hu mer do eng schrëftlech verbindlech Zouso oder geet et eis do och wéi bei der Filmindustrie? Momentan funktionéiert eist Spidol ganz gutt, mee wéini plangt der do konkret eng nei Ausrichtung Dir sidd als eenzege Representant, Här Buergermeeschter, vun Diddeleng hei bannen am Verwaltungsrot vum CHEM. Jidderee vun Äre Kollegen huet iwwert seng Syndikater e bëssen erzielt an de Point gemaach. Mee wat hutt Dir dann ze zielen, wéi d'Verhandlungen mam CHEM fir Diddeleng lafen? Sot lo net, dat ass just e Verwaltungsrot, dat ass eppes anescht. Et geet awer d'Diddelenger Leit un. Schliisslech an endlech si mer, wéi Der jo betount, déi véiertgréisst Gemeng, a mir hunn nach e Spidol a mir wéisste gär, wéi et domadder weidergeet.

Voilà, da kommen ech zur Kultur. Do hu mer am Budget de Plan de Développement Culturel mat 20.000€ drastoen an dës Joer stinn déi rëm dran. 5000€ goufe schlussendlech op de Rectifié ëmgesat, dofir ass meng Fro: Wat ass dës Plan de Développement Culturel konkret? Kulturhauptstad 2022: Wéi steet et mat den Diddelenger Propose fir de Red-Rock-Trail, wou all Gemeng soll eng flott originell Iwwernuechtungsméiglechkeet ubidden? Ech hunn do lo nach kee konkrete Projet am Budget fonnt. Vläch mer do nach Explikatiounen. Zum Sport ganz kuerz just: D'lescht Joer goufe fir 80.000€ en Terrain fir Paddle-Tennis geschaf. Eis Fro ass: Wéi oft gouf dann do gepaddelt a bleift déi Konstruktioun och bestoen? Bedauern di mer natierlech och, dass mer am Hartmann scho müssen nei Vestiaire fir den HBD mat aberechnen. Ech hu bei menge Bouwen, déi nach ganz aktiv Handball spille gefrot „Jo wéi ass dat da méiglech? Sinn déi dann sou vetuste?“. „Ma nee, soten se, dat ass ganz einfach: Déi ware vun Ufank un ze kleng geplangt. Wann eng Mannschaft kënnt, da brauche mir dräi Vestiäre fir eis ze verdeelen.“ Dat ass sënnslos gewiescht an do, denken ech, do ass vergiess ginn, den Dialog mat de Veräiner seriö ze féieren. An eng aner Fro ass just: d'Slackline, hu mer gehéiert, déi kënnt an den Zentrum. Firwat ass déi net op NeiSchmelz komm? Wéi ech der Jugend gesot hunn, hei, do kréie mer eng Slackline: Oh, mega cool, nieft dem Streetball-Terrain géif déi sech dach gutt maan, mee dofir ass meng Fro: Firwat hutt der et net dohinne gesat, well dee Streetball-Terrain, deen hat jo enorme Succès am Summer an eng Slackline hätt vläch och dogutt gemaat. Dakommen ech zum Thema Biergerbedeelegung. D'Biergerbedeelegung ass wichteg, och fir d'CSV. Mir haten dat schon am Walprogramm. Mir sinn ëmmer frou, wann ëffentlech Versammlunge sinn, wann de Bierger ëm Rot

gefrot gëtt, wann de Bierger consultéiert gëtt. Mee awer, ech hunn awer e puer Froen zum Biergerrot. D'Selektioun vun deene 15 Bierger war anscheinend net sou einfach, wat ech mer soe gelooss hunn. Meng Fro ass lo konkret: Wéi huet sech dee Grupp zesummegeesat (Alter, Geschlecht, Nationalitéit), wou hunn d'Leit (a wéi enge Quartiere) gewunnt, wéi goufe se rekrutéiert a wéi vill Leit hunn ofgesot, respektiv sinn net der Initiativ nokomm, bis mer dann endlech déi 15 zesummen haten an wéi eng lokal Vertrieeder waren nach invitéiert? Mir hunn d'Iwwerleeung gehat, an all Kommissioun an der Gemeng, ass och jeeweils en interesséierte Bierger dran. Dat ass och gutt esou. A firwat ass net geduecht ginn, dës Bierger ze rekrutéieren? Do ass jo manifestement schon de Wëllen do, fir aktiv matzeschaffen an eis Fro ass dann natierlech och: Wéi gesitt Dir an Zukunft de Rôle vun dem Diddelenger Bierger an eise Kommissiounen? Net erstaunt ware mer, wéi mer an der Press gelies hunn par Rapport zu der Biergerrootsversammlung „dass es vor allem die ungelösten Verkehrsprobleme sind, die die Einwohner gelöst sein wollen. Staus am Ende der Route de Luxembourg, Schwerlasten die eine Tankstelle anfahren, bessere Direktverbindung der Bahn, Ausbau der Radpisten, flächendeckende Einführung der Zone 30“. Jo, wat hat Dir iech erwartet? An nach méi wichteg: Ass dann elo de Message ukomm? Mobilitéit zu Diddeleng: Problem Nummer eent. Dir sot et war e spannenden Exercice, en Zeeche vun enger lieweger Gemeng, déi Benevole ginn eescht geholl. Jo villäicht muss d'Oppositioun och emol an de Biergerrot goen, fir eescht geholl ze ginn. Well déi do Problemer, do weise mir jo scho laang mam Fanger drop hin. Et geet awer net duer, sou Alibi-Aktiounen ze maachen, mee lo heescht et: Weise gëlt! An och wa mer elo e Bierger-Panel aberufen, mat 100 Fräiwëllegen, ass dat eng gutt Saach. Déi mobiliséiert Bierger ginn reegelméisseg an vollkommener Transparenz iwwer d'Evolutioun vun deenen Dossieren, un deene se schaffen, informéiert. Also mir wäerten eis och elo mol do mellen. Da schéngt een jo do éischter eppes gewuer ze ginn a méi transparent informéiert ze ginn, wéi hei am Gemengerot. Eis Fro ass awer och konkret, hei steet nämlech dann an der Broschür, dass d'Leit perséinlech invitéiert ginn. Jo mee wie gëtt da perséinlech invitéiert? Mir kënne jo keng 21.000 Leit perséinlech invitéiert ginn an do ass jo awer d'Fro, wéi mer eis dat virstellen.

Voilà, da komme mer zum Thema Soziales. Dir wësst, all Invest, all Sozialprojet gëtt vun eis ënnerstëtzt. Dass dat net muttwëlleg ass, dat wësst der: Den Aarmutsrisiko klëmmt. D'Stëmm vun der Strooss, Cent-Buttäck, Médecins du Monde an och d'Office sociaux, déi hunn ëmmer méi Aarbecht an dofir ass dee Volet och extrem wichteg. Mir ënnerstëtze selbstverständlech all soziale Projet. Och virun allem de Projet, fir e Service Logement ze kreéieren. D'CSV hat scho laangem gesot „komm mer maan sou eng Aart Agence immobilière communale“ an ech denken, mir si jo lo um gudden Wee fir dat ze maan a mir fannen dat och eng ganz gutt Saach. Dann wollt ech awer en Appell maachen un den Här Manderscheid, dass mir och frou wäeren, um Sommet Économique mat invitéiert ze ginn. Och mir sinn interesséiert, wéi eis Betriber, wéi d'ADEM, de Lycée, d'Situatioun zu Diddeleng aschätzt a wéi eng Piste si gesinn. Fir de Gemengerot ass dës Analyse an den Austausch och wichteg. Dës



kann eis guidéieren an eisen Iwwerleeungen, wéi mir Diddeleng ekonomesch nach méi fit maan. Also Här Manderscheid, mir kommen. Merci am Viraus scho fir d'Invitatioun. Da kommen ech just ganz ganz kuerz ginn ech och nach eng Kéier eng Fro un den Här Manderscheid. Dir hutt eis erzielt, de Klimapakt, dee leeft aus. 2020 ginn nei Krittäre geschaaft. D'CSV hat jo d'Propose gemaach – et war jo leider ze spéit – fir de Quartier Abelleg autofräi ze gestalten. Wéi vill Punkten, wäeren dat ginn am Klimapakt? Dat ass vläicht just eng interessant Fro.

Da kommen ech kuerz zu de Senioren. Hei wollte mer iech mat op de Wee ginn, fir iwwer nei Wunnformen nozedenken, déi mer eisen eelere Matbierger kënnen ubidden. WGe fir eeler Leit, dat ass en Thema. Huet dat vläicht emol mat, wa mer eis Sozialwunnengen oder Logement abordable schafen. Vläicht wär dat och eng Méiglechkeet am Caramutas-Haus, wann een de Rekrutement vun de Locataire mécht. Zum Projet SeniorPLUS ass eng Fro. Mir hu jo eng Konventioun mat, ech weess lo net méi, Hëllef Doheem? (jo) Hëllef Doheem! An eng éischt Beroedung vun de Leit gëtt jo vun der Gemeng bezuelt. A meng Fro ass just: Wéi geet dat dann do mam Dateschutz Wéi kritt de Service seng Clientslëscht? Mir hate gesot, beim BebePlus ass virgestallt ginn, dass deen elo wéinst dem Dateschutz elo bëssen an enger Flaute war. Lo ass et awer sou dass d'Leit bei der Umeldung vum Kand an der Gemeng d'Brochür vu BebePlus an de Grapp gedréckt kréien a sech kënnen beim Service mellen. Mee wéi leeft dat da bei SeniorPLUS? Ass dann natierlech och d'Fro: Wéi vill Interventiounen hat dësse Service, wéi eng Doleancen hunn d'Leit an ass e Besoin iwwerhaapt do, fir dësse Service weider unzebidden?

Kuerzt Wuert zum CGDIS: Dee kascht eis och 77.459€ Participatioun. Eng Konventioun hu mer nach ëmmer net. Mir hu schonn e puer Mol gefrot, wat mer dann an déi Konventioun asetzen, wéi mer den Transfert vum Mobilier wëlle gesinn. Mir géifen eis och hei wënschen, dass mer dat zesummen diskutéieren, transparent diskutéieren, an am Virfeld an net wann Konventioun schonn ënnerschriwwen hei um Dësch läit. Genau sou wichteg ass et och, dass mer zesummen decidéieren, wat maan mer dann duerno, wann, éieren et iergend eng Kéier an nader oder ferner Zukunft den Interventionszentrum fir Beetebuerg an Diddeleng wou och ëmmer soll installéiert ginn, wat mer duerno da mam Gebai maachen? Dozou wär et och flott, wa mer do och konkret Propose kriterien a wa mer dat och kéinten zesumme konkret diskutéieren. Ech kommen zu Schoulen a Maison Relais. Endlech: Maison Relais Ribeschpont gëtt gebaut. De Besoin ass absolut do. D'Zesummenaarbecht mat der Schoul gëtt doduercher méi enk. Transportweeër falen ewech, fir d'Kanner mam Bus an aner Maison Relais ze féieren. Eng gutt Iddi, e gutt Konzept, e flotte Bau, pragmatesch, kee Prunkbau – tipptopp, dat gëtt flott. Ganz frou si mer natierlech och, dass de Mëttesdësch fir Precoc-Kanner ausgebaut gëtt. A wa mer dat konsequent duerchféieren, da kréie mer och nach déi puer Prozent aus de Crèche, déi nach net mat 3 Joer an de Precoc kommen, da kréie mer déi sécher och an eis flott Schoulen. Och just dozou just eng kleng Parenthèse: De Mëttesdësch Spillschoul Wolkeschdahl, hunn ech mer soe gelooss vun de Léie-

rinnen, dat géif super funktionéieren. An trotz am Ufank ware Bedenken do, ob dat géif klappen, mee och do gesäit een, et muss een e Projet ugoen an da gëtt den Erfolleg eis Recht. Also déi kleng Debessjer si ganz frou, dass si an der Spillschoul Wolkeschdahl net méi mussen an der Mëttesstonn iergendwou hischarjeekelt gi fir z'iessen, mee dat si dat dierfen op hirem Site maan. Mir sinn um gudde Wee, tipptopp esou!

Bildungschaos Lenkeschléi: Do ass eis Suerg e bëssen, dass mer de Konzept net verwässeren. Well et gëtt scho gemunkelt, dass d'Sportshal scho vill sollicitéiert gëtt vun de Veräiner, mee et war ëmmer gesot ginn, Maison Relais Lenkeschléi muss Prioritéit hunn an et war sou ausgemaach an ech hoffen, dass mer dobäi bleiwen. Mir kréien eng nei Crèche an de Quartier, no bei der Haart. Hei musse mer och e gutt Konzept ausschaffen. A mir si prett, eng Hand mat unzepaken, fir eisen Input ze ginn: Eng Bëschcrèche, wou mer all Dag dobausse sinn, eventuell just fir de Mëttesdësch an d'Sieste mat era kommen – esou eppes brauche mer zu Diddeleng. An der Bëschcrèche zu Schëffleng an och an der Bëschcrèche zu Esch, do si vill Kanner vun Diddeleng ugemellt an Diddelenger Eltere stinn och op der Waardelëscht. Si waarde just drop, dass mir hei zu Diddeleng eng Natur-, Bësch-, Bauerenhaffcrèche kréien. Kommt, mir dierfen déi Chance net verpassen! Kommt mir maan awer och e koherente Konzept, a wéi gesot, am beschten am Dialog mam ganze Gemengerot. D'Konzept vun der Admissioun an eise Crèche musse mer awer nach eng Kéier op de Liicht huelen. Et huet sech rëmgeschwat, dass d'Minettstäpp an d'Nuddelsfabrik just fir de September nei Kanner unhuelen. Dat geet net. De Congé Parental, deen dauert jo nom Congé de Maternité 3 plus 6 Méint. Jo wann dann awer elo de Congé Parental fäerdeg ass am Januar an d'Leit keng Grousselteren hunn, déi kënnen asprangen oder kee Congé méi iwwreg hunn, da kënnen déi jo awer net waarden, bis de September fir d'Kanner opzehuelen. Do musse mer eis dat nach eng Kéier op de Leescht huelen, mer hate jo och scho kuerz driwwer Rieds, dass mer dat Wëlles un. An et ass och wichteg, fir eise Leit awer do eng Sécherheet ze ginn, dass se awer ënner Daach kommen.

Zukunft Waldschoul: Mir hate scho puer Mol gefrot, wéi geet et d'nächst Joer weider? Ass nach ëmmer virgesinn 2020/2021 nach eng Schoul mat engem Zykel 3 a 4 unzebidden a wéi gesäit d'Zukunft aus vun der Waldschoul? Integreiere mir déi Schüler komplett an d'Bildungshaus Lenkeschléi a wat maan mer duerno? Och do musse mer e Konzept ausschaffen, eppes Sënnvolles maachen. De Besoin fir eng Naturschoul oder aner Projeten ass jo do. Do hoffe mer, méi Detailler gewuer ze ginn – am Virfeld, an net wa mer rem iergendeppes mussen ënnerschreiwen. De Pedibus: D'Iddi war gutt, d'Realisatioun war komplizéiert, e bësselchen ëmständlech mat Preinscriptioun just fir d'Kanner aus der Maison Relais, mee, mee eis Schëlde, déi stinn net fir näischt do. Et huet sech an der Gafelt eng Autonomie entwéckelt, dass d'Kanner an d'Elteren sech oft zesummen op deene Plazen, déi mir ausgewisen hunn, treffen an dann zesummen an d'Schoul ginn – ouni Guide, ouni Organisatioun, ouni Schutzvesten ugedoen ze kréien, wéi mir dat virgesinn haten. Bravo! Wéi gesot, d'Autonomie vun de Bierger, déi dierf een



och net ënnerschätzen. Si notzen eis Iddi a si maachen eppes Konkretes draus. An dofir och d'Propose vun eis och an anere Quartiere wéinstens emol Treffpunktplazen auszuweisen an de Schoulwee ze signaliséieren. Ech hat dat schonn eng Kéier virun e puer Joer eng Kéier gesot, dass een dat zum Beispill zu Ettelbréck an och an anere Gemengen gesäit an zu Nidderaanwen, wou um Buedem sou e kleng Fräsch gemoolt ass (sou ass et zu Ettelbréck), deen de Wee weist vu verschiddene Plazen an d'Schoul. De séchere Schoulwee weist! Dann ass eng Fro zum Coin des Parents d'élèves. Et huet geheescht, dee leeft gutt, mee mir kënnen eis näischt Konkretes drënner virstellen, dofir wier et ganz flott, wa mir do nach weider Explikatiounen géife ginn. Wéi oft gëtt et dee Coin des parents d'élèves? Wéi vill Eltere kommen? Wat gëtt do gemaach, asw.?

Dann ware mer e bëssen erstaunt ze héiere vun der Madamm Dall'Agnol, dass e Cours d'Appui fir Primärschoulkanner am Däitsche soll organiséiert ginn – dat war am Kader vun der Diskussioun iwwer d'Integratioun. Do ass meng Fro: Wie mécht dat? Wou soll dat lafen? An hunn d'Kanner net scho genuch Schoul an der Schoul, wa mer dat lo och ausserhalb vun der Schoul organiséieren? Mir hu jo och eng Hausaufgabenhëllef, dofir gesi mir lo net sou richtig an, wéi dat nach sollt eng Plus-value sinn. Ganz gespaant si mer, wéi de Service Jeunesse et Famille soll ausgesinn. Wéi eng Aufgab dee krit, wou mer dee hisetzen, wéi vill Personal mer dofir brauchen a mir denken och do, dass et ganz wichteg ass an net ze vergiessen, d'Zesummenaarbecht mam Lycée an d'Aen ze faassen. Der Madamm Dall'Agnol hat ech och d'Fro gestallt vum Flexibus: Wéi vill Faarten hate mer d'lescht Joer? Et schéngt jo e Succès ze sinn, well am Budget ass de Poste vum Flexibus e bëssen an d'Luucht gesat ginn. Dir wësst, dass mir dee Punkt net gestëmmt haten deemools, dee Punkt vun den, wéi heescht dat, vun de Suen, déi mir musse bezuelen, fir mam Flexibus kënnen ze fueren, well mir och do vermësst haten, am Virfeld eng Diskussioun ze hunn, fir wien de Flexibus ass, wouhin en däerf fueren. Mee wéi gesot, dass e wichteg war, dat weist jo, dat weisen d'Chifferen a wou mer nach déi Detailer nach kréien.

Voilà. Wat feelt am Budget? Kaf vun Terrain fir Bauland ze erschléisse fir Logementer ze schafen. Déifferdeng baut 80 Wunnenge fir 21 Milliounen, déi zu soziale Präisser verlount ginn. Monnerech huet 6,2 Milliounen a sengem Budget fir „Erwerb von Immobilien und Grundstücken“. Käerjeng 9 Milliounen „Terrainskaf“, Beetebuerg 3,5 Milliounen „Ankauf von Immobilien“, Diddeleng 250.000€ „Acquisition de Terrain“. Wéi wëllt dir da weider virugoen? De Logement ass den zweete grouse Problem, oder de gläiche grouse Problem, wéi d'Mobilitéit. Iwwerloosse mer dann de private Promoteuren d'Stadentwécklung? Heiansdo hu mer jo Chance an de Projet ass gutt. Am Duerf, Lenkeschlei – gutt Beispiller. Heiansdo ass de Chaos awer och virprogramméiert: A Bëlleg. Verkéierskollaps op der Lëtzebuurgerstrooss – also ech invitieren iech all kucken ze kommen, iech et dann sou wäit ass. Wäer sécher ze vermeiden gewiescht, wa mer de Quartier autofräi gemaach hätten. Mee dat war jo ze spët. Mir kréie lo e Service Logement. Da komm, mir plange selwer. Net nëmme soziale Logement. Och hei hu mer jo

och gutt Projeten, déi och an déi selwecht Richtung ginn. Ech denken un de Projet vum Veräinshaus vum Oeuvre Paroissiales. Jo, dir sot elo: „Ma natierlech, mir kréien dach NeiSchmelz“. Jo mee NeiSchmelz kënnt 2030 fréistens an abordable Logement, dee brauche mer haut. A mir hätte gär, dass d'Gemeng hir Verantwortung iwwerhëlt an abordable Logement schafft, déi mer da verlounen. Mir haten déi Propose och scho gemaach, eng Aart Start-Up Wunnenge fir jonk Diddelenger unzebidden, wou Jonker, déi no de Studien oder no der Léier e bezuelbare Wunnraum kënne fanne fir eng gewëssen Zäit, bis se sech eppes uspueren a kënnen um fräie Marché eppes fannen. Mir mussen un nei Wunnformen denken. Ech hat virdru gesot: Seniore WG, intergenerationell Wunnengen. Hei ass nach eng wichteg Aufgab, mee lo kënne mer jo näischt maan. Well mir si jo eng vun den 28 Gemengen, déi eise PAG net mat Zäiten erageluecht hunn. Bon. Mer kënne lo näischt maan, mer si blockéiert. Mee mir kënnen awer Terrain kafen, mir kënnen trotzdem awer e bësse méi wäitsichteg plangen. Do, wéi gesot, nach eng Kéier den Appell: Komm mir schafe bezuelbare Wunnraum an eiser Gemeng.

Voilà! Zesummen. Zesummen. Ech betounen et ëmmer erëm: Mir sinn hei zesummen als 19 Männercher, 19 Representante vun Diddeleng, fir zesummen ze schaffen. En Usaz, wéi en Dialog zesumme ka sinn, dat war, wéi mer déi verschidde Projete vun der Planung vun eise Schoulen a vun eise Sportinfrastrukturen an engem informelle Gemengerot virgestallt kritt hunn. Dat huet geheescht „Concept Global Diddeleng 2025“. Sou stelle mir eis d'Zesummenaarbecht tëschent Schäfferot a Gemengerot och vir. Mir kréien d'Projete vun de Services, respektiv den Architekten virgestallt, mir kréien d'Finanzen erkläert, mir schwätzen iwwer de Planing an iwwer d'Stadentwécklung am Allgemengen, mir kréien eng Analys vun Experte virgestallt. Also, geht doch! Da komm mer maan dat méi oft! Da kënne mer all, en toute connaissance de cause, eis Iddien ausschaffen, virbréngen an diskutieren an zum Vott kommen. Mir huelen eis och gär déi Zäit, fir méi oft mat iech hei zesummen ze setzen, ze plangen, wéi mer Diddeleng viru bréngen, prett maan fir d'Zukunft. Huelt dach eis Offer un. Schwätzt mat eis. Mir representieren och Diddeleng zu 49,7%. Zesumme mat ären 50,3% si mir Diddeleng – zesummen. Well mir fir Diddeleng alleguerte vun den Diddelenger gewielt gi sinn a fir déi Diddelenger Leit schaffen. Verkraucht iech net an ärem Glastuerm hannert zouenen Dieren an och wa mer vläicht net mat Allem d'Accord sinn, mir fanne jo awer vill Projeten an Iddien, déi der eis proposéiert jo och gutt. Mir stëmme jo och vill Saache mat. Dat ass jo net d'Fro. An et wier just flott, wann dir och emol e bësse méi open-minded géift ginn an och der Oppositioun hir Iddien offen gutt géift fannen an net herno eng Iddi vun der Oppositioun, wéi eng waarm Gromper am Mond ronderëmdréint an se réischt ofschléckt, wann eng LSAP-Zos dropgeschott ginn ass. Ech denken do un d'Motioun vun der Plastikvermeidung vun eise grénge Kolleegen, déi huet missen e roud Mäntelchen ugedoe kréien, éier dir se gutt fonnt hutt. Mee mir beobachten dat mat engem gewëssene Schmunzelen. A mir maachen och weider eis Proposen. Heiansdo gi se jo erhéiert. Mir hate jo virdru Rieds gehat Ausbau vum Mëttesdësch an der Precoce als klengt Beispill an dofir si mer nach ëmmer voll moti-



véiert, iech eis Proposen och virzestellen a mat iech ze diskutéieren. Dass mir och kritesch hannerfroen, wat dir sou maacht, wat dir mat eise Sue maacht, dat ass eis Pflicht. De Gemengerot ass dofir do. An déi normal Aufgab iwwerhuele mir och weiderhi gär. Merci.

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP):

Merci der Madamm Kayser, fir hir Stellungnam. Weider Stellungnamen, Martine Bodry-Kohn.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Här Buergermeeschter, dir Dammen an Hären aus dem Schännerot, léif Gemengereit. Ech wäert hei als Spriecherin vun der LSAP fir d'éischt e bëssen op de Budget agoen an duerno op nach e puer allgemeng Ausféierungen. Mir hunn déi lescht Woch d'Ausféierunge vum Schännerot héiere wat de Budget 2020 betrëfft. Ech resuméieren nach emol d'Resultat ënnert dem Stréch an e puer Sätz. Am Budget rectificié vun 2019 hu mer Recetten am Ordinär vun 100,863 Milliounen an Depensen am Ordinaire vun 81,781 Milliounen, wat dann e Boni ausmécht vun 19,81 Milliounen. Do dobäi kënnt dat positivt Resultat nach vum Kont 2018 vun 21,753 Milliounen. Fir d'Joer 2020 dann: Elo fanne mer am Budget initial op der Säit vun de Recetten eng ronn 103 Milliounen Euro an op der Säit vun den Depensen, eng ronn 88 oder 89 Milliounen Euro, wat dann e geschätzte Resultat vun 3,124 Milliounen Euro gëtt. Dës Majoritéit wäert och 2020 massiv an Diddeleng investéieren, an dat op alle Gebidder. Et wäerten hei eng 36,392 Milliounen Euro investéiert ginn, dofir eleng 12,730 Milliounen an nei Projeten. Ech ernimmen hei just e puer grouss Projeten, déi entweder weidergefouert ginn oder nei ugefaange gi sinn: drëtt Phase vum Shared Space, wat ronderëm d'Place Kinnen wäert stattfannen. Dir wësst, mir hu missen d'Phase zwee an d'Phase dräi auswiesselen, well mer soss hoffnungslos hannendra komm wieren – dat, well verschidde staatlech Administratiounen de Zäitplang net konnten anhalen.

Ech felicitéieren och nach emol eng Kéier dem Schännerot fir hir pragmatesch Decisioun. Ausserdeem och fir de Shared Space Auszewäiten a Richtung Rue Dominique Lang. De Projet mécht duerchaus Sënn, vun enger Zone 50 hei op eng Zone 30 an dann op eng Zone 20 erfazegoen. Et dréit dozou bäi, datt d'Vitesse erfogesat gëtt an domat och zur Sécherheet vun de Foussgänger am Shared Space. Deen neien Halle Polyvalent, eng Fuerderung, déi d'Sozialisten och an hirem Walprogramm stoen haten, soll endlech an Ugrëff geholl ginn. De Centre Hild ass an d'Jore komm an entsprécht och net méi den Normen, wéi esou e Centre soll ausgesinn an och funktionéiere soll. Do dernieft sollen och Versammlungsraum entstoen, eppes wat batter noutwenneg ass. D'Veräiner hunn hautdesdaags ëmmer méi Problemer fir e Raum ze hunn, fir zum Beispill e Comité oder eng Generalversammlung

ofzehalen. Och hei wëll dës Majoritéit de Veräiner an domadder allen Diddelenger entgéintkommen an op hir Bedürfnisser agoen. Fir dës éischt Phase sinn elo mol 300.000€ am Budget virgesinn. De Parquet résidentiel soll jo bekanntlech op ganz Diddeleng ausgewäit ginn. Nei Parkauere sinn och hei virgesinn am Budget a schloe mat 310€ zu Buch. Ausserdeem gëtt nach eng Vëlospist gemaach tëscht dem Centre Culturel an dem Skaterpark an et entsteet och en temporäre Verkéiersgaart op der Schmelz.

D'Bildungshaus op Lenkeschléi: Déi nei Crèche am Quartier Italien an d'Renovéierung vun der Briller Schoul, eng nei Maison Relais op Briwespont an den Neibau vun der Schwämm an der Turnhal um Strutzbësch sinn déi grouss zukünfteg Chantieren, wou dës Majoritéit wäert investéieren. Op déi Projeten am Bräich Educatioun wäert herno nach de Romain Zuang agoen.

Mir wëssen alleguer, datt d'Zukunft eis viru grouss Erausforderunge stellt, besonnesch a Punkte Klimaschutz, Ëmweltschutz a Mobilitéit. Dës Majoritéit setzt op alle Fall op den ëffentlechen Transport. D'Léisunge kënnen och net nëmme lokal, mee se mussen regional a souguer national geléist ginn. Verschidden Initiativ ginn zu Diddeleng ugebueden am Beräich Bus a Vëlo, an dat scho säit geraumter Zäit. Mee och am Budget 2020 sinn 135.000€ virgesi fir de Flexibus an 53.800€ fir och de Late Night Bus weider unzebidden – eng flott Initiativ, déi och sécher fir eis jonk Leit wäertvoll a gären ugehall gëtt. Mat iwwer 2 Milliounen Euro si mer am Syndicat TICE bedeelegt. Ausserdeem sinn 51.000€ virgesi fir d'Initiativ Vël'OK, eng Konventioun, déi mir mam CIGEL Esch hunn. Fir d'Sensibiliséierungen am Kader vun der Sécurité routière an der Mobilité douce si 15.000€ virgesinn. All dës Mesuren am Beräich Transport –lokal, regional an national, wéi ech gesot hunn – mussen matenee vernetzt ginn, fir dat se effikass a konsequent kënnen herno ëmgesat ginn. Dofir bedeelege mer eis och un enger Etüd „Sustainable Urban Mobility Plans“, fir den Initiativen am Beräich Mobilitéit, ob dat elo individuell, douce, ëffentlechen Transport asw. mat der Landesplanung ze verbannen an esou, konkret Konzepter ze entwéckelen. Diddeleng speist och de Fonds de réserve pacte climatique, deen op den 31.12.2019 eng 750.369,86€ zu Verfügung hat. Ob den Ëmweltberäich an den Offallberäich an de Volet Sécherheet wäert och nach duerno den Henri Glesener e puer Wuert soen. Den Bob Claude an d'Emilia Oliveira ginn dann zum Thema beziungsweis Sport oder beziungsweis Tourismus-Jumelage am drëtten Alter. Ech well awer elo nach speziell op e puer Domainen agoen, déi mir entweder als Kommissiounsprezidentin oder als Member vum Verwaltungsrat um Häerz leien. Fänke mer mam Leschterem un.

Den Office Social ass wuel eist Flachsschëff am Beräich Sozialaarbecht. An am leschte Gemengerot hu mer de Rapport 2018 ënnerbreit kritt an och approuvéiert. E puer Zuelen hei, déi interessant sinn, och dobaussen nach eng Kéier ze ernimmen an déi weisen, wéi wichteg et ass, fir datt mir och als Gemeng aktiv a proaktiv sollen a mussen ginn, fir eis fir déi Matbirger anzesetzen, déi kuerz- oder mëttelfristeg an eng prekär finanziell Lag komm sinn an ouni Hëllef, net géife mat hirer Situatioun



méi eens ginn. 2018, dat ass de Rapport deen eis virlooch, si vum Office Social 790 Dossieren traitéiert ginn. Dat sinn der nach 110 weider, wéi dat Joer virdrun. Wa mer wëssen, dass 2018 eng 8427 Haushälter zu Diddeleng gezielt goufen, bedeit dat, dat ronn 9% dovunner Hëllef gebraucht an och kritt hunn. Dës Hëllef si ganz verschidden. Dat geet vun Hëllef bei administrativen Demarchen, Materialhëllef, wéi zum Beispill Tickete fir am Cent-Buttäck akafen ze goen, awer och e Plang opstellen, fir aus der Scholdefal erauszekommen. Do dernieft kommen dann och nach eng 344 Demanden, dovunner 314, déi positiv aviséiert goufen, fir eng finanziell Hëllef ze kréien. D'Tendenz ass hei lichter réckleefeg, wat duerchaus positiv dierf gewäert ginn. Hei entfalen eng 47% op Demanden, deenen e gesondheetleche Problem zu Grond läit an eng 42% op finanziell Problemer am Zesammenhang mat engem Logement, wéi zum Beispill Kautiounen stellen etc. Déi grouss Majoritéit vun dësen Hëllef ginn och duerno vun de Beneficiairen zeréckbezueelt. Et weist awer, op déi zwee grouss Problemer hin, déi hautdesdaags Familljen oder Leit am Allgemengen hunn, a wou mir als Sozialisten net midd ginn, fir eis anzesetzen. Den Tiers Payant fir jiddwereen an de Reegelen um Wunnengsmarché, besonnesch och, wat de Locatif ubelaangt. Interessant ass villäicht och nach, datt 2018 eng 2846 Dossieren traitéiert gi sinn am Kader vun enger fräiwëlleger Gestoun, dat besonnesch, well d'Leit sech verschold haten an eng Hëllef gebraucht hunn, hiert Liewen an de Grëff ze kréien an eng Struktur rëm dran ze kréien. Dës Zuel ass vun 2216 am Joer 2017 op 2846 geklomm, wat an eisen Aen awer gutt a richtig ass, well et en Zeechen ass, datt ëmmer méi Leit wëssen, dass si an eise Office Social kompetent Ënnerstëtzung fannen.

Den zweete Pilier vun eise Office Social ass de Logement. De Logement Social: 68 Demanden sinn hei offiziell gemellt ginn. Dovunner waren 31% vu Leit tëscht 36 a 45 Joer al, also Leit, déi mëtten am Liewe stinn. 75% dovunner ware Famillje mat Kanner, an dat meeschtens Kanner ënner 12 Joer. Eng Zuel, déi och nach ze denke gëtt, ass dass 23% vun den Demandeurinnen de Revis kréien, ma awer och 22% -dat muss ee sech duerch de Kapp goe loossen – e CDI hunn, dat heescht e festen onbegrenzten Aarbechtsvertrag. Et gesäit een also, dass et vill Liewensmodeller gëtt, an awer kann een emol an eng Situatioun sech erëmfannen, wou ee frou ass, wann een op en Office Social, sou ee performante wéi mir en hei zu Diddeleng opgebaut hunn, ënnert der Leitung vum Romain Zang, kann zréckgräifen. Den Ament hu mer e Contingent von 43 Wunnengen a verschiddene Gréissten, déi normalerweis tëscht 2 bis 3 Joer kënnen verlount ginn. Duerno gëtt gekuckt fir datt d'Leit, wase rëm eng gewësse Stabilitéit fonnt hunn, och um normale Marché eppes fannen. Während der Zäit gëtt dann och e Suivi gemaach, et gi Visitten organiséiert an och vill Gesprécher gefouert. Deemnächst kommen dann och nach Wunnengen dobäi. Mir vergréisseren de Contingent andauernd, dat besonnesch duerch de Projet „Rue du Commerce“ an och nach an deene Quartieren, déi an de kommende Joren entwéckelt ginn. Woufir dann och d'Decisioun geholl ginn ass, fir aus der Cellule Logement e Service Logement ze maachen. Et ass e groussen Aarbechtsopwand, an awer och eng wichteg Aufgab, déi konkret um Terrain ëmgesat gëtt, déi Matbierger, déi

akut Hëllef brauchen, op hirem Wee z'ënnerstëtzen. Vun der Säit vun der LSAP aus, schécken ech dofir vun hei aus en härezeleche Merci dorobber un d'Maison sociale. Si maachen all eng exemplaresch Aarbecht a mir Diddelenger kënnen zu Recht houerfreg sinn op dee Service.

An am Beräich Kultur fanne mer bei den Dépenses ordinaires eng 14,650,237€ rëm, dat maache 17,86% vum ordinäre Budget aus. Ech mengen Diddeleng ass bekannt, fir datt mir enorm an d'Kultur investéieren. Kultur huet net nëmmen e kulturellen Aspekt, mee et ass och net z'ënnerschätzen, wéi wäertvoll dat ass fir dat soziaalt Zesummeliewen an och d'Attraktivitéit vun eiser Stad. Saachen, Organisatiounen wéi d'Fête de la Musique, alleguer déi Organisatiounen déi am Centre Culturel gemaach ginn, eis Muséeeën, eis Ausstellungen, eis Concerten an och eis regional Musékschoul, déi sech hei an deem Volet erëmfënnt, weisen, wéi staark mir dës Beräich wäerten a wéi héisch mir deen halen. Wéi ech scho virdru gesot hunn, ginn 2020 Investissementer getätet vun iwwer 36 Milliounen Euro. Trotz dësen enormen Depensen, sti mir finanziell méi wéi gutt do. En neien Emprunt ze maachen ass net néideg, d'Pro-Kapp-Verschuldung läit mat 625€ op engem relativ nidderegen Niveau am Verglach mat anere Stied oder Gemengen hei am Land. Dofir huet dës Majoritéit och decidéiert, d'Taxe fir d'Bierger net ze erhéien. Dat soll och emol eng Kéier ganz kloer hei gesot sinn. Ech wëll awer lo nach op e puer Saachen agoen, déi ech elo grad héieren hunn, ganz spontan elo.

Et läit an der Natur vun der Saach, datt d'Oppositoun eben Oppositoun mécht. Mee dat kann ee jo sou oder sou maachen. Wat ech awer lo hei gesinn, ass eigentlech eng besuergneserreegend Tendenz vun der CSV, nämlech eng déi ganz kloer a Richtung Populismus geet. Wéi d'Madamm Kayser ëmmer gäre seet, „gebeetsmühlentaarteg“ ginn och hei dann ëmmer rëm Saache gefrot, gefuerdert, wou de Schäfferot entweder net zoustänneg ass oder mir müssen nach eben op Etüde waarden, fir en toute connaissance de cause, déi richtig Decisiounen ze huelen. Dir sidd net éierlech mat den Diddelenger dobaussen. Dir maacht esou wéi wann hei keen Drock géif gemaach gi bei de staatlechen Instanzen, wéi wann de Schäfferot seng Aarbecht net géif maachen an dat ass carrement net richtig. Hei gëtt generaliséiert, interpretéiert, prejudéiert an Hallefwouerechten an d'Welt gesat, wuel wëssend, datt dat duergeet, fir eng Polemik auszeléisen. Déi gutt Saachen, déi de Schäfferot realiséiert, déi hat anscheinend schonn d'CSV schonn ëmmer gesot a gefuerdert – ce qui reste à prouver: A wann nach keng Léisung fonnt ginn ass, déi visibel ass, well d'Gemeng guer keng Kompetenzen huet oder well ebe schonn e Projet geschafft gëtt am Hannergrond, dann ass natierlech d'Responsabilitéit bei der Majoritéit. Mir hunn e puer Dossierer hei gesinn, do ass dat ganz kloer geschitt. Beim Personal zum Beispill: Wann ech do lo kucken, wat am Rapport stoung vun der Finanzkommissioun, dann ass ganz kloer erkläert ginn, wou déi Masse salariale a firwat déi Masse salariale an d'Luucht geet. Hei steet: „L'occupation des nouveaux postes créés 2019 et la création de nouveaux postes 2020.“ Mee lo kënn „l'engagement temporaire de personnel afin de payer aux postes vacantes de l'administration, l'évolution de la révision des carrières biennales.“ Ech hoffen net, dass



d'CSV dat a Fro stellt. „L'augmentation du point indiciaire“, dat heescht, mir wëlle jo och sécher net un den Index fréckele goen oder deen a Fro stellen. Dat selwecht geet a Richtung Bauland kafen oder Logement. Hei ginn einfach emol Sätz a Statistiken an d'Welt gesat, déi Äppel mat Biere vergläichen ass, well fir Bauland ze kafen, muss ee mol Bauland kafe kënnen. Dat ass hei zu Diddeleng net de Fall. Dat kënnen aner Gemenge villäicht maan. Mir kënnen et net, soss géife mer et maan.

Beim Logement, do ass et och esou. Mir investéiere reegelméisseg an nei Quartieren. Mir kafen do. De Romain Zuang, hie wäert doropper nach agoen. Logement kreéiere kann een och nëmmen, wann ee baue kann, wann engem Terrain gehéieren. Och do, einfach nëmmen ass dat Ganz eng Polemik. Mobilitéit, dat ass zum Beispill en typeschen Dossier – Mobilitéit a Logement am Allgemengen – en typeschen Dossier, deen national muss geléist ginn, wann iwwerhaupt national. Ech mengen souguer international ass e Problem, wa mir – jo, dat ass awer sou – wa mir kéinten zu Diddeleng de Logementsproblem an de Mobilitéitsproblem vu Lëtzebuerg oder Europa léisen an den Nopeschlänner mat, da géife mer dat maan. Ass awer net méiglech. Mir maan eis Hausaufgaben hei. Mir maan eis Besch, mir siche Léisungen, mir maan Etüden, mir këmmen eis ëm den Dossier a mir setzen d'Weihe fir d'Zukunft. Charta Plastikvermeidung ass dat selwecht. Deen Dossier, dee war schonn an der Aarbecht. Da gëtt virun de Won gelaf an da gëtt dat verkaf, wéi wann dir dat da gewiescht wäert, déi dat, oder eng aner Partei, déi dat dann ebe gefuerdert hätt. A beim PAG wäert de Buergermeeschter iech och nach drop äntweren, well dat entsprécht och net der ganzer Wouerecht. Also, dat lo mol zum Thema – an dir wäert elo gesinn, wann elo déi nächst schwätzen hei, da wäert dat sou weidergoen. Also, déi schlecht Saachen, do huet dann d'Oppositioun schonn déi ganzen Zäit dovunner, dat scho gefuerdert an dat wosst se schonn alles an, also mir missten emol Statistike maachen, ob dat alles stëmt, wat hei an d'Welt gesat gëtt.

Op alle Fall well ech nach zum Deel, zum ganz zum Schluss nach e puer Mercie lass ginn an da schléissen ech emol of – provisoersch. Meng Mercie gi lo mol am Allgemengen un de ganze Staff vun der Gemeng, an dat op all Niveau. Wa gutt Aarbecht um Terrain geleescht gëtt, an déi gëtt hei geleescht, da kënnt dat all Diddelenger zegutt an dat sinn och déi Leit, déi um Terrain schaffen, all Dag. An e besonneschte Merci geet elo hei natierlech während de Budgetdiskussiounen un de Pascale Pull a seng Equipe. Also, wat géife mer ouni hie maachen. Op alle Fall en decke Merci geet dann un de Pascale Pull. Un de Memberen an un d'Sekretäre vun de Gemengekommisiounen: Hire Budget ass relativ kleng, dofir gëtt hei ni vun hinne geschwat. Ma ech weess aus éischer Hand, wéi vill

Aarbecht mat wéineg Budget hei geleescht gëtt. Och dat ass Biergerbedeelegung um politesche Liewen an eiser Gemeng an och vun hei aus, hinne mol eng Kéier e Merci fir di Aarbecht, déi do am Laf vum Joer geleescht gëtt. Last but not least geet awer och e Merci un de Schäfte-rot. Mir hunn hei virun eis e Budget leien, vill Zuelen, vill Grafiken, d'Resultat ass exzellent. Wat een net gesäit, ass déi vill Aarbecht, Engagement an Zäit, déi hei müssen investéiert ginn. D'Dossiere sinn net ëmmer einfach. D'Zesummenaarbecht mat staatlechen Instanzen heiansdo ustrengend – an do sinn ech nach wierklech fein – an da kënnt et och nach net ëmmer sou wéi ee mengt an da muss pragmatesch a verantwortungsbewosst reagéiert ginn, fir Diddeleng a seng Bierger. Eis Gemeng ass a gudden Hänn an domat schléissen ech of. Dat war et vu menger Säit. Ech soen iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BÜRGERMEESCHTER):

Merci dem Martine Bodry-Kohn fir seng Aschätzungen. Jo, Dir fuert weider. Madamm Goergen, Dir hutt d'Wuert.

ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter a léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäfte- a Gemengerot. Wéi gewinnt iwwerhuelen ech de méi generellen Deel vun der Stellungnam vun der grénger Fraktioun, während der Här Garcia dëst Joer e kriteschen humoristesche Réckbléck virgesinn huet. Gemeinsam hu mer awer allen zwee eng gewëss Middegkeet, wa mer feststellen, wéi lues eis Iddien eng konkret Ëmsetzung fannen, vu radikalem Ëmdenke guer net ze schwätzen. Ech fänken da mol mam Budget rectifié 2019 un, schwätze kuerz vun der allgemenger Finanzlag a ginn dann zum Budget 2020 iwwer. Fir d'éischt geet dann e grouse Merci och vun der grénger Fraktioun un den Här Poull an d'Equipe vun der Kontabilitéit, déi verantwortlech fir d'Opsetze vum Budget sinn. Dat selwecht gëllt fir déi Leit, déi mat un dem Budget geschafft hunn. Mir soen och Merci fir déi Dokumenter, déi mer zousätzlech kritt hunn. Dat sinn Tableaun a Statistiken, déi d'Ausgaben an d'Einnahmen no verschiddene Krittären opschlésselen a se an e Kontext vun e puer Joer setzen. Déi kënne ganz nätzlech sinn. De Bericht vun der Finanzkommissioun war och schonn dobäi, sou dass ee konnt feststellen, dass vun der Oppositioun, wéi ëmmer, Froen opgeworf gi sinn, déi sënnvoll am Virfeld konnte behandelt ginn. Ech géif da gläich zum Budget rectifié vun 2019 kommen. Am uerdentlechen Deel sinn d'Einnahmen 8,2 Milliounen méi héisch, wéi ursprénglech agesat.

Dat läit haaptsächlech un de staatlechen Dotatiounen, déi vun der Wuesstemssituatioun am Land profitéieren. Well déi uerdentlech Ausgaben eppes méi wéi eng hallef Millioun erofginn, bleift e komfortabelen Iwwerschoss vu ronn 19 Milliounen. Beim ausseruerdentleche Budget gëtt et och en Ënnerschied tëscht Initial a Rectifié. D'Recette gi vu 5,7 op 11 Milliounen erop an d'Ausgabe ginn och vu 26,7 op 32,3 Milliounen Euro rop. Mir haten am Laf vum Joer am Gemengerot schonn 8 Milliounen zousätzlech gestëmmt, sou dass net vill Differenz méi ass tëscht Montant autorisé an Dépenses extraordinaires an deem Montant vum Budget rectifié. Ee Mali vun 21,2 Milliounen, deen am Budget extraordinaire rectifié 2019 entsteet, kann allerdéngs gutt opgefaange gi vum Boni aus dem uerdent-



lechen Deel vun deene Jore virdrun. Mir stelle fest, dass d'lescht Joer méi Sue fir Projeten ausgi gi sinn, wéi virgesinn, wat och mat de Rapporte vun de Jore virdrunner zesammenhänkt a mat Depassementer vun Devisen.

Erlaabt mer am Kader vum Budget rectifié nach eng Fro zum TICE: Firwat sinn déi 0,4 Milliounen ausseruerdentlech Ausgaben aus dem Budget 2019 an d'Dépenses ordinaires vum Budget rectifié gerutscht? Wat eis Ofstëmmung zu deem Budget betrëfft, sou bleiwe mer och dëst Joer bei eiser Logik vun deene leschte Joren: Mir enthalten eis beim Budget rectifié, well mir zwar den Initial net gestëmmt hunn, mat der Ausföerung awer keng gréisser Schwierigkeiten hunn. Déi uerdentlech Ausgabe vun der Gemeng ginn och fir d'Budgetsjoer 2020 rëm an d'Luucht, grad sou wéi di Jore virdrun. D'Ausgaben si säit 2014 steteg geklommen, wat haaptsächlech duerch d'Neiastellung vu Personal an duerch domat verbundene Primmen, Biennalen an Avancementer ze erklären ass. Ech wéilt awer nach eng Fro stellen zu de Charges sociales vun der Gemeng an Zesammenhang mat de Salariéë. Eise Vertrieeder hat schonn an der Finanzkommission nogefrot, wou den Taux vun der Assurance accident géif hierkommen, ouni awer eng zefriddestellend Äntwert ze kréien. Dësen Taux war 2018 tatsächlech 0,9%, wat awer 2019 net méi de Fall ass. Um Site vum Ministère ass affichéiert, dass deen Taux vun 0,8% multiplizéiert misst gi mat engem Faktor vu Bonus oder Malus. Et kann also net 0,9 ginn, awer héchstens 0,8 oder 1,04. Och wann dëst en Detail ass, wéilt mir eng Erklärung kréien, firwat trotzdeem den Taux vun 0,8 applizéiert gouf. Iwwerhaapt maachen d'Personalausgaben méi wéi Hallschent vun den Ausgaben aus, wat vill ass. Eng mat eis vergläichbar Gemeng och aus dem Süden, louch d'lescht Joer nach ënnert deem Taux, huet awer dëst Joer esou massiv agestallt, dass se elo vergläichbar héisch Personalausgaben hunn. Insgesamt steigen d'Ausgaben am uerdentlechen Haushalt ëm 4%, während de Wuessstem vun der Bevëlkerung nëmme ëm 1% an d'Luucht geet.

Et ass besonnesch bei der Kannerbetreuung, wou d'Ausgabe staark an d'Luucht ginn, fir den Ufuerderunge vun den Elteren entgéint ze kommen. Déi lescht Joren hunn sech allerdéngs och all Joers d'Einnahmen als méi grouss erweisen, wéi erwaart. Säit der Finanzreform ass de Sputt tëschent den uerdentlechen Einnahmen an Ausgaben net méi sou enk, wéi virdrun, sou dass eigentlech alles gutt opgeet. Ëmmerhi sinn ongeféier 70% vun eisen Einnahmen ofhängeg vun de staatlechen Zouwendungen. Zesumme mat deenen anere Gemenge profitéiere mer vun der allgemeng gudder finanzieller Situatioun vun eisem Land. Dank der Reform vun de Gemeengefinanze stinn eiser Gemeng 5 Milliounen Euro méi zou u staatlecher Dotatioun. Och 2020 rechne mer mat 69,4 Milliounen Dotatioun amplat de 66 Milliounen vum Budget rectifié vun 2019 a mat änlech vill Gewerbesteier wéi dat lescht Joer. Et kann een dofir och zu Recht soen, dass et eis finanziell gutt geet. Mir hu weening Scholden, hunn och säit zwee Jore keen Emprunt méi missen opheuen, an dat trotz groussen Investitiounen am Stadkär, Stroossen a Schoulen, grad sou wéi a méi kleng Projeten. Och dëst Joer musse mer viraussichtlech net op en Emprunt zeréckgräifen. Wa mer finanziell gutt do stinn,

da misst de Moment do sinn, fir driwwer nozedenken, wéi de Geldseege vun deene leschte Joren, méiglechst effikass ka fir d'Zukunft agesat ginn.

Mir wéilt dann ausdrécklech d'Ausschaffung vum globale Konzept fir Sport- a Schoulinfrastrukturen Diddeleng 2025 begrëssen. Viru geschätzte 25 Joer, wou Diddeleng ëmmer méi gewuess ass, ouni richtegt urbanistescht Konzept a mat vill Verbrauch vu Bauland, hate mir als Gréng eppes an déi Richtung gefuerdert. Et sollt een sech bewosst ginn, dass mat Bevëlkerungswuesstem och d'Noutwennegkeet vun Investitiounen an d'Infrastruktur wisst. Beim virgestallte Konzept ass besonnesch ze begrëssen, dass probéiert gëtt, bestoend Strukturen auszebauen a rational ze notzen a virun allem och energetesch op den héchste Stand ze bréngen. D'Zil ass also e méiglechst klengen Impakt op d'Ëmwelt, oder – am ekologesche Fachausdruck – mat engem klengen ekologesche Foussofdruck, un déi jo laang genuch net geduecht ginn ass. 't ass elo scho kloer, dass déi Investitiounen, déi op eis zoukommen, all Joers eisen ausseruerdentleche Budget zolidd wäerte belaaschten. Et misst awer elo de Moment sinn, fir Terrainsreserve fir d'Gemeng unzeleeën an domadder kënnen anzegräifen an de Wunnengsmaart.

Mir hate beim Budget vum Office Social begrësst, dass Diddeleng elo no der Stad Lëtzebuerg, Esch an Déifferdeng, wou dat scho méi laang existéiert, och e Service Logement kritt. Do kënnen da Wunnengen zu abordabele Präisser verlount oder verkaf ginn an ëmmer rëm zréck un d'Gemeng falen. Terraine sinn zwar deier. Se riskéieren awer net, soubal rëm bëlleg ze ginn. Also kann een net ëmmer nach waarden. Et kann een sech vläicht och ee Mol d'Fro stellen, ob dee Wuessstem, op deem mer bauen, iwwerhaapt nach esou gesond ass, sief dat op Landesniveau, oder op lokaler Eben. D'Äntwert vun deene Gréngen war ëmmer: Besser wuessen, op deene Plazen, wou e Stadkär ass a verdicht gebaut ka ginn, a wou eng gutt Ubannung un den ëffentlechen Transport ass, wéi mat grousssem Landverbrauch an der fräier Gewan. Dat war och d'Iddi vum IVL a vum Pakt Logement. Am Moment geet d'Stad- an d'Verkéiersplanung awer net an eng resolut Gréngerichtung. Et leeft éischter nom Motto „Business as usual“. De gréngen Touch kënnt och besonnesch gutt un, wann et kengem wéideet a keng Parkplaz verschwénnt. Mir plangen nei Quartieren, déi nach ëmmer Parkplaze virun der Dir ubidden, amplat vu Parkhaiser fir d'Autoen dobaussen ze loossen. Dat wär nämlech eng Méiglechkeet, de Reflex vum Autofueren ze brieche, well de Wee, fir bis bei den ëffentlechen Transportsystem net vill méi wäit wär. Mir plangen de Quartier NeiSchmelz, dee wuel mat erneierbaren Energie funktionéiere soll, mir kënnen eis awer net oprappen, méi héisch ze bauen, fir d'Fräifläche lues a lues zouzebauen, se optimal ze notzen an den Auto aus dem Quartier erauszeloossen. Mir denken ze vill an eisem ale Schema an trauen eis net, un nei Wunnformen, wou et och semi-privat Raim gëtt, fir sech opzehalen an ze begéien. Mir bréngen et net färdig, ëmzedenken. Am Zesammenhang mat der optimaler Notzung vun Terrainen, ass et och interessant ze bedenken, dass et elo zu Déifferdeng méiglech war e lokale Betrib, de Constantini an eng national Industriezone unzesidelen. Domadder hätte mer jo e Präzedenz-



fall, wann erëm eng Kéier en Diddelenger Kleng- oder Mëttelbetrib nofree, fir op e méi groussen Areal ausserhalb vum Stadkär ze plënnere, zum Beispill an d'Zone Riedgen, hu mir am Moment Nofroen, déi an déi Richtung ginn.

Wann d'Leit sech och vill iwwer Staue beschwéieren an deenen se mat hirem Auto hänken, sou ass et dach am Moment schwéier Reklamm ze maache fir den effentlechen Transport, deen e gudden Deel vun der Solution ass. Et ass ebe grad net elo agreabel, mam Zuch an d'Stad oder op Esch oder op de Belval ze fueren. Zuchstrecke ginn ausgebaut a suerge fir Verspéidung. An et wäert virum Ëmbau vun der Beetebuenger Gare bestëmmt net besser ginn. An deem Zesummenhang hat de Minister Bausch Etüden an eng Diskussioun mat der Diddelenger Bevëlkerung versprach a seet, e wëllt och dëst Versprieche aléisen. Wéini fënnt dann zesumme mam Schäfferot eng Informatiounsversammlung statt a wéini leeft déi Diskussioun un? Ech erënnere: Et geet ëm verschidde Variante vun Zuch oder Zuch-Tram, an ëm d'Ëmgestaltung vun Diddeleng, mat Unterföhrunge statt Barrièren, oder eben net. Wa mer zum Thema Zuch als Gemeng nëmmen indirekt awierke kënnen, sou ass dat bei eise Buslinnen anescht. Fir eise Citybus si mir selwer, zesumme mam regionale Bussystem TICE zoustänneg. Eigentlech wollt ech ursprénglech nëmme positiv Remarken zum Thema Citybus maachen. Ech fänke mol domadder un. Ech hat an der lescht den empireschen Androck, dass déi Linn 9, mat där ech méi oft fueren, méi géif vu Jugendleche genotzt ginn. E puer méi vun hinne schéngen entdeckt ze hunn, dass d'Sportshal an de Lycée mat där Linn ze errechen ass. Dass do vill Potential drastéicht, mierkt ee während de Schoulvakazen, wa bemol vill manner Verkéier zu Schoulufankszäiten ass.

An deem Zesummenhang ass ze bedauern, dass den éischten Ulaß fir e Pedibus-System fir Grondschoukanner op d'Been ze setze gescheitert ass – Gréisstendeels um fréien Zäitpunkt an dem komplizéierte System. Et sollt een awer weider probéieren an aus de Problemer léieren. Dann awer zeréck zu deem méi negativen Aspekt vun de Busser: Ech hu schlecht Echoen aus dem Wolkeschdall kritt, wou d'Leit moies fréi sech net kënnen op d'Horaire verlossen, well de Bus vun der Linn 10 an der Zouffterstrooss am Stau steet, grad sou wéi d'RGTR-Busser, déi duerch d'Lëtzebuengerstrooss fueren. Wa mer dem effentlechen Transport Prioritéit wëlle ginn, dann hëllef warscheinlech nëmme Buspueren op den Haaptachsen, an also e radikalt Ëmdenken. Zousätzlech zu den Infrastrukturaarbechten, bräichte mer Iwwerzeegungsarbeit an d'Vermëttlung, dass op kleng Strecken, d'aktiv Mobilitéit, dat heescht d'Fortbewegung zu Fouss oder op zwee Rieder, net nëmme gutt fir d'Ëmwelt ass, mee och fir eis selwer. Dozou konnt ee vill Iddie sammelen am Fréijoer d'lescht Joer, wou hei an der Gemeng e Seminar war mat interessante Virtrëg zur Virbereedung vun der europäescher Mobilitéitswoch. Et war schonn eng cocasse Situatioun, dass eisen Ëmweltbeoptragten dunn als éischten Intervenant huet missen zouginn, dass mir hei zu Diddeleng dat Joer virun eng kreativ Paus eis geleescht hunn a mer net un der europäescher Mobilitéitswoch deelgeholl haten. Gott sei Dank war dësen Event dann awer den Ustouss, fir erëm Aktiounen während

der Semaine de la Mobilité am September dëst Joer z'organiséieren an et kann een nëmmen hoffen, dass vun deene flotten internationalen Iddien, déi presentéiert gi sinn, e puer an en oppent Ouer vun eiser Verkéiersschäffin gefall sinn. D'Thematik vum Joer 2019 war nämlech d'Mobilité douce, oder besser: déi aktiv Mobilitéit. An de Motto „Gitt mat eis“ dréckt och aus, dass zu Fouss goen a flanéieren, ganz vill zu Beliewung vun enger Stad ka bäidroen an dass dat net ëmmer muss op Konsum opbauen. Zum Flanéieren droen dann natierlech Parke bái, déi agreabel gestalt sinn, grad esou wéi Fräiflächen, déi dann och mat Blummewiesen attraktiv si fir Insekten. Mir missten awer och dringend eng Campagne lancéieren, fir dass Viirgärtecher net weider zu Stengwüste verkommen, wou bei grousser Hëtzt, kee Liewewiesen et méi packt. Dann nach zum zweete Volet vun der aktiver Mobilitéit: d'Vëlofueren. Et ass erweisen, dass d'Sécherheet vun de Weeër, de Leit um Vëlo nach méi wichteg ass, wéi deenen, déi zu Fouss ënnerwee sinn. National Vëlospiste bestinn, fir aus Diddeleng eraus. Besonnesch déi vu Bireng iwwer d'Lëtzebuengerstrooss wäert ville Leit hëllefen, zum Beispill fir op d'Beetebuenger Gare ze kommen, mat dem 15-Minutten-Takt vun den Zich. Déi Vëlospist wäert awer eréischt ab dem Februar opgoen, wéinst dem Bau vum Lärmschutzwall, laanscht d'Collectrice du Sud. D'Ubannung u Käl ass méi schwier, well mat méi Ëmweeër verbonnen. Mat de Vëlosweeër hei zu Diddeleng, si mer tatsächlech e gutt Stéck weiderkomm. Et ass bal net ze gleewen, mee et ass erëm e Réseau an der Verkéierskommissioun virgestallt ginn an ech hu mer en och dierfte vum Här Demuth erkläere loossen.

Wann ech bedenken, dass déi éischt Vëlosetüd, déi ech doheem leien hunn, vun 1995 datéiert, an d'Problemer an d'Knackpunkten op de Kräizungen nach ëmmer bal déi selwecht sinn, da kann et engem schonn elle ginn. Méi oder manner wat deemools geplangt war, gëtt elo realiséiert – an dat no 24 Joer. Et kann een nëmmen hoffen, dass aner Mesurë fir de CO2-Ausstouss ze reduzéieren, méi schnell ëmgesat ginn. Dës Kéier ass den Ufank awer elo gemaach, mat Vëloen, déi op d'Strooss gesprayt sinn an déi méiglech Routë sollen ausweisen. Et geet insgesamt dorëmmer, dat Stroossen a verkéiersberouegte Quartiere solle genotzt ginn, fir sécher Weeër ze garantéieren. Leider ass dat net iwwerall méiglech an d'Iwwergang op geféierlech Kräizungen si komplizéiert. Ech well awer net weider meckere. Et ass just wichteg ze erwänen, dass et sech warscheinlech bezuelt mécht, dass bei der Planungs Vëlofuerer mat abezu gi sinn. Ech halen dann och op hei, mat dem gemëschte Gefill, datt mir als Gréng alt erëm beim Budget 2020 hunn. Mer kréien e verkaf mam affichéierten Zil vun der Nohaltegkeet an et sinn och ëmmer Mesurë virgesinn, mat deene mer kënnen averstane sinn, grad sou wéi mat den Investitiounen an d'Schoul- a Kannerbetriebsinfrastruktur. Souguer den Nohaltegkeets-Masterplang soll d'nächst Joer fäerdeg gestallt ginn. Déi ekologesch Komponent vun der Nohaltegkeet ass eis weiderhin déi Wichtigst a mir waarden op Taten statt Worte. Eng Ëmstellung vun de Weichen ass net gewäicht. D'Ëmsetze vun eise Klimaziler brauch gefillten Éiwegkeeten an dofir kënnen mir mam Budget Initial 2020 och net averstane sinn. Merci.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci, der Madamm Goergen. Weider Stellungnamen? Den Här Jadin. Dir hutt d'Wuert.

YVES JADIN (DÉI LÉNK): Villmools Merci. Här Buegermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen a Gemengerot. Wéi déi Jore virdrun, musse mir als Oppositoun zouginn, dass sech d'Chiffere vum Budget rectifié 2019 an am neie Budget 2020 weise loosse kënnen. Eng gesond finanziell Situatioun. Esou wéi de Buegermeeschter et zitëiert huet, investéiert d'Gemeng Diddeleng net a Prunktbauten – richtig. An awer och just e kleng Prozentsaz op laang Dauer an hir eege Wunnensbauten. Natierlech ass deen een oder anere Projet, zum Beispill d'Caramuta-Haus, um Lafe wat mir als Déi Léng ausdrécklech begrëissen. Dëse Projet kascht Suen, steet am Budget a muss ënnerstëtzt ginn. An awer, dat wësse mir all, geet et bei wäitem net duer. Wann ee weess, dass de Pacte de Logement am Juni 2008 a Kraaft getrueden ass, mam But, dass de Staat an d'Gemengen zesumme Problemer am Wunnensbau léisen, muss een sech hei kloer d'Fro stellen: Ass dat Zil erreecht ginn? Mir sinn der Meenung: Nee. Enn 2020 leeft déi éischt Versioun vum Pakt-Logement aus a gëtt ersat duerch de Pakt-Logement 2.0. De Rapport final vun deene sëllege Reuniounen, déi an deem Kader organiséiert goufen, spigelt zu 100% d'Situatioun um Marché erëm an natierlech och d'Ängscht vun de Leit. An et ass ze hoffen, dass sech endlech eppes do doet. De Mouvement Déi Léng géif et gär gesinn, wéi all Joers, dass d'Gemeng Diddeleng sech dësem Problem géif unhuelen a selwer méi géif bauen, wéi just hei an do e klengen Objet. Ko-Finanzement vu bis zu 75% gëtt vum Staat assuréiert. Diddeleng ass Proprietär vun der Wunneng a kann iwwer hir eege sozial Krittären, dës Wunnenge verlounen. Op déi berechtigt Kritik hin „Da musse mer e Prêt ophuelen“ – richtig. Ma wéini kritt een nach e Prêt ënner 2%? Op engem Spuerkont kritt een nach puer Euro, wann iwwerhaapt. Appartementen an Haiser dogéint, brénge mëttelfristeg Suen an et ass en Investissement an d'Zukunft. D'Diddelenger Gemeng kritt e Service-Logement. Ass dat e Schratt an déi richteg Richtung? Dat weist d'Zukunft.

Mir als Déi Léng sinn der Meenung, jo, a si frou, dass d'Majoritéit dëse Besoin erkannt huet. Natierlech kann eng Gemeng wéi Diddeleng zesumme mat enger privater Societéit eppes bauen. Méi interessant wier et awer, selwer den Terrain ze hunn a selwer eppes ze bauen. Et ass schwéier ze realiséiere wéinst den Terrainen, awer net onméiglech. Den 20. September 2019 huet d'Diddelenger Gemeng en Terrain vu bal 65 Ar kaf. Hei solle sozial Wunnenge gebaut ginn. Als Déi Léng si mer frou, dass d'Gemeng iwwer d'Virkaufsrecht an zu engem gudde Präis, dësen Terrain kaf huet. Wann een awer lo gemengt huet, de Projet kéint direkt ufänken, deen ass enttäuscht ginn. Den Terrain ass bis den 30. November 2022 verparkt. Ee vun de Problemer am Wunnensbau bei de Gemengen, Fonds de Logement asw., ass déi enorm Zäitspann bis zur Realisatioun vum Projet. An dësem Fall vum neien Terrain: Minimum 4 Joer, bis iwwerhaapt eng Wunneng geschafe gëtt. An der haiteger Zäit sinn dës Delaien einfach ze laang. Natierlech läit de Problem net eleng bei der



Diddelenger Gemeng. An de Kaf, den ass villäicht och u Konditiounen gebonnen. An awer, sou fanne mir, ass hei awer verpasst ginn ze weisen, wat eng Diddelenger Gemeng ka maachen an se endlech aus dem üblechen nationalen Trapp kënn. A menger éischer Budgetsried 2017 hunn ech iwwer d'Loyerspräisser, d'Kaafspräisser an Iwwerverschëldung geschwat. Déi Situatioun huet sech an zwee Joer net verbessert, ma ganz am Géigendeel, daitlech verschlechtert. A mir all hoffen, dass d'Scholdzënsen an deenen nächste Joren net wäerte klammen an eis Immobiliëblos net platzt. D'lescht Joer sinn ech op de Ping-Pong Effekt agaangen: Wien dann elo d'Responsabilitéit bei der Wunnengsfro iwwerhëlt. Bis haut hunn ech do nach keng Äntwert. Och den Ausdrock „soziale Wunnensbau“ ass total feel un der Plaz a misst ersat ginn duerch „Wunnensbau fir jiddereen, dee keng Millioun verdéngt“. E groussen Deel vun der sougenannter Mëttelschicht kann sech keen Appartement oder en Haus leeschten, ouni de Risk vun enger Iwwerverschëldung anzegoen oder – kléngt zwar haart – op eng Ierfschaft ze hoffen. Dëst Joer wollt ech awer op aner Punkten agoen, wéi wou de Wunnensproblem mat sech bréngt.

Wann ee bedenkt, dass a Lëtzebuerg all Joers 3500 Wunnengen a méi gebraucht ginn, da stellen sech zwou Froen: 1. Wéi soll de Retard, dee mer elo schonn hunn, opgeholl ginn? An 2. Packe mer dat Ganz iwwerhaapt? Mir kréien hofreg erzielt, dass hei a Lëtzebuerg 13.000 nei Aarbechtsplaze geschaaft ginn, wat sécherlech gutt ass. Natierlech och net alles zu Diddeleng. Mee wou sollen déi Leit wunnen? Wéi kommen déi Leit op d'Aarbecht? Wa se net an der Géigend wunnen, natierlech mam Auto a best case mam ëffentlechen Transport. De Quartier NeiSchmelz soll do eng Ausnam sinn. Leit sollen do schaffen, wou se wunnen. Och hei wäert eis d'Zukunft weisen, ob sech dës Wonsch oder Dram erfëllt. Ech muss iech éierlech soen, dass ech skeptesch sinn a wär frou, wann ech mech géif ieren. Wéi dir mierkt, zitt, nenne mer et emol „d'Wunnenskris“ nach ganz aner Problemer mat sech. Op der Hand läit och, dass een elo net auf Biegen und Brechen all Gréngzonen, Bësch an Akerland an eng Steewüüst verwandele soll. Dat wär de verkéierte Wee. Mee Baulücke konsequent erschleissen, offiziellt Bauland, dat jorelaang wéinst Spekulationsgrënn fräi bleift, musse mat enger Stroftax beluecht ginn. Konsequent Detektioun vun eidelstoende Wunnengen a bei Spekulationsgrënn, alt nees eng Stroftax. Wa mir lo weider moyenne densité a faible densité ëmwandelen, huele mer eis d'Méiglechkeet, an deene Quartieren oder Stroossen weider Wunnengen ze schafen. Dat géif rëm bedeiten, dass mer nees misste méi Bësch, Akerland a Wissen ewechhuelen. Jo, mir wëssen alleguer, dass schwéier ass, hei e Konsens ze fannen. Mee eng vun de lëtzebuergesche Mentalitéiten ass: „Ech wëll iwwerall Handy-Reseau. Awer d'Antennen,



déi baus de gefällegst op enger anerer Plaz!". Oft héiert ee Privatleit soen: „Ech wëll mäin Appartement/Haus net verlounen, well ech fäerten, mä Loyer net ze kréien.“ – aus wat fir engem Grond och ëmmer. Oder: „Ech hunn am Moment keng Suen, fir mäin Haus/Appartement ze renovéieren an dofir kann ech et net verlounen“. Net all Locataire ass par Définition schlecht. A just eng absolut Minoritéit gezillt bewosst hire Loyer net oder verloossen d'Appartement total verwüüst. Ville Propriétaire feelt et un Informatiounen. E Beispill zum Beispill iwwer d'Agence immobilière sociale. Et ass erstaunlech, wann ee mat de Leit schwätzt, dass der ganz vill mol net wëssen, fir wat d'Agence immobilière sociale steet. Dës Informatiounen misste reegelméisseg erausgoen. Villäicht och eng Aarbecht fir den neie Service Logement. Och beim Argument „Ech hu keng Sue fir mäin Appartement ze renovéieren a kann et dofir net verlounen“, do fanne mir, misst et dach eng Méiglechkeet ginn, dass d'Gemeng, iwwert de Service Logement – an déi kréie vill Aarbecht – intervenéiert, zum Beispill Suen zur Verfügung stellt – natierlech alles kontraktuell festgehalten – an esou laang selwer dierf d'Appartement verlounen, bis deen Investissement iwwert de Loyer bezuelt gouf. Et ass eng Iddi, mee et kéint ee Mol driwwer nodenken.

Virun e puer Minutten hunn ech lech iwwer d'Stroftaxe geschwat. Bei dësen Taxe geet et net drëms, d'Bomi, déi en Terrain huet, ze bestrofen. Mee Professioneller, déi op 10 oder méi Bauterraine setzen – wéi en Hong op den Eeër. D'Déier fir d'Liewen ze schafen an deen anere fir säi Benefice, op Käschte vun der Allgemengheet. Diddeleng huet de Klimapakt 2013 ënnerschriwwen an huet e Certificat vu 50% kritt. 2017 louch dëse Prozentsaz bei 64,2%. Natierlech ass nach Loft no uewen an awer kënne mir erkennen, dass dëst Thema zu Diddeleng ukomm ass. Sief dat iwwer d'gréngt Haus, Informatiounsversammlungen oder déi rezent Tester mat Trischentaasen um Chrëschtmaart. Eng Mesure, déi Zäit brauch – deem si mir eis bewosst – an awer dichteg a wichteg ass. Dat eenzeg wat mir vermësst hunn, dat ass de perséinlechen Austausch mat Leit wou dat scho 15 Joer maachen. À propos Aspuerung vun Energie wéi Elektresch oder Gas. Wann een am Budget de Punkt 3/221 „Club Senior“ hält, gesäit een e Stromverbrauch vu +/- 5500€ pro Joer. Wou kënnt dëse Montant hier, dee mer dach zimmlech héisch virkënn? Wann ee vergläicht mam Punkt Budget 3/132 „électricité et bâtiments communaux“ vu 44.000€. Misst een sech do net d'Aufgab ginn, an déi eenzel éffentlech Gebaier z'analyséieren a mol kucken, wou ee kann aspueren? Dat géif dem Budget zegutt kommen an un éischter Stell der Émwelt, dito Klimapakt. Wéi all Joers proposéieren Déi Lénk de gestaffelte Waasserpräis, dee scho säit Joren a ville Gemenge funktionéiert. Ekologesch Iwwerleeunge mussen ëmmer nach mam sozialen Denken zesumme goen. Dëse gestaffelte Waasserpräis, dee wou sozial gerecht ass, dréit kloer dozou bäi, dass d'Awunner iwwert hire Waasserpräis nodenken. Wien eben all Dag säin Auto muss wäschen, dee bezilt méi.

Dass d'Gemeng Diddeleng d'Kierchegebaier iwwerholl huet, dozou kann ee stoen, wéi ee wëll. An ech wäert och net weider drop agoen. Sécher ass, dass dëst Gebai erhalenswäert ass a bleift. Och wann et e Gesetz oder

Reglement ass, sou fannen ech et awer Schued, dass eng Gemeng, déi jo Proprietär ass, net dierf autonom decidéieren, wat an der Kierch geschitt. Am Moment, baséierend op géigesäitegem Respekt, ass dat jo kee Problem. Wat bréngt d'Zukunft? Och – jo, ech weess, dass dat och e Gesetz ass, de Loyer vun 1500 bis 2500€ pro Joer – loosse mir et mol ganz fein ausdrécken: Dat ass de Geck gemaach mat anere Locataire, wou 650€ pro Mount fir eng Kaffiswunneng musse berappen. Komme mer zur Informatik, e wichtegen an deiere Punkt. Mee do si mer eis alleguer eens: D'Gemeng Diddeleng muss do matzéien a soll och matzéien. Mir hunn awer e puer Froen dozou.

Am Budget ass virgesinn, dass d'Gemeng Applikatioun City-App „Report it“ keeft. Dës Applikatioun ass schonn a puer Gemengen um Lafen an erfëllt zu 100% d'Ufuerderungen, déi gestallt goufen. Dat ass e gudde Choix. Mir hunn eis awer lo gefrot, wou ass de Projet „Ma Commune“ vum SIGI drun? 2012, mat groussem Tamtam ugekënnegt, Diddeleng an Esch ware Virreider, gesäit een an der aktueller Versioun keng Fotoen, kee Poust méi, wou iergendwéi op deem Internetsite drop ass. Déi Recherchen, wou mer gemaach hunn, weisen, dass de leschte Poust aus dem Joer 2017 ass. Als Member vum SIGI muss d'Gemeng Diddeleng natierlech hiren Obulus vu ronn 710.000€ bezuelen. Och hei wäere mer frou ze wëssen, ob wierklech all Programm, deen de SIGI ubitt, och hei op der Diddelenger Gemeng gebraucht gëtt. Wann nee, dann huet dat en Impakt op de Präis. Ech gi just e Beispill: Wéi kann een erklären, dass 80.000€ budgetiséiert si fir en Internetsite an de Block ze adaptéieren – Ech kritiséieren elo net déi Aarbecht – awer d'Léisung gëtt och vum Syndic ugebueden? Am neie Budget steet och, dass keen Apport fir de Cloud-System gemaach gëtt. Bedeit dat elo, dass de Projet fäerdeg ass an eisen interne Cloud-System „Home-Cloud“, net méi gebraucht gëtt? Verstitt mech elo net falsch. Et ass sécherlech net alles schlecht, wat vum SIGI kënnt mee mir hätte gär eng méi grouss Transparenz. Zu der Informatik gehéiert och eisen E-Reider dobausse virun der Dier. Deen huet ronn 16.000€ kascht, gesäit flott aus, mee wéi d'lescht Joer froen ech dann nach eng Kéier: Gëtt et eng Statistik, wéi vill Leit dëse System benotzen a wéi benotzen se en?

Verkëier – e leedegt Thema hei zu Diddeleng. A wéi all Joers bedauern ech Madamm Claudia Dall'Agnol, wéi sech mat dësem Cercle vicieux muss ausernee setzen. Mir wëssen all, dass et net einfach ass, dat an de Grëff ze kréien. Problemer op der Lëtzebuurgerstrooss, Stauen a Gogo, ab 16 Auer 30 an der Zouftgerstrooss, Barriären, asw. Eppes wat gutt gemaach ginn ass, ass dat mam Vélo an dat gëtt jo nach ausgebaut. Mir sinn awer gespaant op déi neisten Analysen zu dësem Thema, déi wou mer wäerten d'nächst Joer virgestallt kréien. Ech wollt awer nach kuerz op déi drëtt Phase vum Shared Space agoen. Virgesinn ass jo, de Verkëier an der Zouftgerstrooss, an der Kommerzstrooss mat Luuchten ze reegelen. Dëst Thema hu mer schonn eng Kéier hei beschwat, an enger Informatiounsversammlung, an do ass gesot ginn, dass all Dag tëscht 75 a 50 Meter an 100 Meter Stau ass – Pardon – wat falsch ass. Et kann een elo net fir déi Saach ze testen, déi intelligent Luuchte fir eng oder zwou Wochen dohinnerstellen an da mol kucken, wat dat



mat sech bréngt. Och wann de Verkéier am Moment net esou leeft, wéi dat herno virgesinn ass. Well do si mer och der Meenung, dass en Test um Terrain méi bréngt, wéi all Analysen um Pabeier oder mam Computer. Well d'Inconnu bleift nach ëmmer de Mënsch.

Zu der CFL – Zuch an d'Stad – do sti mir 100% hannert dem Schafferot, wärend awer och frou, wa mer déi néideg Informatiounen géife kréien an hoffen, dass an nächster Zukunft endlech Neel mat Käpp säitens der CFL gemaach gëtt. Der Majoritéit muss een awer och Respekt zollen, am Beräich Educatioun, Office Social a Sport. Do behaupten ech einfach emol, dass d'Gemeng Diddeleng sech net brauch ze verstoppen a wierklech gutt gestaffelt ass. Obschonn dat hei Bildungshaus nach net fäerdeg ass, vergësst d'Majoritéit net déi bestoend Schoulen, déi schonn do sinn, ze moderniséieren. Natierlech ënnerstëtze mir déi Projeten, sécher.

Beim Sport – Ech wëll elo als houlfreg Diddelenger schwätzen – brauch een net vill ze soen. D'Resultater kënnen sech weise loossen an et muss net all Joers e Landesmeeschtertittel erausspringen. A ville Gripp, ënnerstëtzt vun der Gemeng, gëtt vill an d'Jugendaarbecht gestach, wat och esou soll sinn. Wollt awer nach drop hiweisen, dass déi net grad sou Jonk och eppes kënnen leeschten. D'Madamm Elvira Behrend, Member vum Schachclub Diddeleng, huet et fir d'drëtt fäerdegbruecht hannerteneen, de Weltmeeschtertittel am Schach an der Kategorie U50 mat op Diddeleng ze bréngen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Jadin fir seng Interventioun. D'Stellungname gi weider. Nächst Riedner/Riednerin. Här Zuang.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot. Éier ech op meng Ressorte méi detailléiert aginn, kann ech mer et awer net verwieren, fir d'éischt meng Satisfaktioun iwwert déi exzellente finanziell Situation vun eiser Gemeng auszudrücken. Dass erëm kee weideren Emprunt brauch gemeet ze ginn, dass mer rëm net brauchen un d'Reserven ze goen, dass et zu kenger Taxenerhéijung 2020 kënnt, dass d'Annuitéite progressiv erofginn an esou d'Pro-Kapp-Verscholdung vu 692 op 625 fällt an dass mer net manner wéi 36 Milliounen Investissementer tätege kënnen. Ech wëllt dann op déi Ressorten agoen, déi mech niewent menger Tâche als Präsident vum Office Social, spréich dat Sozialt, wou d'Martine Bodry allerdéngs elo schonn an extenso agaan ass, a wou ech och schonn d'lescht Woch in extenso agaange war iwwer d'Geschicht Logement, nach eng Kéier ganz kuerz just nëmmen ee Saz soen iwwert déi Gestion locative, déi den Office Social bedreift. An ech wollt awer betounen, dass am neie Service Logement d'Propriétéite vun der Gemeng aus der Cellule logement erëm iwwerginn an dat gëtt eng Gestion locative nom Gesetz vun 1979, dat heescht méi laangjäreg Vermietungen.

Bon, déi aner Dossieren, déi aner Ressorten, op déi ech elo aginn sinn d'Schoul, d'Maison Relais, d'Jugend a Famill. Et bien, eleng am Budget extraordinaire fléisse 15



Milliounen, dat si ronn 40% a Schoul- a Kannerbetreierung. Dat beweist, dass Bildung a Famill eis als LSAP ganz staark um Häerz leien. 2020 gëtt e wichtegt Joer fir Schoul- a Kannerbetreierung. D'Bildungshaus Lenkeschlei an d'Crèche Quartier Italien sollen hir Dieren opmaen. Et gëtt e sportlechen Defi, vu dass am Moment op deenen zwee Chantieren nach ganz vill Aarbechten ze maache sinn. An der Hoffnung, dass de Wanter net ze haart gëtt, a wann, dass et zu kengem all ze laange Chômage technique kënnt. Mir wëssen awer och alleguerten, dass et net duergeet, dass d'Aarbechten termingerech fäerdeg ginn, mee dass virun enger Ouverture, och Kontrolle vun der ITM ustinn, déi net Ohne sinn, an dass een oft deen een oder aneren, och wann e mengt et wier e méi kleng Peppin, eng Ouverture kënnen no hanne werfen. Am Bildungshaus wéi fir d'Crèche mussen geschwënn engersäits e Comité, op der anerer Säit eng Equipe sech bilden, déi d'Reentrée, respektiv d'Aschreiwungen an d'Ouverture virbereeden. Konzepter sti gréisstendeels. Et gëlt se also, a Musek ëmzesetzen.

D'Bildungshaus Lenkeschlei wäert eng Entlaaschtung, souwuel fir d'Schoule Brill, wéi de Strutzbiérgginn. Mat dëser Ouverture kommen nees 180 Betreuungsplaze bei, also och 180 Kantinsplazen. Déi nei Kichen, déi wäert 400 Menüer kënnen produzéieren, wat jo och eng Entlaaschtung fir eis aktuell Produktiounskichen Gaffelt, Strutzbiérg a Schwämm wäert bedeuten, an zugläch eng Ouverture fir d'Afierung vum Mëttesdësch fir de Precoc sinn, obschonn dass bei der Enquête bei den Elteren, déi hir Kanner net an de Precoc ageschriwwen haten, de Mëttesdësch net den ausschlaggebendste Grond war. Ronn 30% vun den Elteren, déi geäntwert haten, loossen, wéi geduecht, léiwer hir Kanner nach e Joer méi laang an der Crèche, vu dass d'Kanner do gewinnt sinn, et Gratisstonne gëtt an et nach aner Éffnungs- a Schliisszäite ginn, déi d'Elteren nach besser arrangéieren. Positiv ass och, dass d'Logopedie mat dräi Klassen an déi nei Schoul kënnt. Domadder hält dat Gerenn a Hin an Hier fir d'Kanner an d'Personal op. Ronn 6,6 Milliounen fléissen an d'Bildungshaus. Wann ech déi nei am Budget virgesinnen 370.000€ fir Mobilier an d'Alentoure fir d'Crèche Italien, déi eng gutt 45 Plaze fir Kanner vun 0 bis 3 Joer dobäirechnen, kommen ech op en Total vun 870.000€, déi an d'Crèche „Quartier Italien“ 2020 fléissen. Déi nei Maison Relais Ribeschpont mat dräi Schoulsäll, änlech wéi de Modell Bildungshaus, bedeit also, dass mer rëm eng Struktur kréien, an där sech Schoul a Maison Relais d'Lokalitéite deelen, geet och 2020 an de Bau a schléit mat 4,7 Milliounen zu Buch. Nach eng Kéier 170 Plaze wäerten 2021 fir Schoul an zugläch fir Maison Relais dobäikommen. De Precoc wäert vu spaziose Raimlechkeete profitéieren kënnen, an de Mëttesdësch wäert och do kënnen 2021 ugebuede ginn. Awer och Initiativen, déi wéineg kaschten, wéi de



Pedibus, hunn et verdénkt, weider entwéckelt ze ginn. Hei géllt et, d'Elteren nach méi ze sensibiliséieren, sech méi an dëse Projet z'engagéieren. Ouni si, dréit dee Projet net.

Wann ee vill an nei Lokalitéit investéiert, sou däerf een déi bestoend Infrastrukturen net negligéieren. Wéi säit jeehier, gi Joer fir Joer sämtlech Lokalitéite vu Schoul a Maison Relais inspezéiert an no enger Prioritéitelëscht, gi Reparaturen a Renovatiounen opgeschafft. Sou fléissen am extraordinäre Budget 2020, fir der nëmmen e puer ze zitieren, 760.000€ – dat ass net weeneg – an nei Sanitärer am Brill, op deenen dräi Stäck. 600.000€ ginn an d'Erneuerung vum Daach vun der Schoul Strutzbiert A, mat enger adequater Beléftung, vu dass et an de Säll ënnert de Combelen am Summer net méi auszehalen ass. Och an d'Acquisitioun vun audiovisuellem Material an informatesch Equipementer, stinn net manner wéi 125.000€ am Budget. 82.000€ ginn an d'Reparatur vum Daach vun der Schoul Ribeschpont, 67.000 an d'Erneuerung vun den Holzbieden an der Maison Relais „Schwämm“ a weider 55.000€ ginn a méi kleng Reparaturen a Maintenance-Aarbechte vun de Maison Relais. Schliisslech ginn eng 100.000€ an d'Erneuerung vum Schoulhaff Butschebuerg. An Zesummenaarbecht mat dem Personal vu Schoul a Maison Relais, de Kanner, dem Comité, wäert d'Neigestaltung geplangt ginn. En decke Posten am ordinäre Budget ass de vun der Schoulrestauratioun mat 1,2 Milliounen. D'Zuel vun de Moolzechten ass 2019 an d'Luucht gaang, duerch d'Iwwerhuele vun de Minettsdäpp – +/- 60 Moolzechte pro Dag – a wäert eng weider Kéier ropgoen, wann d'Bildungshaus an och d'Crèche méi spéit un d'Netz ginn. Mir hunn jo eng Konventioun mam SICONA gestëmmt, déi zeréckbehält, dass eise Prestataire Fleesch an aner Produite vu Baueren an anere Produkteuren, déi aus de SICONAS-Gemege sinn, an déi no nohaltege Kritäre produzieren, am Verhältnis zu 30% bio a 70% konventionell musse stamen. Akaf a Stock vun eisen dräi Produktiounskiche ginn iwwerwaacht a kontrolléiert vun enger Dieteticienne, déi fir de SICONA schafft, an déi all Trimester e Rapport un de Schäfferot mécht, op de Prestataire d'Krittäre vun der Konventioun respektéiert.

Wat mech perséinlech freet, ass dass de Verkéiersgaart, och wann en net definitiv ass, zu Diddeleng realiséiert gëtt. Et war en éiwege Wunsch vu mir a menger deemoleger Funktioun als Sécherheetsdelegéierte vun de Schoulen. Viru méi wéi 25 Joer sollt de regionale Verkéiersgaart Süden vun der Police op Diddeleng kommen, awer leider ass dat näischt ginn, well mer keen adäquaten Terrain fonnt haten, dee grouss genuch war, sou dass dee Verkéiersgaart finalement op Esch koom. Mir sinn do just mat de Klassen, déi d' Coupe Scolaire matgemaach hunn, dohinner gefuer. Dat war müsam ze organisieren, huet Transportkäsche mat sech bruecht an d'Plage waren extremen berechent. Schliisslech ass virun zwee Joer d'Plaz Clairefontaine zu Esch zougemaach ginn, well d'Sécherheet net méi gewäert wär an déi betraffe Klassen hu missen op de Verkéiersgaart an der Gemeng Kapellen auswäichen, also nach e bësse méi wäit. Op eisen zukünftege Verkéiersgaart kënnen elo all d'Klassen übe goen. Vu kleng un ass et wichteg, vill méi sënnavoll an en plus wäerten d'Kanner mat hiren Elteren an och déi Jugen-

dlech, dës Plaz an der Fräizäit notze kënnen, vu datt se op wäert sinn, fir de Public. Zum Jugendberäich wollt ech d'Kreatioun vum Poste vun engem Kanner- a Jugendbeoptragten ervirhiewen. Dës Persoun soll Koordinator si vun de ville Servicer, déi sech ëm d'Kanner a Jugendlecher bekëmmern a soll Ulaftell sinn, déi am Fall wou et Problemer gëtt, d'Kanner mat hiren Elteren a besonnesch Jugendlecher zu lokale wéi nationale Servicer leede ka fir Hëllef sichen, respektiv fir sech informéieren ze goen. Dës Koordinator muss also den Terrain, spréich all déi méiglech Servicer, déi et lokal an national gëtt, gutt kennen, fir schnell an effikass kënnen ze orientéieren an ze reagieren.

De Projet „Outreach“ leeft ganz gutt. Eleng 2019 sinn 28 Jonker – dat sinn der vill – déi d'Schoul oder d'Aarbecht opginn haten, opgefaangen a vun dem Outreach begleet ginn. Duerch déi vill an zousätzlech Aktivitéiten – Beispill Jugendwenter, fir nëmmen eng erauszehuelen – an a ronderëm d'Maison des Jeunes, kommen rëm vill méi Jugendlecher dohinner: 40 bis 60 Passage pro Dag si keng Seltenheet méi. Allerdéngs féiert dës dozou, dass d'Maison des Jeunes aus allen Néite platzt an dass een sech Gedanken ëm en neie Site an Zukunft muss maachen.

Nach e puer Wuert zur Famill. Fir d'Erneuerung vun de Spillplaz sinn 100.000€ am Budget virgesinn. Dir wësst, dass mer all Joer wëlle Spiller, déi an den Alter komm sinn, ersetzen an och Spiller fir d'Altersgrupp 0 bis 4 Joer wëlle bäisetzen. All eis Servicer an Aktiounen, déi mer de Familien ubidden, bleiwe bestoen, respektiv ginn ausgebaut. Sou wëlle mer mat BabyPLUS en éischt Hëllef Cours fir jonk Elteren a reegelméisseg Ofstänn organisieren. Och de Projet „Coin des Parents“ an de Maison Relais vun der Eltereschoul soll weidergefouert ginn. Hei steet eng Persoun vun der Eltereschoul den Elteren zur Verfügung, fir perséinlech Problemer mat deenen unzeschwätzen. Déi Persoun war, wéi mer de Projet kreéiert haten, geduecht, dass se ee Mol pro Mount géif – also, et ass keng Obligatioun, dass d'Elteren sech do mussen hisetzen asw., mee et soll effektiv esou sinn, wa se d'Kanner siche kommen a se Zäit hunn, do mat där Persoun kënnen Problemer diskutieren an esou vläicht och, dass aner Elteren, déi di selwecht Problemer hunn, kënnen sech dobäi stellen, setzen asw. Et soll keng Saach sinn, déi all Dag stattfënd, well dat bréngt jo och näischt. Den Datum gëtt am Virfeld ugekënnegt.

Thema ëffentlech Wéckeldëscher wäert opgegraff ginn an et wäert gekuckt ginn, wéi a wou een Wéckeldëscher am ëffentleche Raum kann integréieren. Och de Familljendag ass net méi ewech ze denken a mat der Organisatioun geet et am Januar erëm lass. Als Familljekommissioun schaffe mer weider op deenen zwee Projekte Buerfousswee an der Lei, dee leider net fäerdeg ginn ass, vu datt dem Fieschter seng Equipe am Krisengebitt suite nom Tornado hëllef war. Och um Projet Lauschterwee ronderëm de Gehaansbiert gëtt weidergeschafft. An der Fuesvakanz wëlle mer am CNA d'Opnam vun der Geschicht an dräi Sproochen mat enger Enseignante a Kanner, déi an der Halleffinal vum Virlesconcours dobäi ware, maachen. Mir hunn awer nach en neie Projet am Kapp, dee mer realiséiere wëllen, an zwar d'Uleeë vun engem pedagogesche Bongert um Terrain Loehr zu Butschebuerg. Dat war deen Terrain, den d'Gemeng an der Préemptioun



kaf hat. Et gëtt schonn deen een oder anere Bongert op deem Territoire vun der Gemeng vun ënnerschiddleche Gréissten. D'Accessibilitéit ass awer net iwwerall einfach. Den Terrain Loehr läit gënschteg an accessibel niewent dem Home vun de bloe Scouten. Mir hunn dru geduecht, all méiglech Uebstzorten, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, op dëser Plaz – sou wäit d'Plaz dat erlaabt – ënner Form vu Spaléierbeem unzesetzen an den Terrain mat all méiglechen Hecken a Gestreicher ze ëmginn. Wichteg ass awer, dass d'Nimm, souwuel vun den Uebstbeem, wéi och vun den Hecken, an dräi Sproochen dobäistoe soll. E kleng Mulschwee soll duerch de Bongert féieren, wou d'Kanner vu Schoul a Maison Relais, awer och d'Famillje selbstverständlech hiert Uebst plécke solle goen. Voilà, domadder wier rech um Enn ukomm. Ech soen iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem Romain Zuang fir seng fir seng Aschätzung an d'Madamm Sylvie Andrich-Duval kritt d'Wuert.

SYLVIE ANDRICH-DUVAL (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. D'Schafe vu Wunnraum, virun allem vu bezuelbarem Wunnraum, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, ass en Dauerbrenner am ganze Land, besonnescht awer zu Diddeleng, wou et scho jorelaang u Wunnraum an och soziale Wunnenge feelt – ob dat lo der sozialistescher Majoritéit lo an de Krom passt oder net. Schonn den deemolege Buergermeeschter Alex Bodry huet am Joer 2006 festgestallt: verfügbare Wunnraum fir all Portmonni wier eppes Rares. Eppes dogéint z'ënnerhuelen, war awer och d'Aufgab vun der CSV Diddeleng dozou komm, dass endlech Beweegung an den Dossier koom. Eng parteiwwergräifend gemeinsam Resolutioun gouf ugeholl, an dat, fir eng proaktiv Wunningspolitik ze bedreiwe – reegerecht historesch. 1400 Wunnenge goufen ugekënnegt bis 2017. Entre temps sinn e puer Jeeërcher an d'Land gezunn. Entre temps ass et och wuel eng Rëtsch zousätzleche Wunningsraum geschaf ginn. Ob dat Zil, wat sech deemools gesat gouf, an ob dat och op all Portmonni passt, woen ech ze bezweifelen. De Projet NeiSchmelz vum ëffentleche Bauträger Fonds du Logement léisst hei hoffen. Fakt ass, d'Gemeng huet private Promoteuren et iwwerlooss, Wunnraum ze schafen. D'Madamm Kayser huet et och scho gesot. Wéi am Duerf, a Lenkeschléi oder a Bëlleg. Verpasst huet d'Gemeng et och bei déier Geleeënheet, fir sech systematesch déi 10% Code-Bar vu sozialem Wunningsbau ze sécheren, déi vum Gesetz virgesinn ass. Jorelaang huet Diddeleng d'Hitparad vun der Gemeng mat de wéinegsten eegene soziale Wunnenge quasi ugefouert. Erstaunlech jiddefalls, fir e sozialistesche Schafferot. Fakt ass weider, dass d'Gemeng et iwwer Jore verpasst huet, sech Baulandreserven unzeleeën. Och dat gouf scho gesot. Loosse mer eis dofir net vun den Zuelen am Budget blenden. Och wann de Volet „Logement et Equipement collectif“ 2020 bal 24% vun den aussergewéinlechen Ausgaben ausmécht, sou mécht den Invest fir reng Wunnzwecker, spréich zousätzlech sozial Wunnungen an Ukaf vun Terrainen an Haiser grad emol 2,8% vun de gesamten ausseruerdentlechen Ausgaben aus. An oft ginn déi Zomme vun engem Joer zum aneren lwwerdroen oder fale souguer an d'Ekonomie. Do



huet Diddeleng en zolitten Nohuelbedarf par Rapport zu anere Gemengen. D'CSV stellt och fest, dass Studentewunnungen, déi jo selbstverständlech och fir eis ok sinn, dräi Mol méi séier realiséiert ginn, an dat och nach zum Deel zu engem stolze Präis, wéi dat zum Beispill am Bauschenhaus de Fall war. Dobäi ass den Invest vun der Gemeng a Sozialwunnungen a bezuelbare Wunnraum net nëmme blutt-néideg, mee och nach gutt finanziell ze verquessen, well déi staatlech Subside leie jo, je nodeem bei 70 oder 75%. Bei Appartementer ginn et 2500€/m2.

Ech géif den Opruff vum neie Logementsminister Kox géif ech mech uschléissen, well hien huet bei der Aweigung vun der Wunnenge fir Doktorande vun der Uni Lëtzebuerg an der Maison des Chercheurs viru kuerzem gesot: „Baut dir. Mir hëllef finanziéieren.“ Awer natierlech nëmme wann d'Gemeng abordabele Wunnraum schaaft, esou de zukünftege Pakt-Logement 2.0. Wann et dann do och net nëmme bei enger Absichtserklärung vun der Regierung bleift. Handlungsbedarf spillt awer och fir d'Senioren. Entretemps si schonn eeler Leit gezwonge vun Diddeleng fortzeplënnere, well se ebe keng fir sinn ugepasste Wunneng fannen. Spréich, nei Wunnstrukture bauen, wéi zum Beispill Méigeneratiounshaiser, Studenten-Seniore-Wunnungen zum Beispill, spréich betreit Wunnen. Am Gebai vum Diddelenger Spidol kéint een zum Beispill ënner anerem betreit Wunnstrukture virgesinn – hate mir an eise Walprogramm proposéiert. An d'Michèle Kayser ass schonn op aner Aspekter vun der Zukunft vum Spidol agaangen. Seniore wëllen haut sou laang wéi méiglech autonom wunnen a gräifen net méi séier op e klasescht Altersheim, en CIPA zeréck. Si ginn haut oft am héijen Alter, wann näischt méi geet, direkt an e Fleegeheim. An dofir hätt ech och eng Fro un de Sozialschaffem, den Här Manderscheid, wat déi ugekënnegten Akaf, respektiv Reservatioun fir Diddelenger Leit an der Maison Soin „Goldknapp“ zu lerpeldeng ubelaangt. Déi ass während den nächsten dräi Budgetjore mat 30.000€ chiffriert an ech wollt wëssen, wat heescht dat konkret? Ass dat do lo eng fix Zomm fir all Joer? Wéi vill Plaze sinn dat? Kréien déi Betreffen do eppes bäigeluecht? Wat ass, wann ee Joer keen Diddelenger do wier? Muss di Zomm dann awer bezuelt ginn? Dat si Froen, di sinn net kloer, wéi dat funktionéiert. A quitt dass de Goldknapp op Alzheimer-patiente spezialiséiert ass, ass et awer och wäit fir déi Famillje vun de Kranken, fir bis erop an d'Eisléck ze fueren. Dofir meng Fro: Wären nach aner Alternativen do um Dësch, wéi zum Beispill d'Maison de Soin „An de Wisen“ zu Beetebuerg? Firwat huet de Schafferot grad dësse Choix gemaach?

Da begréisst d'CSV och ausdrécklech d'Schafe vun engem eegene Service-Logement. Dat fuerdere mer och schonn zënter Joren. Dat ass souguer dokumentéiert. Grad sou ausdrécklech begrësse mer, dass d'Zuel vun de soziale



Gemengewinnungen entre temps bei 37 läit, dovunner 11 Konventionne mat Associatiounen, déi e Suivi vun de Locataire garantéieren, wat ganz wichteg ass. Et si jo och nach Wunnungen an der Rue du Commerce an der Pipeline an och mat verléissleche Partner, wéi d'Oeuvre paroissiale. Si schafen eleng 8 miwweléiert Zëmmer an zwee Appartemen. Bei Privatileit, déi hir Wunnung zur Verfügung stellen, ass sécherlech och nach Loft no uewen. An hei sief eben un dee Model, dee scho genannt gouf, och vun der Agence immobilière sociale verweisen. Mee d'Präisspiral um Wunnungsmaart, déi dréit ëmmer méi séier an ass awer deelweis och house-made by Gambia. Mir hunn de Moment eng reegelrecht Wunnungsnout. Grad Leit mat nidderegem Akommes sinn am meeschte betraff an de Sozialschäfte René Manderscheid huet mat Recht d'lescht Woch ënnerstrach, dass den Armutsrisiko klëmmt. Betraff si souguer ëmmer méi Leit, déi eng Aarbecht hunn – déi sougenannte „working poor“ – ouni fest Aarbechtskontrakter an och Famillje mat Kanner. Mir hunn dat d'lescht Woch héiere bei den Diskussiounen zum Office Social an dofir och nach eng Kéier meng Felicitatioun fir déi gutt Aarbecht, an déi elo och méi kohärent soll organiséiert ginn. Wichteg also och, méi Aarbechtsplazen ze schafen, an dat net eleng weinst der Mobilitéit, fir dass mer hei kënnen wunnen, schaffen, liewen, gemäss dem IVL-Konzept, dat op deen deemolege CSV-Minister Weydert zréckgeet, do ass de Schäfferot lo awer leider net sou äerdeg.

Ech hat awer och nach eng Fro, wat d'Entwécklung vun Helper ugeet. Déi war och schonn haut ugeschwat ginn an déi soll 2020 ugaange ginn. Do ass jo eng kommunal Aktivitéitszone virgesinn. Mee initial bei der Virstellung vun dem Plan directeur, déi op de Mee 2013 zeréckgeet, do war awer och en Deel Wunnraum virgesinn. Ass dat nach ëmmer sou? A wa jo, wéi vill Wunnraum soll do entstoen? Da steet och den Aménagement vun der Birenger Kiermesplaz nees nees eng Kéier um Menü mat 50.000€. Déi gouf vum Budget 2019 mat eriwwer geholl. D'lescht Joer sot den Här Buergermeeschter, de Baulückeprojekt vum Fonds du Logement – Birenger Haff genannt – wier quasi Sprochräif. Lo wollt ech wëssen, wéi ass do de leschte Stand an deem Dossier? Wéini geet et lass? Gëtt dat ënner Ëmstänn och en Öko-Projekt? Dat wier interessant ze wëssen. An à propos „Hausnumm“: Den Hausnumm vun dem fréiere Proprietär Holzstein do heescht A Ruppen. An ech géif et Schued fannen, wann dee géif verluer goen. An ech bieden do de Schäfferot, vläicht an deem Sënn och beim Fong z'intervenieren. Well oft sinn déi al Hausnimm, déi si guer net méi bekannt an d'CSV, déi fënnt, dass dës traditionell Nimm, sollten net an de Vergiess geroden. An ech proposéieren dofir, dass de Schäfferot sech soll inspiréieren un der Initiativ vun der Gemeng Draufelt oder Konteren, wou iwwerregens in Diddelenger Meedchen, Buergermeeschtesch ass. Den Här Buergermeeschter gouf kierzlech drop sensibiliséiert vun engem opmierksame Bierger, grad ewéi ech och, mee et ass quasi Telepathie, well et huet och mir gutt gefall. D'Gemeng Konteren huet dat nämlech zesumme mat den Natur- a Geschichtsfrënn „Ieweschte Sirdall“ lancéiert, an et huet e grouse Succès bei de Bierger. Déi al Hausnimm sinn nogesicht ginn an d'Bierger kruten ugebueden, fir eng vun der Gemeng finanziert dezent Lieseplack un hirer Fassad unzemaachen. Keng deier Affär. A se géif

sech besonnescht ubidden, fir verschidden Traditionsquartieren, zum Beispill Butschebuerg. Am rezente Buch „Im Schatten des Johannisberges“, rausgi vum Interesseveräin Butschebuerg a geschriwwen vun engem Diddelenger mat enger gudder Fieder, fir de Schmit Raym net ze nennen, dee lo leider net mi grad am Sall ass, sinn déi Hausnimm schonn nogesicht. Awer och Bireng géif sech dofir eegenen. Do wier nach e bësse méi Aarbecht, fir di Lëscht mat den Hausnimm, de richtegen Haiser zouzeuerdnen. An de Schäfferot soll sech do och net ze laang ze bedanken, well d'Zuel vun de Birenger Stadbiereger, déi do kënnen eng Hand upaken déi gëtt schnell méi kleng, vu hiren héijen Alter. Ech wier jiddefalls och gewëllt, do eng Hand mat unzepaken.

Dat gesot, d'Fazit vun der CSV punkto Wunnungsbaupolitik: d'CSV vermësst Visiounen vun der Gemeng op dësem Gebitt, trotz verschiddener positiver Akzente. A meng Fraktiounskolleegin Michèle Kayer-Wengler huet et och scho bei den Diskussiounen zu dem pluriannuelle Finanzéierungsplang ënnerstrach. D'CSV fuerdert scho jorelaang e kommunale Wunnungsplang. Mir sinn dialogbereet a wäerten alles ënnerstëtzen, wat sënnvoll ass. D'Gemeng soll egal wéi mol endlech Neel mat Käpp maachen, hiert Virkafrecht méi systematesch notzen, méi selwer bauen, Terrainen an Haiser kafen, Inventaire vu Baulücke maachen a se duerno opfëllen, bezuelbare Wunnraum fir jonk Famillje schafen, bezuelbar Start-Up Wunnenge fir jonk Diddelenger ubidden, zentral geleeë Wunnungen an nei Wunnforme fir eeler Leit lancéieren an net ze vergiessen, accessibel fir Leit mat enger Behënnerung an eng gesond sozial Mixitéit garantéieren. Mënschewierdegt Wunnen ass en elementaart Mënschenrecht an och d'Gemeng Diddeleng ass gefuerdert, fir all hire Bierger e bezuelbaren Dag iwwer dem Kapp ze erméiglechen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci der Madamm Andrich. Weider Stellungnamen? Den Här Claude.

BOB CLAUDE (LSAP): Här Buergermeeschter, dir Dammen an dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot. No der ausféierlecher Presentatioun virun enger Woch vum Budget 2020 duerch den Här Buergermeeschter an di Dammen an Häre Schaffen, huelen haut déi verschidde Conseillären a Conseillere Stellung dozou. Och dëst Joer hu mir bis elo méi oder manner kritesch Interventiounen vu menge Virriedner aus Majoritéit an Opposition héieren. Déi positiv Ureegungen a Propositionen, och vun der Oppositionen, sollen trotzdeem iwwerpréift an eventuell kuerz- oder laangfristeg zréckbehalen ginn. Säit dräi Joer ass de Budget online op eisem Internet-Site. Dat erméiglecht dem Bierger dobaussen, déi eenzel Posten am Budget a voller Transparenz nozesichen an sou en däitlechen Abléck a quasi all Beräicher vum Fonctionéiere vun eiser Stad ze kréien.

An domat kommen ech op déi Beräicher, wou ech als éischt wëll agoen. Ee Beräich, dat ass d'Informatik an nei Medien. Et muss ee begreifen, dat d'Uschafung vun der City-App endlech no engem Joer Realitéit ginn ass, an de Kommissiounsmemberen an enger Sëtzung am Ufank vum neie Joer presentéiert ka ginn. Dës interaktiv



Applikatioun ass gëschter fräigeschalt ginn. Si ass och am Smartphone iwwert den App Store oder de Google Play Store disponibel a bitt folgend Servicer un: News – dat heescht, d'Aktualitéite vun eiser Stad. De Report It – E Service, wou de Bierger alles iwwert den Handy mat Foto a senger GPS-Positioun melle kann, wat reparéiert, ausgewesselt oder verbessert soll ginn. Notifikatiounen – dat heescht, Push-Meldungen, fir iwwert verschidde Verkéiersproblemer, Changementer an d'Offaltournée, awer och iwwert verschidden Evenementer, wéi Lokalfester, Concerten an Expositiounen opmierksam ze maachen. De Bus – Wéini kënnt den nächste Bus a wou ass den noosten Arrêt? De Vëlo'OK – wou befënnt sech déi nächste Vëlo'OK-Station a si Vëloen op der Plaz? Den Offall – Wéini kënnt déi nächsten Tournée fir de Pabeier, Glas an aneren Offall ewechzehuelen? Virun enger Woch huet och eng aner Gemeng, an zwar eis Nopeschgemeng Beetebuerg, déi selwecht Applikatioun fräigeschalt. An dat ass interessant, wéi déi zwee – ech wëll elo net laang vergläichen, mee fir iech och ze explizéieren, wéi flott dat ass a wéi een op deenen zwou, also op eiser oder op der Beetebuerg – eens ka ginn. Si si just selwecht an zum Beispill ganz interessant ass jo an där Applikatioun de Report It. An do ass Beetebuerg scho méi wäit, well Beetebuerg besteet jo scho säit siwen Deeg. Do gesäit een, wéi et funktionéiert. Zum Beispill, ech huelen e Beispill, dat ass elo fir ze laachen: „vomissement par terre depuis une semaine“. Dat ass virun engem Dag agaangen, mat och effektiv enger Foto an da steet, dat gëtt da weidergeleet, dat ass och woufir ech dat lo och hei soen, gëtt weidergeleet, un dee Service, deen dofir responsible ass an da gëtt e Suivi gemaach. Et ass nämlech ee Report scho fäerdeg: „éclairage routier“. Do steet „terminé“, dat war viru siwen Deeg. Dat heescht, do huet ee Bierger – an den Text kënnt och deelweis dohi stoen, ouni Numm natierlech – huet ee Bierger dat gemellt. An dat ass, wat flott ass, dat wäert och hei zu Diddeleng geschéien. Dat ass geschitt. An da steet do „terminé“. Dat heescht, wann elo een eng Doleance huet an déi gëtt iwwerhaupt net beuecht vun deenen zoustännegen Servicer, da wäerten d'Leit dat dobausse scho mierken. „Ou, firwat gëtt dat net gemaach?“ an da kënnt Drock hannendrun an dann ass dat méiglech.

Do muss een natierlech och op dëser Plaz all deene Leit an de Servicer Merci soen, déi reagéieren müssen, well si hu schliisslech d'Aarbecht, fir datt dat alles alt erëm an d'Gudde kënnt. Wou ech awer och wëll soen: Mir hunn op eise Service – well dat ass dann net kloer, et muss ee jo domat eens ginn – wou ee muss drécken, fir dohin ze kommen: d'Déchêten zum Beispill. Dat ass den Offallkalenner. Mee ech hu festgestallt, och a menger Strooss géif de Müllwon op dem 1. Januar kommen. Dat kritt ee mat Push-Meldungen an Notifikatiounen. Mir hunn nëmmen zwou sou Rubricen. Dat ass de „ramassage des déchets“. Dat ass wichteg fir dat och anzuschalten. Dir musst dat da gréng maan, well soss kënnt et net. An „circulation et chantier“, dat ass wann hei an Diddeleng e Chantier an e Zirkulationsproblem ass. Dat kënnt direkt an de Push-Meldungen. Voilà. Ech wollt domat soen, datt Villes kann ausgebaut ginn an dat ass dat Flottst un där App do. Et kënnen ëmmer méi Servicer an Zukunft an di App agebaut ginn. Ech denken do un den digitale Reider oder un d'Offre

d'Emploi zum Beispill. Also eng ganz flott Initiativ, e ganz flotte Joujou, kann ee mol sou soen an all Diddelenger soll sech deen op säin Handy oder op säi Smartphone oflueden an dann ass een déi ganzen Zäiten informéiert, wat an Diddeleng lass ass.

Den Zougang zu der Informatik an dem Internet gëtt fir Kanner, Erwuessener a Leit mat méi spezifesch Besoinen duerch Coursen an der Briller Schoul accessibel gemaach. An de Kannercourse léieren déi jonk Leit, déi digital Fotografie, all d'Virdeeler vum Internet an awer och d'Risiken, sou wéi den Ëmgang mam Computer an déi noutwenneg Programmer. Et muss och weider am Beräich Sécherheet am Internet promouvéiert ginn. Zesumme mat InterAktion an der Seniorskommissioun fënnt de Computer-Handy-Dialog e grouse Succès. Do kënnen déi Leit mat Erfahrung deene manner Erfuerenen den Ëmgang mat den neie Medie bäibréngen, an dat an engem gemittlechen a frëndschaftlechen Kader. Eng aner flott Initiativ ass de Code-Club fir Kanner vun 8 bis 12 Joer. Do ginn d'Kanner op eng spilleresch Manéier an déi nei Technologien agefouert andeem si Spiller selwer kodéieren. Eng Vitrin vum eiser Stad ass a bleift den Internet-Site „Dudelange.lu“. Et ass wichteg, dass déi Bierger schnell un all néideg Informatiounen komme kann. Dobäi muss de Site stänneg aktualiséiert ginn. Ureegung vum de Bierger sinn ëmmer wëllkomm. Och wann dat ganz schwierig ass, kéint een drun denken, dee Site nieft der franséischer Sprooch och däitscher Sprooch unzebidden. Nieft dem fräie WiFi vum Hot-City op eisen ëffentlechen Plazen ass beim Aféiere vum EasyWiFi an eisen ëffentlechen Gebaier wéi am Centre Hartmann, am regionale Kulturzenter op der Schmelz oder an der regionaler Bibliothék den Accès zum Internet vereinfacht. Den Internet ass mëttlerweil an all eise Schoulen ukomm. Ronn 150 I-Paden an eng Rei Apple-TVë sinn an déi verschidde Gebaier geliwwert ginn. De Suivi vun deenen Apparate gëtt iwwert de sougenannten Zulu-Desk gemaach. Och ass eng steigend Demande vun Enseignanten do, fir Formatiounen ze maachen.

An als zweet kommen ech elo zum Beräich Sport. D'Stad Diddeleng ass e bleift eng Héichbuerg vum Lëtzebuergeschen Sport. Déi gutt Resultater vun eise Veräiner an Einzelsportler beweisen dat. Modern a manner modern Infrastrukturen, déi alleguer sou gutt wéi méiglech a guddem Zoustand gehale ginn, stinn eise sëllege Sportveräiner zur Verfügung. Nieft den ordinären Ausgabe fir ënnert anerem d'Uschafe vu sougenanntem klengen Material, stinn an den aussergewöhnlechen Ausgaben de Poste vun iwwer 3 Milliounen Euro fir déi zweet Phase vun der „mise en conformité“ vum grouse Baseng an der oppener Schwämm, fir d'Renovatioun vun den techneschen Lokalen an d'Konstruktioun vun engem neie Pavillon mat Kabinen, Vestiaires an Duschen. Och si 750.000€ fir d'Konstruk-



tioun vun der Schwämm an dem Gymnasium um Strutzbiërg agedroen. 100.000€ si fir eng sougenannte „remise en état“ vun de Vestiaires an der Tribünen um Stade Jos Nosbaum virgesinn. Méi kleng Zomme kaschten den Duerchbroch an de Vestiaires an d'Installéiere vu Storen am neien Hartmann, d'Amenagement vun engem Büro an den ale Vestiaire um Stade Meyer, sou wéi d'Installatioun vun engem Haut-Vent un der Entrée vun den neie Vestiaires, an dat um Meyer. Och gétt de Belag vum Ministade bei der Deicher Schoul erneiert. Eng flott Initiativ ass den Amenagement vu Slacklines am Mayrischpark an am Park virum Lycée Nic Bieber an der Parkstrooss. En Hoffnungsschimmer gétt et zum Thema „neie Stadion zu Diddeleng“ mat engem Budgetartikel vu 60.000€ fir „d'frais d'études an d'Frais de recherche an de développement“ vun engem Masterplang beim Stade Meyer. Déi selwecht Fraisé sinn da mat 100.000€ fir de Projet vun enger neier Tennishal an enger Liichtathletikhall fir den CA-Diddeleng um Stade Kennedy agedroen.

Eng wichteg Ulafstell fir d'Sportveräiner ass virun allem eise Service des Sports. Dëse Service ass zoustänneg fir d'Iwwerwaachung an d'Reservatiounen vun alle Sport-Infrastrukturen. D'Sportveräiner ginn och 2020 vun der Gemeng infrastrukturell, materiell a finanziell staark ënnerstëtzt. Eng Rei vun Installatiounen a Raimlechkeete gi gratis zur Verfügung gestallt an ënnerhalen. De Service des Sports organiséiert den 13. Juni an der Fondouq Hal, déi schonn traditionell Nuit des sports. D'Sportkommissioun verfüügt iwwer dee selwechte Budget wéi 2019, fir ënnert anerem d'Organisatioun vun der Sportleréierung, déi elo de 7. Februar stattfënnt. Déi nach ëmmer äerdeg LASEP-Spektioun gétt mat 2500€ ënnerstëtzt. Sport an der Schoul ass déi lescht Zäit erëm an d'Schlagzeile komm, mam Projet „Bewegte Schule“. Dëse Projet ass vum Service des Sports ausgeschafft ginn a besteet aus dräi Voleten: Zu Fouss oder mam Vëlo an d'Schoul goen oder fueren, sech gesond ernären a sech mindestens all Dag während 5 bis 10 Minutten an der Klass duerch einfach Übung beweegen. Den Detail vum Projet ass virun e puer Wochen an enger Powerpoint Presentatioun vum Service des Sports de Schoulpresidente virgestallt ginn. Elo läit de Ball beim Léierpersonal. Dat Ganzt soll awer op fräiwëlleger Basis geschéien. De Projet „Bewegte Schule“ ass eng Aart Pilotprojet. Wat dobäi erauskënnt, gétt um Enn vun dësem Schouljoer ausgewäert. Voilà, dir Dammen an dir Hären, dat war meng Interventioun zu de Budgetsdebatten. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Claude fir seng Stellungnam. Den Här Gangler fiert weider. Dir hutt d'Wuert.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen am Schaffen a Gemengerot. Eis Stad ass also weiderhin an enger exzellenter finanzieller Situatioun, ënner anerem duerch ëmmer méi héisch staatlech Zouwendungen. Dat erlaabt eis den Niveau vun den Investitiounen weider héisch an d'Verscholdung weider kleng ze halen. Besonnescht begrëssenswäert ass, dass och 2020 net soll op en Emprunt zrëckgegraff ginn an dass d'Pro-Kapp-Verscholdung erofgeet, wat net nëmmen op déi steigend Awunnerzuel zrëckzeféieren ass. Am Soziale Volet fanne mer déi grouss Efforten an den Aide au re-emploi erëm. Bis elo sinn déi Investitiounen all Joer erop gaangen an d'staatlech Subventiounen dozou och. Allerdéngs gounge d'Recettë vum CIGL vun 2018 op de Recitifié 2019 ëm 50.000€ erof an am Budget 2020 sti guer keng méi. Depense bleiwen awer déi selwecht Héisch. Ech hat aus dem Schaffe Manderscheid sengen Ausféierung bei der Virstellung vum Budget leschte Freide keng Ausso dozou fonnt a wollt froen, ob ech do w.e.g eng Erklärang kéint kréien. Eng weider begrëssenswäert Beschäftigungs-moossnam ass zum Beispill och de Projet Vël'OK, dee mir an enger Konventioun mam CIGL-Esch, zesumme mat siwen anere Südgemege bedreiwen. Do geet eisen ordinäre Budget 2020 vu 47.500 op 51.000€ erop. Mat eiser Participatioun huet eis Gemeng déi éischt Generatioun Vël'OK ë fir de CIGL kaf a sinn ënnerstëtzt weiderhin d'Reparaturen an d'Ausbildung vu Chômeuren zu Vëlosmechaniker. Wie alle Jahre wieder, géif ech och dës Kéier nees e puer Saachen nofroen an ech si sécher, Madamm Dall'Agnol huet scho bestëmmt d'Äntwerten drop preparéiert. Éischtens: Wéi vill Leit 2019 am CIGL-Esch an dem Vël'OK-System geschafft hunn, wéi vill der do duerch an deem Beräich eng nei Aarbecht fanne konnten, an och op do Diddelenger Chômeuren dobäi waren. Zweetens: Wéi déi lescht Statistike vun 2019 zur Akzeptanz vum Projet bei der Bevëlkerung ausgesinn. An drëtzens iwwert déi spezifesch Diddelenger Zuele vu Pannen a Reparaturen vum System wollt de Schafferot eis am Dezember 2018 näischt soen. Lo wollt ech froen, ob dat elo fir 2019 selwecht wier. D'Madamm Dall'Agnol hat leschte Freideg gesot, et géif d'Madamm Goerge freeën, gewuer ze ginn, dass déi Verantwortlech vu Vël'OK zanter Oktober 2018 un engem neie Model vun deenen elektresche Vëloe géif plangen an dass geschwënn mat engem Resultat an där Sich ze rechne wier. Abee stellt iech fir, net nëmmen d'Madamm Goerge wäert dat freeën, mee mech och.

De leschten 21. September zum Ofschloss vun der Semaine de la Mobilité, hat eis Gemeng eng extra Veranstaltung am Zentrum organiséiert, mat als Héichpunkt enger Vëloscourse mat groussen Nimm wéi Myriam Keller-Meyers, Kim Kirchen, Acácio da Silva an Edy Schütz. Nodeems ech schonn d'ganz Woch op engem Vël'OK trainéiert hat, an dobäi mat der CSV beim Tour du Duerf op déi drëtt Plaz komm war, wollt ech dee Samschden och un deem groussen Event deelhuelen. Also hunn ech mäin Depart zu Butschebuerg geholl. Zur Feier des Tages hat de CIGL di ganz Statioun mat fënnf Vël'OKe voll gemaach an nodeems ech der zwee probéiert hat, konnt ech mer een eraussichen, wou d'Batterie net platt war. Mat deem sinn ech dann erof an den Zentrum gefuer an hu meng Ronnen an där besoter Course mat



gedréit. Um Enn vun der Course hat ech dunn déi onvirstellbar Chance en neie Vël'OK Model testen ze dierfen an ech kann iech verroden: Dat war en iwwerwältigend Gefill. Ech weess net, ob dat och do dee Model war, dee lo schlussendlech deen ale schwéieren onpraktesche Model soll ersetzen, mee do leie Welten tëscht deenen zwee Modeller. Nom Eierewäin hunn ech mech dunn erëm op mäin Model éischt Generatioun geschwongen an hunn dee mat vill Méi a Motivatioun erëm Richtung Butschebuerg gedréckt. Do ukoum war déi Statioun leider nach ëmmer komplett voll an et war keng eidel Plaz fräi, fir de Vël'OK zréckzeginn. Do sinn ech duerch de Ribbeschpont erofgetuckert bis op den Zucharrêt Diddeleng-Bireng, wou ech dunn endlech eng Statioun fonnt hunn, déi mäin Vël'OK ugeholl huet. Do konnt ech da just kucken, wéi ech da zréck op Butschebuerg koum. Dëst also just fir iech ze soen, dass de Renouveau vum der Vël'OK-Flott wierklech net vu Muttwëll ass, mee dass dee ganze System awer villäicht nach e bësse muss optimiséiert ginn. An da komme meng Froen, déi ech drunhanken: Muss eis Gemeng, déi nei Modelle lo och erëm nei kafen, also nei dodran investéieren? Oder ginn déi al vum CIGL a Rumänie verkaf an domat neier kaaft? Wann eis Participatioun um CIGL-Esch sengem Vël'OK Projet 2020 ëm 3500€ eropgeet, heescht dat, dass mer domadder zum Kaf vun den neie Vëloë bäidroen? Zweetens: Nei Statioune ware fir 2019 keng geplangt. Dat hat eis d'Madamm Dall'Agnol virun engem Joer gesot. Am Rectifié 2019 stinn awer 116.500€ an am Initial 2020 keng. Kéint ech do villäicht Erklärungen kréien? Drëtters: Dann ass mer opgefall, dass am Eurohub eng Vël'OK Statioun opgeriicht ginn ass. Komescherweis huet se um Site vum Vël'OK den Numm „Route de Zouffthgen“. Ech weess net, wéi een dat verstoe kann. Mee et ass ganz sécher eng ganz gutt Saach dat do, fir déi beruffsgebonne Mobilité douce. A kënnt Dir eis just w.e.g soen, wien déi Statioun bezuelt huet. Véiertens am Kontext vun deser professioneller, also net rekreativer Mobilité douce, hat de Pro-Sud 2018 eng Etüd gemaach zur Vëlostauglecheit vun de Reseau vum de Süd-Gemengen: „Etude de cyclabilité“.

D'lescht Joer war ech do vum Schäfferot op den Internetsite vum Pro-Sud verweise ginn an do konnt ee liesen, dass déi Etüd, an där mir als Pro-Sud Gemeng jo matbeziehen, hir éischt Phase ofgeschloss huet, mat enger „Carte du réseau cyclable fonctionnel“. Enn 2019 sollt dann zum Ofschluss vun der zweeter Phase e Rapport doriwwer rauskomme mat Recommandatioune fir all Gemeng, wou misst un der Vëlostauglecheit vum Reseau nogebessert ginn. Huet de Schäfferot dee Rapport scho villäicht kritt? Wat fir Erkenntnisser bréngt dee fir Diddeleng? Eng weider Mobilitésetüd „Liste des projet/LIST-Projet? d'étude mobilité et environnement 4/590“, stoung am Rectifié 2019 mat 50.000€ a steet fir 2020 do mat 0€. Domat kann ee jo unhuelen, dass déi Etüd ofgeschloss ass an da wollt ech froen, ob elo schonn, oder wéini soss, de Schäfferot eis d'Resultater vun där Etüd kann duerleeën? Vun der Mobilité douce bei de rouende Verkéier: Et freet eis festzustellen, dass d'Akzeptanz bei der Bevëlkerung vum Parking am Duerf ëmmer besser gëtt. Nodeems mer 2017 nach 65.500€ Kompensatioun hu missen un INDIGO bezuelen, well de Parking net vill genotzt gouf, waren et am Rectifié 2019

nach just 55.000 a fir 2020 si 40.000€ agesat. Dat misst sech jo dann och an der Zefriddenheet vun de Geschäftsleit erëmispigelen.

Da gi mer vum Zentrum eraus an d'Natur. D'Naturschutz, Energieerspuernisser, Reduktioun vun den Emissiounen beschäftegen eis Gemeng all Dag a mer kënnen eis mat eise bisheeregen Ustrengungen duerchaus weise loossen. Eis Klimapaktzertifizéierung huet leider duerch eng eesäiteg nei Festleeung vun de Krittären e bësse gelidden a mir sinn erëm méi vun deem ugestriefte Gold-Label ewechgeréckelt. Meng Fro aus deem leschte Gemengerot bleift nach onbeäntwert. Wann eis Gemeng e konkrete Projet „OUNI“ zur Vermeidung vu Verpackungen ënnerstëtzt, bréngt dat eis dat dann och erëm Punkten am Klimapakt an? An eng aner Fro: Do war d'Madamm Kayser schonn zevirkomm: Ob de Schäfferot sech vläicht kéint virstellen, dass der CSV hir Propose de Quartier Abëlleg autofräi ze maachen, och hätt kënnen eis dem ugestriefte Gold-Label méi no bréngen? Da si mer dem europäesche Konvent vun de Buergermeeschtere bäigetrueden a schaffen zesumme mam de Gemengeservicer un engem Aktiounsplang zu engem Nohaltegekeets-Masterplang. Iwwer dräi Joer sinn do am Ganze 410.000€ virgesinn. Finanziert gëtt dat alles mam Reservefong vum Klimapakt, deen zanter 2015 gespeist ginn ass. Aus deem Reservefong waren 2016 schonn eng Kéier 50.000€ rausgeholl ginn, fir eng Etüd iwwer d'Loftqualitét ze finanzéieren, vun där mir awer bis elo awer leider nach kee Resultat virgedroe kruten. Ech menge verstanen ze hunn, dass déi 10.000€ u Subside fir Veräiner, déi d'Nohaltegekeets-Charta an de Zero-Waste-Plang vun der Gemeng matdroen, och indirekt aus deem Klimapakt-Fong bezuelt solle ginn. Ass dat richtig? Kann de Schäfferot eis fir déi Ausgabe fir den Nohaltegekeets-Masterplang, déi sollen aus dem Klimapakt-Fong erausgeholl ginn, scho villäicht éischt konkret Projeten opzielen, déi bis elo domat bezuelt goufen? A wann ech mer dann eng kleng Bemierkung erlaben dierft: Dem Schäfferot seng Ausso „2020 gi wéi 2019 d'Reserven net ugetaascht“, ass vläicht also net 100%-eg korrekt, well an deem Reservefong vun der Gemeng ass jo och dee vum Klimapakt dran an dee gëtt jo lo schonn ugezaapt. Zukunft vun dem Reservefong ass iwweregens ongewëss, well 2020 soll dee Klimapakt auslafen, a bis elo wësse mer net, wat am Plaz kënnt.

Dës weidere fanne mer dann am Ëmweltbudget deen neien Drecksamion, deen 2020 soll ugeschaaft ginn. Eng Neierung bréngt dese Camion mat sech. E wäert equipéiert gi mat engem System, deen et erméiglecht, d'Gewicht vun den Dreckskechten ze moossen an da soll am Laf 2020 d'Taxereglement ugepasst ginn, fir dass net méi soll opgrond vun der Zuel vun de Vidange, mee vum Gewicht vum Müll taxéiert ginn. Momentan huet eis Gemeng laut Ausso vun de Regiebetriber scho 6 Drécksamionen, vun deenen der all Dag op d'Mannst zwee am Asaz sinn. Fir dass déi nei Taxeberechnungen kënnen agefouert ginn, muss awer ausser deem neie Camion och nach deen een oder aneren ale mat deem System nogेरëscht ginn. An ech hunn am Budget awer keng Indikatiounen fonnt, wéi déi Ëmrechnung soll finanziert ginn. Kann de Schäfferot mer do w.e.g Kloeerheet verschafen? Nach eng Verständnisfro am Volet Ëmwelt. De STEP-



Recyclingzenter vun Téiteng soll nei amenagéiert ginn. Dat kascht en zwou Milliounen an Diddeleng als Member vum STEP soll dovunner 43% bäisteieren, also ronn eng Millioun Euro. Dozou huet den Emweltschäffe gesot, dee Montant wier dorop zrëckzeféieren, dass deen Terrain, ob deem de Recyclingzenter läit, elo soll kaf ginn. An der Finanzkommissioun huet eis de Pascale Pull awer erkläert, dass den Terrain net kaf gëtt, well dat soss eng Ausgab vu 4 Milliounen, also fir Diddeleng eng vun 2 Milliounen géif bedeuten. Kann de Schäfferot eis do w.e.g Kloeerheet verschafen?

Vun der Ëmwelt dann eriwwer bei den Urbanismus. Den neie PAG vun eiser Gemeng hu mer jo da leider als eng vun zwou Südgemengen och nom 5. Ultimatum an 10 Joer net fäerdeg kritt. An engem Zeitungsinterview vun eise Häremermeeschter konnt ee liesen, dass d'Sanktiounen, déi vum Inneministère ugekënnegt goufen, fir Diddeleng awer net besonnesch frappant wieren. Den Häremermeeschter huet d'Verzögerung vun eiser Gemeng dorop zrëckgefouert, dass eis Servicer intensiv um Ausschaffe vun de 4 PAPe vun NeiSchmelz an um PAP Abëlle geschafft hunn. Op d'Resultat vun der strategescher Ëmweltprüfung huet misse waarden an domat net genuch Zäit haten, un der PAG ze schaffen. Den Aarbechtsgrupp-PAG schafft momentan och mat Héichdruck. 2013 gouf en an d'Liewe geruff. 2013 a 14 hate mer keng Sitzung, 2015 der zwou, 2016 eng, 2017 keng, 2018 eng an 2019 hate mer der lo siwen. Wat de Finanzement ugeet, sou fanne mer an de Konte vun 2007 bis 2014 166.000€ un Ausgaben, also ronn 22.000€ d'Joer. Am Kont vun 2015 koumen der dunn 83.000 dobäi, 2016 36.000. Am Rectifié vun 2017 fanne mer 148.000€, an deem vun 2018 121.000 an an deem vun 2019 85.000. Mee erschreckend ass allerdéngs deen Antrag am Initial 2020 vun 350.000€. Lo wou ee mengt, dass mat der geplangter éischter Saison am Gemengerot den 28.02.2020 d'Enn vum Tunnel a Siicht wier, gëtt elo am leschte Joer mat enger Ausgab gerechent, déi bal sou héisch ass, wéi déi vun deenen 12 Joer virdrun. Kann de Schäfferot eis villäicht erklären, wourun dat läit?

Schlussendlech dann nach eng lescht Fro. Wéi dir all wësst, ass d'CSV ëmmer drop beduecht, dass hei zu Diddeleng d'Kierch am Duerf bleift an dofir ënnerstëtze mer och d'Renovéierung vun der Fassade vun eiser Parkierch. No engem Devis remanié vun 2012 iwwer 1,1 Milliounen Euro si bis elo duerch gemeinsam Ustrenge vu Staat, Gemeng a Kierchefabrik 685.000€ an d'Restauratioun vum hënneschten Deel vun der Kierch gefloss, fir déi mer och Subside vum Staat kritt hunn. Folgend Fro drängt sech awer elo op: Wisou muss da lo fir de flichten Deel, rëm eng Etüd vu 50.000€ gemaach ginn? War da mam Devis vun 2012 net alles gekläert ginn? Dës an all aner Froe wiere mer frou, haut geän-

twert ze kréien. An well ech sou verdrësslech sinn, dass ëmmer an de Gemengeréit meng Froen net all beäntwert ginn an ech mer awer wierklech Méi gemaach hunn, fir se all zesummenzekrazen, hunn ech mer erlaabt elo e Froekatalog opzestellen, deen ech dem Schäfferot wëlt iwwerreechen. Domat hu se de Relevé vu meng Froen an hunn da gutt Zäit fir an der Mëttesstonn dorop virzubereeden a mer déi de Mëtten ze beäntweren. Villmools Merci. Nach eng Saach: Bis elo huet kee Virriedner hei gesot, ob e fir oder géint dee Budget stëmmt. Da soen ech et och net. Ech loosse d'Spannung och grouss. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Häre Gangler. Ech wëll vläicht hei präziséieren, dass awer dës Gemengerot Chance huet, dass en de Mëtten d'Äntwere kritt vum Schäfferot. Et ginn aner Gemengen, notament CSV-gefouert Gemengen, do ass nach eng Woch dertëscht, wou se sech da gutt Zäit huelen, op Froen ze äntweren. Wann also hei der Meenung ass, dass mer nach eng drëtt Sëtzung sollen derbäisetzen, voilà. Gutt, ech mengen dann, voilà, nee, dat muss een och a Consideratioun zéien. Ech mengen dir hunn d'Chance kritt, ënnerhalb vun e puer Stonnen eng Fro op Är Äntwert. Voilà, dat wëll ech emol hei präziséiert hunn. Nächste Riedner, et geet weiter! Wie fillt sech beruff? Den Häre Garcia.

ROBERT GARCIA (DÉ GRÉNG): Ech soe menger Kollegin Romy Goergen Merci fir hir ganz gutt Analys vum Budget. An deem Exercice ass si jo schonns Spezialistin, dofir ass deem näischt bäizefügen. Dofir hat ech déi lescht zwee Joer just e puer eenzel Saachen erausgepickt, ënner anerem Verkéier, Ëmwelt, Kultur an Demokratie. Ech hunn d'Impressioun, zimmlech alles gesot ze hunn. Dofir wollt ech dës Kéier vum Detail op dat ganz Grousst oder grousst Ganzt eropklammen. Et leeft een nämlech Gefor, wéi een Zäandokter – net perséinlech gemengt – just nach de Karies an déi Lächer fir ze bueren ze gesinn, an net dat ganz Gebëss. A scho guer net de ganze Kierper, dee mat all Karies a Verbindung steet. Dir kritt also eng kleng Überfliegerried, eng kuerz mat villen Zännlücken. Ech hu fir dës Budgetsried net nëmmen déi zwou lescht vun 2017 an 2018 nogelies, mee och eng Rei vun Dokumenter aus de Joren 1994 bis 1996. Well am Géigesaz zu deene meeschte jonke Spunten hei bann war ech deemools och schonn am Gemengerot, beim Mars Di Bartolomeo a Marc Zanussi ënner anerem. Eng flott a spannend Zäit, mat dem Fokus deemools – wee wonnert et – op Verkéier, Ëmwelt, Demokratie, Bebauung, Schoul. Schoul, déi haut wéineger kommunalt Thema ass, dofir gouf et deemools kaum iwwer Logement gedeedt, wat jo haut am Fokus steet. Keng Angscht, ech wëll lo keen nostalgische Réckbléck maachen an och kee Vorher-Nachher. Oder dach, e bëssi, well et ass schonn interessant sech ze froen, wat huet sech säit 25 Joer geännert. Zum Besseren oder zum Schlechteren. Wéi eng Dossierë sinn nach ëmmer Dauerbrenner? Wat gouf gemeeschtert? Wat gouf verpasst? Iwwert wat solle mer villäicht méi oder iwwert wat manner hëtzig debattéieren? Manner, well et scho villäicht säit 25 Joer kale Kaffi ginn ass.

Ech wollt kuerz versiche mech an d'Haut vun engem alen Diddelenger ze versetzen. Ech sinn zwar och en alen



Diddelenger, mee en aneren alen Diddelenger – deen zum Beispill viru 25 Joer an Italien zrëckmigréiert war. Deemools war et do méi waarm. Haut ass et hei och esou. An deen elo wéinst Salvini a Co. zrëckkomm ass. Dat fënnt een hei vir. Wat huet sech geännert? Eng besser Liewensqualität? Ass d'Loft méi propper wéi zu Zäite vun der Afilux? Ass de Verkéier an d'Gitt geholl ginn? Sinn all déi versprache Vélospiste fäerdeg? Participéieren d'Bierger an d'Biergerinnen intensiv un alle Verännerungen? Si mir an der Transitioun zu enger klimaneutraler a gerechter Gemeinschaft, am Klänge wéi am Groussen? Eng méiglech Conclusioun vun eisem alen Italiener no 25 Joer kéint sinn: Et wär wëschenswäert, wann d'Impulser fir d'gesellschaftlech Entwécklung staark vun de Gemengen ausgehen. Nom Prinzip: Bottom up amplatz Top down. Leider ass just de Géigendeel de Fall. D'Gemenge lafe verzweiwelt der globaler Entwécklung hannendrun. Mat guddem Wëllen, mee mat net genuch Duerchsetzungskraaft. An deem verflixte Wielerwëllen am Réck, deen zwar kee kennt mee jiddweree fäert, Angscht vu Verännerungen, wéi manner Auto, méi Liewensqualität – Liewensqualität, do kënnt villen d'Angscht. An net zu lescht d'Angscht vun der Politik virum Populismus an dem irrationale Vott. Sou bleiwen d'Gemengen de CGDIS vun der Weltpolitik an der Regierung. De Logement ass dofir e gudde Beispill, awer och d'Ëmwelt an de Verkéiert.

Zum Thema Verkéier: Déi Iddi, fir kuerz Vorher-Nachher hei unzegoe koum mer, wéi d'lescht Woch den Här Gangler d'Fro gestallt huet, firwat net d'Rue de l'Etang net béidsäiteg opmaachen. Ech hu jo du gesot, mir Gréng géingen eis net méi bedeelegen un Diskussiounen wou d'Upassung vum Mënsch un en Auto am Virdergrond steet amplatz ëmgekéiert. Ech hunn dunn en Text vum 19. Juni 1993 vun der GAP-Diddeleng erëmfonnt. Deemools stoung am Raum, fir eng Stéchstrooss duerch de Piertchen dicht un der Kierch mat zwee risege Rond-pointen ze knätschen. A parallel dozou d'Rue de l'Etang an zwou Richtunge befuerbar ze maachen. En Déjà-Vu also, freie Fahrt für freie Bürger, direkt duerch de Stadzentrum. „Der neue Verkehrsplan – eine Katastrophe, die noch verhindert werden kann“, hu mir deemools hämmsärmlech geschriwwen, fir iech ze informéieren. An ee vun eis hat souguer eng poetesch Oder an huet geschriwwen „Der neue Generalverkehrsplan ist am Auto bemessen, hat den Menschen vergessen“. Ech hu souguer eng Invitatioun fir eng Konferenz vum 19. Januar 1995 erëmfonnt, viru 25 Joer: „Verkehrsberuhigung in kleineren und mittleren Städten“, mat engem sozialdemokratesch beséilte Referent vun Oochen. Alles pragmatesch, kee grénge Fundi, huet awer näischt genotzt. Wat viru 25 Joer zu Ooche scho Standard war, gehéiert hei nach zu den Exotika. Déi Ënneruerdnung vum Bierger ënnert dem Auto geet also monter weider, a souguer fräiwëlleg, mat der Ënnerstëtzung vun der schweigender Mehrheit. Eng lëschtteg toleréiert Sklaverei. Eng onméisseg an reflexaarteg konsuméiert Drog, mat Risiko zum Overdose. „Wer all dies und LIDLs säht, wird Verkehr ernten“, kéint ee soen. Wann een an der extremis-geretteter Lindenstraß laanscht Liddletown am Stau steet. Mee géint de Constat „De Stau, dat si mir all“, gëtt et, wéi schonns viru 25 Joer, eng ganz einfach Erklärung: Et ass net keen, mee et sinn net mir, et sinn d'Heckefransousen. Déi solle gefällegt zu Wuemereng

an en Zuch klammen. Och ouni Heckefransous ze sinn, hunn ech den Zuch 35 Joer laang geholl. Effektiv wéineg Lëtzebuerger huet een do begéint. Och vun deenen, déi dat zum lokalpatrioteschen Thema gemeet hunn, quasi keen. Elo si méi Leit op den Zuch ëmgeklommen, well den Individualverkéier zesummebrécht. A wéinst de Versäumnisse vu 50 Joer, ass et och haut mega schwéier, de richtige Train-Train oder Train-Tram erëmfannen.

Nach e Wuert zum Verhältnis Auto-Foussgänger: Wou de Kompromëss jo kéint „Verkéisberouegung“ heeschen. Dofir brauch ee mol net d'Dichotomie Foussgängerzone vs. Shared Space opzewiermen. Mir hate jo lo e Summer mat enger flotter Foussgängerzone, mat ville Leit op den Terrassen. „Sie tanzten nur einen Sommer lang“, huet et am Kino geheescht. Duerno brummt erëm de Verkéier, mee net nëmmen am Zentrum, och an de Quartieren. A menger Strooss gouf et zum Gléck e Generatiounswissel. Am Summer: D'Strooss voller Kanner, Tempo 30 ouni Gendarme Couché un den Enner vun der Strooss. Heiansdo gëtt et brändslech. D'Eltere mussen op der Lauer sinn. Et muss eppes Schlëmmes geschéien, bis eng echt Verkéisberouegung kënnt, wéi se jo an net immens gréng-beséilte Länner wéi d'USA a Frankräich Standard ass. Sech mordicus wiere géint Quartieren, wou de Shared Space wierklech de Foussgänger an de Kanner gehéiert, an net dem Auto. Wann ech als Foussgänger duerch de Quartier trëppelen, mech muss laanscht fett Autoen op d'Strooss verzéien, well se den Trottoir zoustellen, wann ech meeschtens ganz eleng sinn: „Wer zu Fuss geht ist verdächtig“, huet et an de 70er Jore geheescht – soll ech mech wéi e Foussgangster oder wéi en Öko-Terrorist fillen? Oder soll ech den Helden der Stadtstraße an hire Suffen eng Psychotherapie recommandéieren? Sou oder änlech Gedanke kéint mäin italienesche Migrant hunn, wann e sech e Vélo aus dem Sprangbuer ausgeléint huet a verzweiwelt eng Vélospist sicht.

Thema Logement: Wann een also richtig polemisch wier, da kéint ee soen: Firwat huet d'Gemeng net, wéi hir Genossen zu Wien, Fakte geschaaft? An net de Promoteuren d'Feld iwwerlooss, mee selwer Wunnraum geschaaft? Mee wéi gesot, viru 25 Joer war dat kee Problem. Keen Handlungsbedarf. A bemol ass et ganz séier gaang an ze spéit fir eppes richtig Grousses ze leeschten. Am Lëtzebuerger Land stoung kierzlech firwat. Mat engem interessante Beitrag iwwer d'Bestätzverhältnissen zu Lëtzebuerg um Beispill Diddeleng, wou bis viru kuerzem Bauerendynastien d'Hand um Terrainen haten, sinn et elo d'Bauhäien, déi den Daum um Bauland hunn. „Investoren“ nennen se sech haut pudiquement, déi déi jonke Biergerinnen a Bierger d'Geld aus der Täsche zéien an domat gläichzäiteg dem Stad an de Gemengen an de Subventiounsportmonni gräifen, fir da méi Geld ze hunn, fir weider Terrainen uechter d'Land ze kafen a fir weider ze investéieren an Drock fir d'Ausweidung vum Perimeter op hier Terrainen ze maachen. Eng Piste fir méi accessible Wunnraum ze schafe wär verdicht bauen. Ënner anerem op NeiSchmelz, wou jo Staat a Gemeng kéinten en Zeeche setzen. Mee d'Angscht virun HLM-Ghettos sëtzt déif, wat jo ze verstoen ass. Mee haut ginn et jo och aner Modellen. Déi hätt ee kënnen am Processus participatif ronderëm d'NeiSchmelz thematiséieren. Dat wier méi wéi Hochbeeter gewiescht. Dann hätte mer um



Enn e richtigen Öko-Quartier gehat.

D'Thema Ëmwelt – Ech war perséinlech deemools un der Grënnung vum Klima-Bündnis bedeelegt. D'Grondiddi war déi, vu dass d'Staaten an d'Regierungen näischt oder net genuch géint d'Emweltdegradatioun a géint d'Aarmut an der Welt maachen, also sollen d'Kommunen et riichten. D'Klimabündnis Bottom up amplaz Top down. Elo hu mer iwwer d'Land an och zu Diddeleng eng ganz Toolbox vun Instrumenter: Klimabündnis, Klimapakt, Covenant of Mayors, Charta géint Waste, Cycona, Bio-Diversitéit-sagenda, Agenda 21, plastiksfräi Fester, Vëloleitsystemer asw. An da kommen nach iergendwellech Rankingeng dobäi, wéi gutt déi eng oder aner Gemeng Mesuren ëmsetzt, oder se am beschte kommunizéiert, ouni richteg Statistike präiszege vorher-nachher. Déi misste sech bei X Verwaltungen selwer zesummesammelen – eng Aufgab fir d'Liewen. Eisen italienesche Remigrant huet dofir keng Zäit. E muss sech also mat abstrakte Konzepter, Jubelmeldungen an e mediale Container voller Worthülse begnügen. Wat kënnt um Enn bei all deenen Tools eraus? Insgesamt an der Ökobilanz oder beim Footprint vun der Gemeng, ass de Footprint 2019 besser wéi 1994? Konsuméiert Diddeleng manner wéi déi aacht Planéiten, déi eist Land statistesch verfiddert? Ech froe mech, wann e Bierger dräi Mol duerch de Shared Space mam Suff gefuer ass, fir eng gratis Parkplaz ze sichen, op da seng Efforte fir Wärmedämmung a Waasserrekupertioun net méi wéi neutraliséiert ginn.

Villäicht nach e Beispill: Gemenge maache jo méi oder wéineger Efforte bei der Begrëngung vum ëffentleche Raum. Am private Raum gesäit dat aneschtens aus. Mir Gréng haten deemools eng Versichelungsabgabe fir Virgärdecher gefuerdert, deemools als Profilax géint iwwerschwemmungen. Haut misst een dat wéinst der Biodiversitéit maachen. Déi soll jo ëm 90% zrëckgaange sinn. Vill Awunner sinn do onbewusst bedeelegt. Mat hire Virgärdecher, déi ausgesi wéi e Kierfecht. Allerdéngs kee Bëschkierfecht, mee eng Stengwüüst. Zero Biodiversitéit wéinst zero waste mam Laufsauger. Meng Gaardenzeitung nennt dat „Gärten des Grauens“, oder, Zitat „Schottergärten sind genau das, nach dem sie aussehen: Sondermüll“. Mee keen traute sech, do ze reglementéieren. De Wielerwëllen vun de wëlle Wieler léisst grëssen. D'Biodiversitéit innerhalb vun enger Stad kann also dramatesch ofhuelen, och wann een eng Hällewull vu positive Moosnamen hëlt. Wann ee Riedche vum Ekosystem klemmt, da riskéiert de ganze System zesammenzubrechen a vun deem Wee si mer leider net erofkomm.

D'Thema Demokratie – D'Demokratie an enger Gemeng, kéint jo sinn, dat een net nëmme passiv aus der Fautel oder vum Comptoire raus beobacht a meckert. „Déi do uewen, d'Politiker, d'Jen all d'selwecht.“ Fir kënne richteg matzemaachen, misst ee kënne als Eenzelen op zumindest engem änlechen Informatiounsniveau kënne sinn, wéi d'Decideuren. Ech hu mer zum Beispill mam Réckbléck op viru 25 Joer e kleng Surf duerch d'Webpage vun der Gemeng erlaabt. Worthülsen, eigentlech an der Assenzpropaganda, kaum Fakten a wann, schwéier ze fannen; keen Dokument, wat iergendwéi e Bilan Vorher-Nachher mécht. E Block mat triviale Statements, mat ville Biller vu Politiker virun engem Hochbeet oder engem Vëlosstänner. Aus dem Biergerforum gëtt e Biergerrot. Engagéiert

Biergerinnen a Bierger aus dem Biergerforum sinn iwwer fënnf Joer net méi zesummegegruff ginn. Elo ginn der 15 nom Lous-Prinzip zwangsrekrutiert. D'Meckrerer a d'Piss-Vinaigre kënne also doheem raléieren. Deementspriechend erbaulech ass d'Resultat, ech zitieren aus dem Block: „La présence de nombreuses crottes de chien dans les espaces publics, les problèmes des dépôts illégaux de déchets ménagers dans les pubelles publiques. Les quartiers: Les problèmes concernant les habitants à proximité des discothèques et/ou cafés, des chiens qui ne sont pas tenus en laisse etc.“ Näischt géint d'Alldagssuerge vun de kleng Leit, mee sinn dat wichteg Zukunfts-Challengé fir Diddeleng? Jidderengem säi Problem, ok. Ass dat de Zukunftsdeich vun Diddeleng? Wat kënnt um Enn dobäi eraus? Biergergequassel bei Snack a Cola als Alibi? Oder e wëssenschaftlech begleete Prozess mat ergebnisoffener Obligation de résultats? Mäin italienesche Remigrant rëselt de Kapp a seet „Ma che?“. A quoi bon, déi Exercices de stil? Huet sech am Quartier NeiSchmelz no aacht Joer sougenannter Biergerbedeelegung mat opwennegen an deiere Workshops eppes geännert? Kuckt d'Maquette vun deemools a vergläicht mat haut: E puer Hochbeeter méi, de Skaterpark un de Wupp verréckelt, Stolwierkshal duerch Zoufall gerett, de Fondouq fort, Shared Space amplaz verkéiersfräien Öko-Quartier, dräi Stéchstroossen amplaz Square fir Foussgänger, konventionell klengbiergerlech Bebauung amplaz innovativen Habitat. Schlofgemeng amplaz e liewege Quartier. An iwwerall bleift de Kinnek Auto um Troun. Das kann doch nicht alles gewesen sein. Geet eisen italienesche Rückkehrer elo an de Quartier Italien oder op NeiSchmelz wunnen? Oder léiwer op déi aner Säit vun der Grenz? Gutt, iwwert déi sëlleg Ëmweeër fannen ech da lo de Wee zum Budget zréck – endlech. Gutt, e Budget baut normalerweis op engem Bilan vum Exercice virduen op – finanziell wéi inhaltlech. Et misst een also net nëmme e finanztechnesche Bilan hunn, mee och eng Zort Audit. Extern. Wou mer als Gemeng stinn. Wéi virdu gesot: Den inhaltlechen Deel feelt a senger koherenter Form. En ass op Bloggen, Facebook-Biller a Mikro-Tweets zimmlech subjektiv verdeelt, sou wéi wann de Rapport d'activité vun enger ASBL bei der AG am Bistrot op 20 Béierdeckele verdeelt wär. Oder eng Etablissement public, eng S.A oder eng S.à.r.l seng Gesellschafter via Blogs, Facebook oder Twitter säi Rapport d'activité verklickert. Do ass wierklech nach Loft no uewen.

Lescht Thema: Kultur – Fir deen onkomplette Bilan mat enger positiver Nott ofzeschleissen, e puer Wieder zur Kultur. Do ass jo säit dem Mars di Bartolomeo grouss geschriwwen an ech fannen et éischter super, dass ech an ëmmer méi Leit de Reflex hunn, carrement op der Schmelz oder an de Galerien ze bleiwen, amplaz Stall hin Stall hir an d'Stad ze Tuckeren. D'Offer ass wierklech beachtlech. Wou nach villäicht Loft no uewen ass an no alle Säiten, ass méi eng breet Basis fir d'Kreativitéit. Nieft der Museksschoul misst een d'Kanner an d'Jugendlechen beim Colis huelen, net nëmme fir de Sport, mentre sana in corpore sano – ech erënnere mech un d'Maison de la Créativité, déi mir Gréng am Walprogramm gefrot hunn. Villäicht gëtt dat dann en delogiéierten Dekollektiv, ech weess et net, ech si mer net sécher, mee ech hoffen, dass fir 2022 de Message verstane gëtt, dass et net nëmme méi Fester mat Méiweesbecheren a Gedröns geet, mee virun allem déi jonk vum quiken Instagram an



déi al vum däämleche Facebook ewechzekerien. An dat Kreatiivt aus hinnen erauszulackelen. An all déi vill Gretaë vum der Strooss a vum Handyglotzen an den Dekollektiv ze lackelen, dat wier eppes mega Cooles. Nach eng kleng Schlussbemierkung. Ech wollt nach just e puer Sätz a perséinlecher Saach unhänken, wann dat erlaabt ass, am Kader vum Budget. Ech si lo frou gewiescht, fir no iwwer 20 Joer rëm kennen zwee Joer am Gemengerot ze setzen. Ech war net wierklech Demandeur gewiescht, sinn net vu Bistro zu Dëppefest gerannt, sinn trotzdem gewielt ginn – oder villäicht just dowéinst, well kee mech gesinn huet an héiere schwätzen. Ech hu erëm vill bäigeléiert an hoffentlech e puer Pefferkären an d'Kommunalzopp kenne geheien. Ech hu mech awer, ausser vill ze ville lafende Benevolatsverpflichtungen, déi lescht Jore verstärkt a Projeten engagéiert, déi iwwer Diddeleng eraus de ganze Minett betreffen: ???-Faire, de Minett-Trail mat den 11 Giten, eenzel Projeten am Kulturjoer mee och iwwergräifend Aktivitéiten am Kader vum der Industriekultur an Esch 2022. An ech hu gemierkt, datt et fir déi regional Approche besser ass, ech wär net lokalpolitesch virbe-laascht. Ech wollt nämlech weder lokal nach soss parteipolitesch eriwuerkommen, mee am Déngscht vum der regionaler Kohesoun am Süde schaffen. Also net nëmme Klima, mee och kierchneutal sinn. Dofir ass et besser, ech schaffen op der Basis vum der Regioun, ouni eng parteipolitesch oder lokal-matadoresch Kap unzehunn. Ech desertéieren dee Raum hei also net aus Frust, mee aus rationale Grënn. Dat fannen ech gutt fir mech a fir meng Partei.

Meng Nofollgerin am Gemengerot ass net nëmme mindestens sou kompetent wéi ech, mee och op lokalem Plang méi verankert a present. Ech hunn also keng Bedenken, de Stull hei fräi ze maachen an ech si sécher, datt an Zukunft d'Monique Heinen zesumme mam Romy Goergen als top Fraen-Duo déi Gréng hei zu Diddeleng beschtens vertriebt wäert. Ech verloossen also den Owend dese Gemengerot mat éischter gudde Gefiller. D'Stëmmung huet sech par Rapport vu viru 25 Joer entspaant. Et ka sech nach bësse méi entspannen. Et bleift awer nach Loft no uewen, besonnesch wat Transparenz an Dialog betrëfft, mee sou ass et eben an der Politik. Au fur et à mesure, wou d'Loft no uewe méi dënn gëtt, müssen zwangsléifeg d'Majoritéit an d'Oppositoun méi zesummereckelen. Am Internet vum de Biergerinnen a Bierger, och fir de Populisten net d'Feld z'iwwerloossen. Déi soen, d'Politiker wieren all d'selwecht. Ier ech lo kräischen, soen ech menger Kolleegin Romy Goergen Merci fir déi optimal Zesummenaarbecht, wéi scho viru 25 Joer, awer och deenen anere Kolleeginnen a Kollege fir hir Gedold mat mir an déi fair Diskussioun, déi mer haten. An net zu lescht dem Buergermeeschter an dem Schäfferot, deem ech eng sécher Hand bei der Bewältegung vum der däregegen Defisë vum der Zukunft wënschen. Trotz allen Divergenzen, hu mer hei alleguerten eng Gemeinsamkeet: Fir d'alleréischte schaffe mer all seriö un allen Defisen, ier mer zu der an der Politik onvermeidlecher Sträitkultur schrëcken. An ech hoffen, dass dat esou bleibt a soen Äddi mat beschter Erënnerung.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Garcia. Lo weess ech net ob dat spontaant Klappen, wéi e Message dohannert stécht. „Merci fir dat



wat der alles geleescht hutt, déi leescht zwee Joer“ oder „Merci, dass der gitt“? Ech mengen, et ass éischter dat éischt wéi dat zweet. Op alle Fall wéilt ech op dëser Plaz aus engersäits Merci soen, dass der elo an Ärer leschter Interventioun eng italesch Oder entdeckt hutt, sou wéi ech dat eraushéieren. Mee virun allem awer vum dëser Plaz aus, am Numm vum eis alleguerten, Merci soe fir Äert abrénge, och wann Är Interventiounen ëmmer eng humoristesche Nott ëmmer haten, weess een awer, dass am Fong ëmmer mengen ech kloer Message waren. An effektiv, trotz Differenzen, ëmmer eng konstruktiv Approche war. An ech mengen, et ass och dat, wat op dëser Plaz an och an der Stad Diddeleng wichteg ass. Mir wëssen awer och, dass Der net fort sidd, well effektiv – wéi der et gesot hutt – am Kader vum Ärem weideren Engagement dat der hutt, op anere Plazen, um regionale Plang, och zu Diddeleng awer nach mat dran ass, mengen ech och zu Diddeleng an deem Sënn net vergiess ass, quitt dass der do en anere Rôle hutt, méi en neutrale Rôle. Mee op alle Fall wësse mer, dass Der awer och op der doter Plaz, op alle Fall Diddeleng, ech soe mol en sense large, net ze kuerz wäert kommen, en toute neutralité. Voilà, nach eng Kéier e grouse Merci an och dann der Nofollgerin, ech mengen déi nächst Prozedure müssen dann agelaut ginn, wënsche mer dann och mat hir eng gutt Zesummenaarbecht. Voilà, dëst gesot ginn awer Debatë weider. Den Här Friederich.

JEAN-PAUL FRIEDERICH (CSV): Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech wollt als éischt dem Pascale Pull a senger Equipe e grouse Merci a Luef zoukomme loossen. D'Budgetsdokumenter si wéi all Joer verständlech a mat vill Opwand zesummegeallt ginn. Dat ass fir eis all eng immens wichteg Aarbecht, well si d'Spiegelbild vum eise Gemeengefinanze kloer an detailléiert presentéiert an domadder och de Wee fir d'Zukunft vum eiser Gemeng weist. Ech wollt op e puer Punkten am Sport agoen, déi eis beschäftegen. Als éischt dierfe mir net vergiessen, datt de Planing vum engem neie Fussballstadion beim Aloyse Meyer gemaach gëtt, fir eng Synergie mat de Butschebuerger Schoul ze iwwerdenken. Wéi genee esou e Konzept kann ausgeséi vu Buvette, Restaurant oder soss enger Méiglechkeet mat der Schoul ze verbannen. D'Schoul läit ganz an der Noperschaft a sécher wier et net vu Muttwëll, hei sech Gedanken ze maachen, eng Méiglechkeet ze schafen, déi zwou Infrastrukture mateneen ze verbannen, respektiv eng Synergie ze kréieren am Geescht vum Fussball, dem Sport an de Kanner. Lo ass de Moment, fir sou e Konzept ze iwwerdenken. Jiddefalls wäert och de F91 frou sinn, dass d'Planung vum engem neien Terrain ugefaangen huet. De CA-Diddeleng an den Tennis kréien eng nei Infrastruktur fir hire Sport an hier Talenter nach besser kennen ze fërderen um Kennedy-Stadion. Dat ass noutwenneg, well souwuel am Wanter



wéi och am Summer déi bescht Trainingsméiglechkeete sollen erméiglecht ginn. Alles dat ass, wéi gesot, um Kennedy geplangt an et muss och gutt opgepasst ginn, dass mer am Quartier Italien och en Deel Terrain kréie vum Stad, nieft dem Terrain Alliance, sollt de Lycée vergréissert ginn an eis Gemeng dofir Terrain soll ofginn, well och dat géif an Zukunft Méiglechkeete ginn, fir eng Sportinfrastruktur ze schafen. En drëtten Punkt ass de Projet „Bewegte Schule“, wou jo de Guy Hellers jo ënner anerem mat responsabel ass. E wäert sécher seng Friichten droen an all Beweegung a Motivatioun zum Sport fir Schoukanner ass begreissenswäert. Ze bemierken awer och an z'iwwerleeën ass, dass eng drëtt Stonn Sport an der Schoul anstatt nëmmen zwou sécher eng weider Méiglechkeet wier, Kanner a Beweegung ze halen. De Ministère gëtt déi Virgabe jo. Vlächcht kréie mir dat hei zu Diddeleng jo Mol hin, well dat wier sécherlech eng flott Saach, wann dat kennt ëmgemat ginn. Mir sinn eis bewusst, dass dat Personal an och aner Moyenë brauch, mee et ass sécherlech eng Iwwerleeung Wäert. An anere Gemengen ass et méiglech dat ze praktizéieren. Vlächcht kréie mer dat iergendwann eng Kéier hin.

Hei nach zwee Punkten am Budget, wou eis e bëssen erstaunen an iwwerrascht hunn. Ee Mol 19.000€ Renovatioun vu Vestiaires am Hartmann vum HBD. Madamm Kayser huet schonn eng Kéier ganz kuerz doriwwer geschwat, woubäi bei deene jo réischt nei gemaach ginn ass, den Hartmann. Do muss ee sech iwwerleeën, firwat ass dat elo néideg. Do ass déi Fro berechtigt. Villäicht gëtt dat jo och eng gutt Erklärung dozou. An déi zweet Fro ass, dass am Budget och eng 30.000€ virgesi si fir d'Storen an der Hal Grimler z'installéieren. Komesch a verwonnerlech ass et just, dass déi Storen elo réischt müssen installéiert ginn, wou mer dach eng Kéier eng Visitt gemaach hunn no der Renovatioun vum Hartmann, wou dann d'Sportskommissioun eng Visitt gemaach huet. Do hate mer direkt bemierkt, dass ouni déi Storen déi direkt d'Luucht an och d'Sonn, déi duerch déi faarweg Fënstere géing erakommen, géing stéieren. Mee bon, et muss alt elo gemaach ginn, wat war gewosst, dass et net anescht geet. Eng Remark nach zu der oppener Schwämm. Sécher ass et luewenswäert, dass d'Entrée verluecht gëtt a Richtung Parking bei der Hal an net méi nieft der Maison Relais an och dass déi ganz Infrastruktur renovéiert gëtt. An dass och de Meyer ronderëm déi al Entrée erhale ginn. Sou bleift e Stéck vum ale Charme a Patrimoine bestoen. Zum Schluss nach gesot, dass d'Sportskommissioun am Laf vum Joer e puer Mol zesummekënnt, jiddereen seng Iddië bäisteiert a ganz gutt funktionéiert. Diddeleng wor, ass a soll d'Héischbuerg vum Sport bleiwen, mat em déi 50 Sportsveräiner an och Fräizäitsportler, muss et engem net Angscht ginn, dass sech zu Diddeleng net beweegt gëtt. De Sport ass fir d'Gesondheet an de soziale Kontakt an Ëmgang mat all de

Matmënschen onverzichtbar. Dobäi muss awer och ganz speziell de Benevollen alleguer Merci gesot ginn, well ouni sinn ass et onméiglech, fir dass all déi Sportveräiner kéinten normal funktionéieren. Si maan eng immens wichteg Aarbecht a sinn onverzichtbar fir all eis Sportsveräiner. Un eis Gemengeverantwortlechen ass och weiderhin dofir ze suergen, dass een och weiderhin d'Méiglechkeet kritt, säi Sport zu Diddeleng kennen ze praktizéieren an op déi bescht Aart a Weis nëmme kennen hinzekréien. Ech soen iech villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Friederich fir seng Stellungnam. D'Emilia Oliveira huet d'Wuert.

EMILIA OLIVEIRA (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, dir Dammen an Hären aus dem Schäfferot. Léif Komerodinnen a Komeroden aus dem Gemengerot. Ech géif nach gäre kuerz op e puer Domainen agoen, déi bis elo nach net esou ernimmt gi sinn a goufen. Den drëtten Alter zum Beispill. Et gëtt vill gemaach op alle Gebidder hei zu Diddeleng, souwuel fir Kanner, jonk Leit, Familljen, ma awer och fir déi, net méi esou jonk. De Club Senior zum Beispill ass säit 16 Joer e feste Bestanddeel vun Diddeleng. Seng vill Aktivitéite si gutt besicht, ob dat elo den Thé dansant, d'Fitnesscoursen oder déi traditionell Kaffisstuff ass, vill Ausfluch stinn och um Programm. De Club Senior ass immens wichteg fir dat d'Leit och am héijen Alter weiderhi vill soziale Kontakt fleegen an um Liewen dobaussen, dat heescht zu Diddeleng, weiderhin Deel huelen. Am Budget fir 2020 sinn hei ronn 85.000€ virgesinn. Nieft der Bedeelegung un de Personal-käschten, kënn d'Gemeng awer och fir d'Aktivitéiten an d'Infrastrukturen. Louch dës Zomm 2014 bei ronn 25.000€, sou gesi mir dat d'nächst Joer Ausgabe fir vu 44.000€. D'lescht Joer ass eng nei Ramp gemaach ginn, esou dass d'Leit besser erakommen an och dëst Joer Renovéierung gemaach, fir dat sech déi eeler Leit wuel fillen an engem agreabele Kader. Et läit mer och um Häerz fir ee Mol ze ernimmen, dat am Club Senior ganz vill benevole Aarbecht geleescht gëtt a mer hinne vun hei aus e grouse grouse Merci aussprieche. Fir eis eeler Leit funktionéiert och de Service „Repas zur roues“, deen exzellent organiséiert all Dag ronn 82 Leit beliwwert – eng Measure, déi et fillen eelere Leit erlaabt, esou an hirem Doheem ze bleiwen. Dat selwecht gëlt och fir d'Tele-Assistance, e Service vun deem 297 Leit an eiser Gemeng profitéieren.

Och d'Initiativ „Coup de Main“ kënn eisen eelere Matbierger zegutt. All Bierger iwwer 60 Joer ka sech beim Service „Coup de Main“ mellen, wann hie kleng Aarbechten ze verrichten hunn, wéi Sch-néi schéppen, wat bestëmmt nach an dësem Wanter virun der Dier steet, oder am Fréijoer Hecke schneiden, Wise méien asw. Bei iwwer 870 Interventiounen huet de Service och dëst Joer eng super Aarbecht geleescht. Säit de Service gegrënnt gouf am Joer 2004 konnte ronn 1540 Diddelenger dovunner profitéieren. Lo komme mer zu engem schéinen Deel: De Jumelage. Diddeleng huet eng grouss Traditioun, wat de Jumelage ubelaangt. Mir ënnerhalen esou frëndschaftelech Bezéiungen zu de Stied Lauenburg, Feltre, Berane, Manom an Arganil. Et gëlt sech auszetauschen, op all Gebidder an dat och op allen Ebene vun eise Stied. Natierlech ass et



och erwünscht, datt een sech géigesäiteg besiche geet a sech kenneléiert. Dëst Joer war de Buergermeeschter mam Schäfferot eis Partnerstad Feltre an Italie besichen, dat op hir Invitatioun hin a si konnten um Paglio-Fest zu Feltre Deel huelen. Doropshin hu mer et eng gutt Iddi fonnt, si op eis Butschebuerger Buergfest ze invitéieren, mat hire Fändelschwenker an hirer Musek. Mam Diddelenger Jugendhaus ass fir den Ufank vun hirem éischte Jumelage-Treffe mat Manom esou gutt gelaf, esou dass d'Jugendhaus fir 2020 sech och mat Lauenburg treffe well. Als Präsidentin vun der Jumelage-Kommissioun hunn ech des Weideren och nach Kontakt gesicht mat Arganil a Lauenburg. Dat nächst Joer wäerten also weider Jumelage-Frëndschaft an den Austausch weider promovéiert ginn.

Tourismus – Touristen, déi op Diddeleng kommen, hu mer jo net nëmmen eis Haard oder de Gehaansbiereg unzëbiden, ma vill méi. Diddeleng ass attraktiv, ob dat elo fir auslännesch Touristen ass, oder op dat de Lëtzebuerger ass, deen en Ausfluch op Diddeleng mécht. Grënn ginn et op alle Fall genuch: Eis Galerien a Muséeën, eis Naturschutzgebieder oder eis Fester a Concerten. Vun Edward Steichen bis Dominique Lang, eng 108.250€ sinn hei am Budget virgesinn, fir d'Promotioun vum Tourismus op deene verschiddenen Niveauen. Ma och Investitiounen sinn Tourismus-Politik. Des Majoritéit huet ëmmer investéiert an d'Attraktivitéit vun eiser Stad. De Foussgängerleitwee, Renovéierung vun der Kierch an hirer Uergel, Galerien, Muséeën, Kultur, asw. De Geschäftszentrum kritt eng enorm Opwäertung duerch de Shared Space, deen elo schonn an der zweeter Phase ass an d'Zentrum, an deem et sech gutt liewe léisst. Schonn an der éischter Phase ass Plaz am Duerf entstanden, déi immens gutt opgehoill ginn ass an och Plaz niewent der Kierch.

Am Abrëll huet d'Gemeng e Citymanager agestallt, de Claude Leners, wat eng gutt Zesummenaarbecht mat de Geschäftsleit a Proprietäre vu Gebaier, déi eidel stinn, brénge soll. An esou ass et och den éischten Assis du Commerce zu Diddeleng am Centre Culturel presentéiert ginn, wat e groussen Erfolleg war mat 200 Commerçanten, déi present waren. Zesummenaarbecht vum Citymanager a Geschäftsleit, Proprietären a Lokatären ass iwwer des Zäit gutt viru komm, sou dass d'Gemeng mat de Proprietären eng gutt Léisung fonnt huet a verschidde Geschäfte op Diddeleng huele konnten. Wéi de Konzept-Store, Pop-up Store, Solidaire, Cube an elo och nach OUNI. Dat nëmme méiglech ass, wéi ee gesäit, wann d'Gemeng an d'Proprietäre gutt zesumme schaffen. Sou hu mer elo Geschäfte zu Diddeleng, déi nohalteg Produkter ubidden. Eise Marketing wäert och nächst Joer an déi Richtung goen: nohalteg, ekologesch, ëmweltbewusst. Schëlde fir eist Foussgängerleitsystem sinn erwidert, bzw. Ausgebaut ginn, sou dass all Tourist wéi och all neien Diddelenger sech besser erëmfënnt. D'Gemeng Diddeleng ass och am ORT, Office National de Tourisme, vertrauden, a subventionéiert fir 2020 mat ronn 25.000€ Projeten, déi Diddeleng promovéieren. Esou entstinn nei Wanderweeër an och déi sougenannte Red-Rock-Trail, déi duerch de Süde vum Land féiert an déi verschidden Deeler matenee verbënnt. Hei gëtt och e Konzept ausgeschafft, fir e Réseau vu Giten opzebauen. De Concours ass ausgeschriwwen a leeft. De Gite soll an der



Géigend vum Waassertuerm realiséiert ginn. Dat wär et vu menger Säit aus. Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da soen ech dem Emilia Oliveira Merci fir seng Stellungnam a ginn d'Wuert weider un den Här Martini.

CLAUDE MARTINI (CSV): Merci fir d'Wuert. Léif Kolleegen aus dem Schäfferot, wéi all Joers huele mir als Oppositioun de Budget ënnert d'Lupp a kucken, wat hätt kéinte besser gemeet ginn, respektiv mir maachen och Mol dann en Verbesserungsvorschlag. Bei der Recette ordinaire beim Parking Säit 34 fannen ech net, wat den OPnGO ons iwwerweist. Dëst wier awer interessant fir ze gesinn, op dës praktesch App e Succès ass oder net, an och fir ze gesinn, wéi sech déi App iwwer déi lescht Joren a zukünfteg Jore wäert entwéckelen. D'Madamm Dall'Agnol huet d'lescht Woch am Kader vun enger Diskussioun iwwert de behënnertegerechte Stroosseniuwwergang gesot, dass Adapt 3 oder 6 Zentimeter Bordure géng virschreiwen an ech ka mech bei hinnen ëmfroen, wieso dass dat esou ass. Ma ech hunn meng Hausaufgaab gemeet an ech hunn erausfonnt, dass et net ganz esou stëmmt, an et dierf een absolut den Trottoir op der Strooss gläich maachen, just op enger Breet vun engem Meter a mat bestëmmten aner Konditiounen, déi ee mat de meeschte Plazen zu Diddeleng kann ëmsetzen. Ech hunn iech dofir och d'Broschür erausgeprint. Ech hunn iech se matbruecht, da kënnt dir eng Kéier doduerch kucken, respektiv dir kennt iech se selwer bei Adapt.lu erof siche goen. Wéi Dir gesitt, schaffe mir och gäre mat an hëllef gären, fir Diddeleng besser ze maachen a fir et no vir ze bréngen. Mir hëllef och gären, aner Verkéiersproblemer „ze léisen“ oder no Léisungen ze sichen, respektiv fir konstruktiv Proposen ze maachen. Mee wann mir just eng Verkéierskommissioun am Joer hunn, ass dat net méiglech. Diddeleng huet vill Problemer am Verkéier an och dëst war en Uleies vum Biergerrot. Et gi sécherlech Verbesserungsmeiglechkeeten, mee doriwwer musse mir mat de Memberen aus der Kommissioun schwätzen. Zesummen ass ee méi staark wéi eleng, mee mir musse méi matenee schwätzen, wéi d'Michèle ëmmer seet. D'Memberen aus der Kommissioun si jo och Ambassadeure fir d'Leit, déi wëllen, dass dobaussen op der Strooss an iwwerall am Verkéier et och besser geet. A wann ee seet, dat eppes net geet, da muss een dat och kënnen argumentéieren, fir dass d'Leit dat och verstinn. Also froen ech iech mol eng Kéier kuerz: Déi Etüden, déi mir alleguerte gemeet hunn, wou sinn déi drun? Wéi eng si fäerdeg, an déi wou fäerdeg sinn, kënnen mir e Bericht doriwwer kréien? Gi mir eng Kéier gewuer, wat alles doranner stoung, domat mir wësse wat leeft?

Da bedauern ech och, dass ons Propose vun engem autofräie Quartier net mol seriö geholl ginn ass, fir



doriwwer ze diskutéieren. Hei ass eng eemoleg Chance verpasst ginn. Um Lampertsbiërg wor d'Demande méi grouss wéi d'Angebot an de Site op Bëlleg mat engem gudden Uschloss un Bus an Zuch wier ideal gewiescht, fir esou e Projet kënnen ze realiséieren. Hei hätte mer kënnen e bezuelbare Wunnraum schaffen, mat engem flotte Konzept hannendrun, woubäi een den Auto iwwer Carsharing eventuell hätte kéinte léinen, wann ee mol den Auto gebrauch hätt. Nee, mir verbidde kengem den Auto, mir bidden Alternativen un an denke wäitsiichteg. Mer denken no vir, wat mer alles kënnen maachen, fir eben d'Qualitéit zu Diddeleng ze verbessern. Virun allem wann de Quartier NeiSchmelz kënnt, mat iwwer Dausend Awunner. An am Dossier Train-Tram huet sech bis elo net vill beweegt, beim Ausbau vun de Vëlosweeër 2020 ass am Budget näischt virgesinn, ausser déi 127.000 vum Joer 2019. Do géng ech mol gäre wëssen, wou mir dru sinn, well déi lescht Kommissioun war am Februar a vun do un hunn mir näischt méi héieren an et ass och weider näischt méi dovunner geschwat ginn. Ech fannen, mir brauchen e besseren Dialog mat der Verkéierskommissioun an ech si mer awer sécher, dass mir dat hikréien. An der Familljekommissioun klappt dat jo och super. Wou mer zesummen ënnert Anerem zesummen e Barfouss Wanderwee geplangt hunn, do hunn mir eis 4-5 Mol getraff, si Saache kucke gaangen, mir hunn diskutéiert, jiddereen huet seng Iddië mat erabruucht. An sou wäert de Projet dann och d'nächst Joer wäerte kënnen realiséiert ginn. Dëst Joer war och en néit Konzept vun de Summeraktivitéiten, déi wou e grouss Succès haten, wat och en Uleies war vun der CSV, wou mer frou sinn, dass et esou leeft, wéi et elo leeft. An och hei kann ausgebaut ginn, wéi zum Beispill do uewen um Sender, dat war de grouss Succès, well do déi Aktivitéiten am Bësch waren, do huet et awer zum Beispill un engem Abris gefeelt, wou d'Kanner sech kéinten ënner Daach stellen, wann eng Kéier eng hefteg Schauer géif kommen. Dat si just Iddië fir d'Zukunft, fir dat kënnen ausbauen, mee wa mer zesumme schaffen, jiddwereen e puer kleng Iddien, da kënnen mer eppes Grousses draus maachen. Dann géife mir och villäicht nees irgendwann nees eng Kéier esou e Konzept kréien, wéi d'Waldschoul fréier war, wou ech haut nach e grouss Fan dovunner sinn an ech dat nach ëmmer flott fonnt hunn, da kéint een dat do uewen nees anescht opriichten nees. Dann gëtt och e Verkéiersgaart gebaut, wat super ass, an dat kënnt hei bestëmmt och mat eiser Ennerstëtzung duerch.

Dann hunn ech Fro zu de Recetten am Ordinären. Do steet, dass mir Sue kréien iwwer Sponsoring – Säit 41, Säit 46 – an do froen ech mech op dat legal ass, ass dat richtig, a vu wem sinn déi Suen? „Sponsoring“, ech hunn dat net richtig verstanen. Villäicht kënnt Dir mir do eng Äntwert ginn. Bei der Geschäftswelt begrësse mir natierlech, dass bestëmmte Geschäftslokaler ugelount gi sinn an dat hunn mir och ëmmer ënnerstëtzt. An mir mussen awer och soen, dass den Investment vun 21.000€ an de LETZSHOP am Fong ok sinn, de Projet awer – net vun der Diddelenger Gemeng Säit – de Projet komplett verschlof gëtt, well de Site einfach net gutt ass. An munch Iwwersetzungen am Site, déi sinn einfach komplett falsch. Et fënnt een zum Beispill net dat wat ee sicht. E ganz einfach Beispill, wann s du um Computer

schaffs, an du mierks dat däi Printer eidel ass, du wëlls nei Cartouchë bestellen, du fënns keng Cartouchen drop fir däi Printer. Dat sinn esou kleng Saachen, wann s du 2-3 Mol drop gees, du fënns net dat wat s du sichs, dann häls du op, da gees du net méi drop, da leiden och all déi aner Geschäfte drënner, déi eventuell ee Produit hätten, dee wou s de kéins huelen, da gees du op en anere Site fir déi Saachen ze sichen. Dowéinst ass meng Fro, wéi gesäit et mat dee Internet-Site an Zukunft aus, a wéi wäerte mir dat am Fong iwwerwaachen an hinne Verbesserungsvirschléi maachen, well soss sinn dann 21.000€ am Fong an Zukunft schlecht investéiert, wann näischt dobäi erauskënnt.

Am Tourismus – Bein, Diddeleng gëtt ëmmer méi bekannt. Ech hat d'lescht Joer scho vu Sevilla a vu Mailand geschwat. Dëst Joer sinn eng Kéier eng ganz Rei vun anere Stied dobäikomm. Et ass mir an der Lescht opgefall, dass d'Stellplazen an de Quartieren, wou d'Campere stinn, komplett iwwerfëllt sinn. Si parke souguer ronderëm. Bon, du uewe geet et nach, do si Parkplazen do. Mee dat wat wierklech dofir virgesinn ass, dat gëtt ze kleng. Gett et do eng Iwwerleeung gemeet, fir nei Stellplazen ze maache bei der Alliance? Wann de Projet NeiSchmelz bis uleift, fir dat méi grouss ze maachen? Ginn et eventuell Iwwerleeungen, fir eng Jugendherberge dohinner ze maachen? Fir déi zwou Saachen eventuell ze kombinéieren? Mir fannen zum Beispill, dass een, wann een déi Plaze fir d'Stellplazen ausbaut, dass ee gutt muss oppassen, dass de keng Dauerstellplazen dohinner kriss, dass et wéi a Frankräich geet, dass de eng gewësse Kategorie vu Leit hues, déi sech da mat de Camperen dohinner stellen an ni méi fortginn do. Dofir ass mäin Hannergedanken am Fong, fir dat eventuell mat enger Jugendherberge kënnen ze verbannen, dass de eng gewësse Surveillance iwwert dat Ganzt hues.

Dann kréie mer nei Parkauere fir 310.000€ – Säit 198. Do wëll ech drun erënneren, dass mer de Contactless hunn, mat deene Parkaueren, déi lo do sinn. Dat geet awer net. Déi nei Aueren, déi mer kréien, geet en do? Well d'Tendenz ass ëmmer méi, fir och mat der Auer ze bezuelen, fir Contactless ze maan an et ass am Fong Schued, wann s de ee Moyen drop hues, deen net geet. Dann nach ee klengen Uleies, dat hat ech schonn déi leschte Kéier och scho gesot, dass ech bedauern, dass bei der Birenger Bar oder bei der Bar zu Bireng, nach ëmmer kee Bam wisst, 't ass nach ëmmer alles brooch, wéi et virun 2-3 Joer war: All Joer ass do ee verluerent Joer fir ee Bam, deen do net an d'Luucht wisst. Beem wäeren och do een ideale Lärmschutz gewiescht an och fir d'Loftqualitéit souguer ze verbessern. Wéi geséit et hei aus? Huet d'CFL sech zu dësem Dossier gemellt an dem leschte Joer? An mir géifen eis wierklech freeën, wann hei am Fong sou eng gréng Mauer géif entstoën, hannert der Lärmschutzmauer, déi sinn dann nach uewe bauen, aus Beton an ënne bëssi méi Grénges géng wuessen, dat wier definitiv gutt méiglech.

Dann feelt eis och fir déi aner Joren am Budget weiderhi Wunnméiglechkeete fir eis eeler Matbiërg, déi Diddeleng opgebaut hunn. Och si mussen Diddeleng verloossen. Dat ass esou, well et net genuch Alternative ginn, wou sinn duerno kënnen wunne goen. Si ginn alleguerten ëmmer méi



spéit aus dem Haus eraus. Ech mengen, do feelt et un engem ganze Konzept. Do bleift nach vill Sputt a Loft no uewen. Mir hunn scho puer mol gesot, dass mer en Méigeneratiounenhaus géifen ubidden. Dat hate mer an eise Walprogramm stoen, an ech denken, dass dat och net d'Hauptléisung ass, mat Sécherheet net, awer ee klengen Deel vum Problem kéint behiewen. An dann hunn ech just nach eng kleng Fro nach. Et gëtt eng Etüd gemeet, fir déi nei Salle Polyvalente – op der Säit 171. Wou ech dat gelies hunn a mer bësse Gedanke gemeet hunn, hunn ech mer d'Fro gestallt: Gëtt eigentlech och eng Etüd gemaach, wou mer och spéider mam Hild maachen? Den Hild ass jo am Fong Deel vum Stadbild – een Haus, wat säit éiweg hei steet. An déi Saachen, déi mer da warscheinlech an d'Salle Polyvalente herno iwwerhuelen, dat si lo och Aktivitéiten, déi mer warscheinlech och um Hild haten. Dofir ass meng Fro: Gëtt et do schon iergendwellech Iddien oder Etüden, déi wou geplangt sinn? Voilà! Ech soen ierch Merci fir d'Nolauschteren an ech freeë mech op är Äntwerten dann de Mëttag. Merci!

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Martini. An da ginn ech d'Wuert wieder un eise leschte Riedner. Dat ass den Henri Glesener.

HENRI GLESENER (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Och wann ech de leschte Riedner sinn, hoffen ech, dass dir déi 10 Minutten nach packt fir mer nozelauschteren. De Buergermeeschter an de Schäfferot hunn dësse Budget opgesat an dem Gemengerot virgestallt. Si konnten natierlech iwwer dat ganz Budgetsjoer op d'Ënnerstëtzung vun allen LSAP-Gewielten zielen – selbstverständlech. Mir als LSAP-Fraktioun kucke reegelméisseg, wat an der Schäfferootserklärung ugekënnegt ginn ass, a wat dovun scho realiséiert ass, wat am Gang ass ëmgesat ze ginn, a wat nach muss ugepak ginn. Well d'Schäfferootserklärung op dem LSAP-Walprogramme vun 2017 baséiert ass, ass dat fir eis dann och eng Basis, sou eng Zort roude Fuedem, fir d'Projeten am Budget. Dobäi musse mer reegelméisseg op déi Situatiounsännerunge reagéieren, op déi mer keen direkten Afloss hunn. Dat spigelt sech och dëst Joer rëm am Budget zréck, an dee Budget léisst sech weisen. De globale Budget ass haut scho richteg vill kommentéiert ginn an dofir hunn ech mer virgeholl, wéi kéint et och anescht sinn, déi Punkten ze belichten, déi de prêt ou de loin eppes mat Sécherheet ze dinn hunn.

Sécherheet spillt am Budget eng ëmmer méi grouss Roll. Méi eng grouss, wéi een dat op den éischte Bléck gesäit. Ganz oft, jo meeschtens, steet d'Sécherheet net eenzel opgezielt an de Budgetsartikelen. Si ass da Partie intégrante vun de Projeten an dat ass och gutt esou. Mir sollten eis awer bewusst sinn, wéi wichteg d'Sécherheet fir eis all ass an dass d'Sécherheitsgefill einfach Haaptdeel vun eise Wuelbefannen ass. Sécherheet spillt awer och no der Realisatioun vun de Projeten eng grouss Rollen an dat och finanziell, an och dat gesi mer am Budget. Keen Gebai, keng Institutioun, keng technesch Anlagen, kee Gefier, keng Spillplatz, kënnt ouni Secherheitskontrollen an Abnamen aus. Méi wéi ee Mol sinn an der Vergaangenheet a ginn och nach weider eis Installatiounen op deen neiste Sécherheitsstandard ugepasst. Mir schwätzen da vun enger „mise en

sécurité“. Sou „mises en conformité“ sinn net selten den Ausléiser fir Modernisatiounen an zousätzlech Ausbauten. Ech denken do zum Beispill un de Festsall an dësem Haus, ëmmerhin een Invest vu 650.000€, oder Mise en conformité vum Sous-Sol vum selwechten Haus, fir déi mer nach 80.000€ op 2020 reportéieren. Well d'Stad an d'Gemengen iwwer Gesetzer a Reglementer derzou gehale sinn den ëffentleche Raum sécher ze plangen an ze gestalten an dono och ze halen, sinn eis Projeten och méi deier, wéi wann de private Bierger plangt a baut. Dat vergiesse mer oft wann mer probéieren an der Planung ze spueren an eis Projete mat private Projete verglach ginn. Et ass heiansdo e richteg Seeldanz wann dann eise Service de Sécurité e vorausschauenden Avis ofgëtt, deen de Präis sécherlech net dréckt, oder méi bëlle mécht. Méi wéi ee Mol hunn mer awer och erlieft, dass mer spéider nobessere mussen, well d'Reglementer méi streng gi sinn oder well mer eis Gebaier nodréiglech méi multifunktionell notze wëllen an eis dann erëm un aneren, neie Reglementer reiwen. Dass sou Upassunge komplizéiert, a sécher och net geschenkt sinn, dat wësse mir all. Sécherheet spillt also eng ganz wesentlech Roll beim Opstelle vum Budget.

An dësem Budget fanne mer awer och eng ganz Rei vu Mesuren déi d'Sécherheet direkt betreffen. Ech hat ee Mol sou aus Spaass de Begrëff „Sécurité“ am Budget gesicht, a sinn 28 mol fundeg ginn. „Service de Sécurité et Santé au travail, Mobilité, sécurité routière, matériel et équipement de sécurité“, an sou weider, an sou weider. Wann ech awer méi déif sichen, da fannen ech nach eng ganz Rei aner Punkten, wou d'Wuert „Sécurité“ net steet, et awer ganz kloer just dorëms geet. E puer Beispiller: de séchere Schoulwee, Verkéiersberouegung, d'Ersetzen an d'Installéiere vu Brandmeldeanlagen an Evakuatiounspläng an eise Gebaier, deen neie Verkéiersgaart op de Frischen, dem seng Ouverture fir Abrëll 2020 geplangt ass, an deen dann de Schüler awer och den Elteren an de Kanner ze gutt kennt, an dat och ausserhalb vun de Schoulzäiten. Och d'Mise en conformité vun eise Foussgängersträifen, déi mer jo an deene leschte Reunione scho belicht hunn, e wierklech wichtegen a grouse Projet, deen sech iwwer Jore wäert hinzéien. D'Preventioun kennt och an Zukunft bei eis net ze kuerz. Wann 2019 deen éischten nationale Preventiounsdaag hei zu Diddeleng ofgehele ginn ass, war dat eng logesch Suite op eis jorelaang Beméiungen a Virreiderroll an dem Beräich. Dësen nationale Preventiounsdaag, gëtt vun elo un all 10.10 widderholl, an dat ass eng super Saach. Mir dierfe roueg houereng sinn, hei zu Diddeleng, mat u senger Grëndung geschafft ze hunn. Eise lokale Preventiounsdaag hei zu Diddeleng, kritt doduerch natierlech an Zukunft eng aner Nues. Mee Theme ginn eis sécher net aus. Secherheitspreventioun ass jo bei Wäitem méi wéi Brandpreventioun. An sou goufen et och scho rezent



éischt Kontakter mat der Polizei fir eventuell d'nächst Joer gemeinsam Themen erauszefilteren op déi mer dann 2020, an duerno, méi besonnesch wëllen agoen. Ech kann iech haut zwar keng genau Themen nennen oder ukënnegen, mee ech kann iech versécheren, dass d'Sécherheetpreventioun an Zukunft hei zu Diddeleng net vun der Bildfläche verschwanne wäert.

CGDIS – Mam Yves Vesque kréien d'Pompjeeën ab Januar en neie professionelle Chef de Centre d'Incendie et de Secours. Ech hat schonn d'Geleeënheet hie kennezelen an ech sinn iwwerzeegt, dass och mat him eis Zesummenaarbecht propper an onbürokratesch esou weiderleeft, wéi mer dat mam Roby Goerge gewinnt, jo scho bal verwinnt waren. Ech wäert direkt am Januar de Kontakt mam neie Chef sichen, fir dass och eis traditionell Journée de l'extincteur och an Zukunft eng gemeinsam Manifestatioun zwëschen eiser Stad an de Pompjeeë bleiwe soll. Sécher wäerte mer nach drop zrëckkommen, an och wann dat net direkt Budget ass, sief mer awer w.e.g erlaabt hei lo schonn dem Roby Goergen Merci ze soen an him a senger neier Funktioun als Chef de Zone adjoint vill Erfolleg ze wënschen. Duerch seng Missiounen an der Zone Sud, wäerte mer awer och weider nach vill mat him ze dinn hunn. Dann nach puer Kommentaren an Erklärungen zu de Budgetsartikelen am „Ordre et Sécurité publique“, a méi besonnesch den Artikelen 3.21 an 3.22 ronderëm d'Pompjeeën. Bei den Extraordinäre gesi mer op eiser Fiche nach d'Ausgabe vun 2018 „frais d'études“ a Relation mam Site fir de Bau vun engem gemeinsame regionale Pompjees a Rettungszentrum. Dat just fir ze ernimmen, dass mir hei zu Diddeleng, contrairement zu dem wat eis virum Kuerzen an der Presse virgeworf ginn ass, eis Aufgab, déi mer scho ganz fréi vum Ministère de l'Intérieur kritt haten, vun Ufank un an dat bis zum Schluss gemaach hunn. Nämlech en beschte méigleche Site ze siche fir e regionalen Zenter ze bauen. Zu dem Zäitpunkt war dee Site, deen elo vum Beetebuenger Buergermeeschter proposéiert gëtt nach net disponibel geschweig denn ideal geleeën. Am extraordinäre Budget 20.20 sti 40.000€ Ausgabe fir d'Installatioun vun enger Brandmeldezentral an engem éclairage de secours am CIS-Diddeleng.

Mir stelle jo elo an a noer Zukunft, dem CGDIS den aktuelle Pompjeesbau iwwer Konventioun zu Verfügung. An der Form eigentlech eng klassesch Lokatioun. Et bleift also eist Gebai an et muss natierlech deene gängege Sécherheetsstandarden entsprechen, dofir ass dësen Invest néideg gewiescht. Iwwregens ass déi aktuell Brandmeldeanlag, déi do ersat gëtt, bei Wäitem di eelst, déi mer an eiser Staat hunn. Bei den extraordinäre Recettë gesi mer, dass de Staat dëst Joer déi lescht Tranche vum Subside fir d'Pompjeesleeder ausbezuelet huet, déi jo virum CGDIS nach kaf ginn ass. Beim ordinäre Budget fanne mer 2019 an de Recetten déi Zommen erëm, déi mer laut Circulaire ministeriel virgestreckt haten, plus Participatioun „aux frais d'exploitation“ vum Zenter an och nach de Remboursement, als Prime unique, vun der „mise à disposition des biens meubles“ während der Iwwergangszäit bis zur Konventioun. Zousätzlech kenne mer och nach mat dem Geld vum CGDIS rechnen, wat mer elo iwwert Konventioun mat hinnen ausgehandelt

hunn. Zesummen also licht iwwer 309.000€. Fir 2020 stinn dann déi Zommen am Budget, mat deene mer laut Konventioun rechnen kennen. Dës setzen sech zesummen aus dem wat mer fir d'Mise a disposition vum Gebai mat sengen Annexë kréien, dat alles baséierend um Règlement Grand-Ducal vum 1. Mäerz 2019. Dës Konventioun sinn elo vun eiser Säit, also vun der Gemengesäit fäerdeg, a gi viraussichtlech nom Kontroll vun der DML, der „direction des moyens logistiques“ vum CGDIS am Januar duerch hire Verwaltungsrot an dann am Februar kommen se nach eng Kéier bei eis zeréck an de Gemeengerot fir hei votéiert ze ginn. Fir 2020, a fir all déi Joren duerno, viraussichtlech bis 2028, dierft dat eng järelech Recette vu bal 100.000€ sinn. Bei den ordinären Ausgaben 2019, fanne mer déi lescht Tranche vun den Taxes ambulances vun 2018, déi mer jo nach bis zu der Kreatioun vum Corps unique agezunn hunn. Da gesi mer och déi Posten, déi mer ausginn hunn fir den Entretien vum Zenter an de Fonctionnement vum Corps. Dat ass quasi sou wéi déi Jore virdrun, mat deem Ennerscheed, dass mer se elo just nach virgestreckt hunn an se lo 2020 iwwer dee Compte rembourséiert kréien. D'Ausgabe fir 2020 op deem Budgetsposte besti bal just nach vun eiser Part zum Financement vum CGDIS, e Montant vun 777.459€. D'Madamm Kayser hat drop Opmierksam gemaach, dass mer do en impotenten Ausgabe vu 77.000€ hätten, bestëmmt nëmme Versprieche. Ech fannen dass mer souguer fir 10 Mol méi ganz vill Déngschtleeschung kréien an de Rapport Qualite-Prix hei stëmmt.

Wa mer a puer Joer de Bilan wäerten zéien, da sinn ech iwwerzeegt, dass de Service eis manner kascht huet, wéi dat de Fall gewiescht wier, wann mer eleng en Zenter weiderbedriwwen hätten. Dat erkläert sech einfach, wa mer wëssen, dass mer scho laang hei eng regional Aufgab haten an och gelescht hunn, mee mir kruten dofir keng finanziell Hëllef aus der Regioun oder aus dem Land, well et déi nach net ginn ass. Dat ass haut endlech vill méi gerecht verdeelt. Ech ka secher net op nach all déi Punkten déi a Relatioun mat Sécherheet mam Budget sinn, agoen, wollt dat Thema awer hei eben net ze kuerz komme loossen. Mäi spezielle Merci geet dofir ganz besonnesch un all déi Leit, déi sech Dag an Dag aus hei zu Diddeleng fir d'Sécherheet asetzen: eisem Gemengepersonal, eisem Service de Sécurité et Santé au Travail, eise Pompjeeën, eiser Police, eisen Agents municipaux, eiser Commission de la sécurité pulique, an all déi, déi ech lo net explizitt opgezielt hunn. Awer och eisem Schäfferot, a last but not least, all deenen heibannen, déi iwwert de Vott vum Budget haut, awer och iwwert ganz Joer iwwer dozou bäidroen, dass d'Sécherheet an eiser Staat ganz héich gehale gëtt. Merci villmools.



2. ÄNTWERTE VUM SCHÄFFEROT

DAN BIANCALANA (BUERGERMEESCHTER – LSAP)

Merci dem Här Glesener fir seng Stellungnamen. En ass elo zum Schluss vun den Debaten ukommen, vun de Conseile vun der Oppositoun a vun der Majoritéit an ech géif iech proposéieren, dass mer och als Schäfferot lo géife Stellung huelen zu effektiv deene verschiddene Punkten. Dann hätt och deem entspriechend och ären Nomëtten zu aner Dispositiounen, well et war jo offiziell geplangt, dass mer um 2 Auer sollte weiderfueren. Ech gesinn dass effektiv jo gutt 20 op 11, da wann dir domadder averstane sidd, géife mer da probéieren op Froen ze äntweren, a wann et effektiv Froen oder Elementer wieren, wou mer net direkt eng Äntwert kënne ginn, well mer lo vläicht nach keng Äntwert vun de Servicer kritt hunn, da liwwere mir iech dat ouni Problem, wei gesot, no. Ech well dat lo awer och am Numm vun eis all hei aus dem Schäfferot präziséieren. Wei gesot, Merci fir är verschidde Stellungnamen. Bon déi traditionell ëmmer variéieren tëschent Majoritéit an Oppositoun. Et ass jo ëmmer classesch, awer muss soen, dass dëst Joer keng weider gréisser Ausrutscher waren. Obwuel wann ee mierkt, dass och an der Oppositoun verschidden Approch gi par Rapport zu der Aschätzung vun dësem Budget an och par Rapport zu de Prioritéiten, et mierkt een, dass an der CSV verschidde Stréimunge ginn a mengen ech virun allem hier Fraktiounsspriecherin, wei gesot, seet „dem Land geet et gutt, da geet et de Gemengen och gutt“ – eng positiv Nott ufänkt, an dann awer och schonn direkt mengt däischter Wolleke géifen iwwert der Gemeng Diddeleng sinn an awer och scho mat enger ganzer Rei Ängschte spillt. Et freet een sech also heiansdo ob d'CSV an der Realitéit oder net an der Realitéit ukomm ass, par Rapport zu verschidde Projeten an och zu verschidde Prioritéiten.

Bon wat mer hei, muss ech soen, bei de Grénge gefall huet, 't ass wierklech eng ponderéiert, équilibréiert Approche virgestrach, wat positiv, wat negativ ass an hei bei deene Lénke virun allem eng Nationalausenrichtung mat nationalen Instrumenter, och wann et rofgebrach gëtt, wéi gesot, op lokal Politik, mee mengen ech awer och déi Agencementen net ëmmer tant que tel 1 zu 1 méiglech sinn. De Budget vun 2020, deen de Schäfferot hei presentéiert huet, ass eng Ëmsetzung vun der Schäfferotserklärungen a vun deene verschiddene Punkten, déi mer do dran hunn. Ech mengen, 't ass dat, wat eis leet an dëser leschter Legislatur-Period an och deementspriechend driwwer eraus. Mer als Schäfferot hunn och hei verstanen, an et ass sécherlech och wichteg an et gi jo eng Rei Usätz, och wann d'Demande ass, fir dat ze verbesseren, oder wei puer Mol hei gesot ginn ass, dat „nach Sputt no uewen ass“, dass een zesummen Diddeleng weider bréngt. An ech mengen, do ginn et jo eng ganz Rei gutt Usätz – well ech awer och hei nach eng Kéier soen – et ass sécherlech de Rôle vum Gemengerot ass, de Schäfferot ze kontrolléieren. Et ass awer zemoos, wat d'Madamm Kayser ënnerstrach huet, op alle Fall net den Rôle ass vum Gemengerot de Schäfferot ze suppléieren. Ech mengen hei ass eng kloer Verdeelung vun de Chargen. De Schäfferot ass an der Exekutiv an de Gemengerot ass do fir ze kontrolléieren. Et ass hei net aneschtens am



Gemengerot am lokale Plang wei um nationale Plang, déi Dialektik, déi deementspriechend och ganz kloer och hei bleift. Dat e bëssen als generell Consideratiounen.

Ech mengen awer och eng generell Consideratioun, well do awer och puer Mol ugeschwat gouf, och bëssen als Toile de fond, wéi d'Projete weider solle lafen, sief et um ekonomesche Plang, sief et och um Niveau vum Logement – do muss ee kucken, wéi d'Realitéit hei zu Diddeleng ass, an ech géif fir déi zwee Vollen, souwuel déi ekonomesch Entwécklung, wei och déi Entwécklung ronderëm de Wunnengsbau, dat opgräifen, wat och den Här Garcia gesot huet: Dass effektiv exzellente Recherche gemeet goufe vum engem Chercheur, wéi gesot, vum LISER, den Här Paccoud, e wëssenschaftlechen Artikel, wéi effektiv eng Minoritéit vu Propriétaires e gudden Deel vun Terrainen hei zu Diddeleng besëtzen an effektiv net ëmmer déi Bereetschaft do ass, déi Terrainen ze verkafen, mee déi Terrainen ze halen. Dofir, dat ass d'Realitéit hei zu Diddeleng an dofir hunn ech och ugangs gesot, do muss ee kucken, ob ee schonn an der Realitéit ukomm ass oder nach net. Mee et ass eng Realitéit mat deem dës Stad ze kämpfen huet, an dat scho säit déi leschten 30 Joer, well dat mengen ech och e point d'orientation ass, wéi verschidde Leit, effektiv fonctionéieren.

Dat selwecht gëllt also fir en Plan directeur „Helper“, wou ee Propriétaires huet, déi eng gewëssen Approche hunn. Och do fënnt een déi selwecht Leit erëm, déi eng Minoritéit sinn, mee déi vill Terrainen hei zu Diddeleng besëtzen. Dat selwecht fënnt een och erëm bei Terrainen, déi interessant kéinte sinn, och fir Wunnengsbau ze maachen. Dat fënnt een och erëm, wann ee Situatiounen fënnt, wou een d'Virkaftsrecht ka spille loossen, mee wou een et net ka spille loossen, well entre temps och verschidde Propriétaires, deelweis dann och Developpeuren a Promoteuren, bei deene Projeten esou astucieux sinn, dass am Fong d'Gemeng hiert Virkaftsrecht net ka spille loossen, well se effektiv mam Verkauf vum Terrain och eng ganz Rei Konditiounen drasetzen, respektiv awer en droit de préemption de Präis esou héich ass, dass d'Gemeng präisdreiwend géif wierken, wat ech mer schlecht virstelle kéint, dass dës Majoritéit, ausser Leit aus der heester Oppositoun der Meenung wäeren, dass mer präisdreiwend als Acteur public sollte sinn. Da sot eis dat, da gëtt et och eng kloer Positioun. Et ass op alle Fall net d'Approche vun dëser Majoritéit. An ech mengen, et ass och eng ganz Rei Kolleegen hei aus der Oppositoun, déi och déi selwecht Approche hunn an ech mengen, wat ech mer och net virstelle kéint, well dat jo och vun der CSV hei virgefuert gouf. Et gi ganz illustre CSV-gefuert Gemengen hei am Land, déi souguer hire Gemengenterrain op enger Stee verkafen, just fir sech dat emol hei ze soen. Et ass op alle Fall e Wee, wa mer



als Gemeng Proprietär si vum Terrain – an der Konditioun, dass mer um Terrain kommen, och deementspriedend, och, wéi gesot, dee sou gestallt sinn, dass mer och Wunnengsbau deementspriedend kënnen maachen. Dat e bësse méi zu de generelle Consideratiounen. Dann e bëssen zu der Toile de fond, der Schwieregkeet, déi mer hei zu Diddeleng hunn, fir Terrainen ze mobiliséieren, sief et fir eng kommunal Handwierkerzone ze maachen, well et och do, wéi gesot, nach eng Kéier bei de Proprietären – dat hat ech och ugangs bei der Presentatioun vum Budget gesot – dass et do Proprietäre ginn, déi déi Terrainen sou schnell wéi méiglech wëlle viabiliséieren an et och Terraine ginn, wou d'Proprietäre bremsen. Och dat ass eng Realitéit hei zu Diddeleng. An déi selwecht Realitéit fënnt een och um Niveau vum Wunnengsbau, tout en sachant que national gesinn – an och dat ass eng Realitéit – dass just 10% vun den Terrainen an ëffentlecher Hand sinn an 90% a privater Hand sinn. Dat si Realitéiten, mat deenen dëst Land an och Diddeleng ze kämpfen huet. Mir sinn do keng Insel a sécherlech wäerten am Kader vum Pakt Logement 2.0., mee spëtstens 21, gräife mussen, déi jo dann och, hoffen ech, eng Rei Elementer rakommen, wou een effektiv do déi Terrainsmobilisatioun besser aktivéiere kann an och Proprietäre besser ka mat eranhuelen, wéi dat bis de Moment de Fall war am Kader vum Pakt Logement.

Ech géif villäicht ufänke mat deene verschidde Stellungen vum der Madamm Kayser: Ech mengen, dass mer – an dat mierkt een och – trotz der Wunnengssituatioun an der Mobilisatioun vun den Terrainen, Diddeleng awer eng Stad ass, déi weider wisst. Dat hu mer och gesinn am Kader vum Accueil vun den neie Bierger. An do ass natierlech och kloer d'Situatioun, dass d'Ufuerderungen an d'Besoinen un eis Gemengeservicer effektiv weider steigen. Wann nei Quartieren sech entwéckelen, nei Gebaier gebaut ginn, nei Logement, respektiv nei Leit heihin och wunne kommen, ginn natierlech eis Servicer vill méi sollicitéiert. An ech kann lech just soen, dat wat u Personalfraisen hei am Fong zeréckbehale gouf, och villäicht vun neie Posten – muss ee jo Mol kucken, wat d'Servicer ab initio froen, wat si gäre vu Personal hätten. Ech mengen da si mer bei deem vervéierfachte vun deem, wat hei zeréckbehale ginn ass. An ech mengen, wann der scho – et muss ee jo och emol kucken, wat seet d'CSV, respektiv wat seet se net – se seet villäicht dass hei effektiv eng gutt 4,9 Milliounen, dat méi ausmécht am Budget 2020, mee ech gräifen do dat op, wat och d'Madamm Martine Bodry-Kohn gesot huet: Do ass eng Index-Tranche dran, an ech mengen, hei bannen hale mer jo um Index, ausser mir sinn net der Meenung, da solle mer et och soen. Mir halen och um Prinzip vun de Biennalen. Bon, ech mengen, 't ass dat, wat eis un d'Fonction publique leet, an ech mengen, mer hale mol dorunner. Wann Dir net dorunner haalt, da sot eis dat. A wéi gesot, par Rapport zu den neie Coûten, wou d'Personalfraisen, déi dobäikommen, hunn ech d'Erklärung gesot, firwat mer déi zeréckbehalen hunn a wat ab initio effektiv ëmmer d'Demande sinn. An ech mengen, hei maachen zu Diddeleng Personalfraisen eleng 48% aus. Also mengen ech och do, eng gutt Ausgangspositioun.

Ze soen, dass effektiv Projeten annoncéiert ginn an net realiséiert ginn, dat stëmmt net. Dir hutt geschwat iwwert d'Déierenasyl, Salle Polyvalenten, Ateliers communaux – ech mengen, dat si Projeten, déi sinn a Planung, mee dat si Projeten, déi hunn eng gewësse Komplexitéit. Beim Déierenasyl, do ass jo net nëmmen d'Gemeng Bauhär. Et ass e Projet déi jo och gemeinsam gemeet gëtt mat der Fleegestatioun, wou mer net Bauhär sinn. Dat sinn awer Terrainen, déi der Gemeng gehéieren – also och eng gewësse Komplexitéit, fir do Etüden ze maachen, och um Niveau vun de Reegelen. Dat si Projeten, déi, wéi gesot, a Planung sinn a wa se sprochräif sinn, da komme se jo och souwisou hei an de Gemengerot, wou mer iech dat presentéieren. D'Salle Polyvalente – do ass absolut kee Versuch. Mee ech hat dat d'lescht Joer scho gesot. Schwieregkeetsgrad: Mer sinn am Fong eng vun den éischte Gemengen déi higeet, an eppes baut, wat um Niveau vun der Kreeslafwirtschaft ass, vun der Economie circulaire. Dat hunn ech hei net raushéieren, obwuel ech et gesot hunn am Kader vum Budget. Och dat bréngt eng gewësse Komplexitéit mat sech, well dat awer nach fir Lëtzebuerg Neiland ass a well do och um Niveau vun de Ministère transversal eng Rei Initiative gëtt ronderëm d'Kreeslafwirtschaft a mir, mengen ech, eng Gemeng sinn, déi iwwert déi dote Salle Polyvalente dat do deementspriedend och probéieren ëmsetzen an natierlech och Mengengenatellieren, déi och natierlech eng gewësse Schwieregkeet mat sech bréngen, wat och effektiv d'Ausschreiwung ugeet, well och dat e komplexen Dossier ass. Ze soen, dass op Helper näischt ass – ech mengen, dat ass falsch. Am Budget fir de PAP sinn 100.000€ virgesinn, also si wuel effektiv Kreditter dran. Nach, wéi gesot, ass déi Schwieregkeet, déi ech gesot hunn, iwwer 20 verschidde Proprietäre mat der ganzer Toile de fond, déi ech iech effektiv ugangs erkläert hunn. An ech kann hei dem Gemengerot nëmmen, wéi gesot, un d'Häerz leeën: Liest iech deen Artikel am Lëtzebuerger Land duerch. Deen weist ganz kloer, wéi d'Realitéit ass, an dat muss een och hei soen, ob een an der Majoritéit ass oder an der Oppositioun, well dat gehéiert zu der Diddelenger Realitéit. Dann, par Rapport, fir nach eng Kéier op d'Personal zrëckzekommen. Dir hutt geschwat iwwer Posten temporaire. Jo, ech mengen, dat ass e Kredit, dee gëtt geholl. Mir hu jo och Leit, déi an de Congé de maternité ginn oder an de Congé parental, respectiv Congé sans soldes. Wa mer da fir déi Zäit, wou se net do sinn, effektiv musse mer so jo effektiv och ersetzen, duerch en CDD an effektiv ginn dann effektiv déi dote Posten effektiv déi Leit agestellt, en CDD, en attendant, wéi gesot, dass déi dote Congéen deementspriedend och oflafen.

De Projet Filmindustrie – Ech mengen, Dir sot zwar, dat wär e Wësch gewiescht, mee dat ass en offiziellt Dokument, dat vun engem Bureau d'études opgestallt gouf, dat och mat de Ministère zesummen diskutéiert gouf an deen et absolut net als Wësch gesinn hunn. Natierlech hat ech mer gewënscht, a mengen ech och dës Majoritéit an dës Schafferot, dass d'Regierung éischter reagiert hätt par Rapport zu där Annonce, déi se gemeet och huet a mir sinn de Moment och effektiv am Gaang un enger Rei Alternativen ze schaffen, och mam Fonds du Logement zesummen. An eng Alternativ kann effektiv déi Erlefniswelt ronderëm Film a Fotografie sinn, fir effektiv



och bei där Iwwerleeung ze bleiwen, vum Centre National de l'Audiovisuel an och fir effektiv dee Pôle identitaire ze halen, wäerte mer och Ufank des Joers eng Entrevue mat der Regierung hunn a mer wäerten iech en courant halen, wéi et effektiv och do weider, wéi gesot, geet.

D'CSV schwätzt vu Fehlplanung par Rapport zum Shared Space. Och do: Welcome to reality. D'lescht Woch hat ech gesot, och a ganz illuster gefouert CSV-Gemengen. Schwätzt emol mat deenen. D'Realitéit ass och ganz eng aner um Niveau vum marché publique Gesetz, wou mer eng gewësse Saturatioun hunn, wou net méi vill effektiv Entreprises Demandë beäntwerten an effektiv, wa se beäntwerten, dat war se ofgi méi deier ass, wéi deem-entsprechend d'Sousmissioun. Mir hunn de Moment hei zu Lëtzebuerg eng Situatioun, wou effektiv eng Saturatioun ass an déi wäerte mer sou bal net behuewe kréien, well mer och wëssen, a wéi enger Situatioun generell dëst Land um Niveau vu senge Betriber ass an och vu sengen Handwierksbetriber, ass et se och déi déi mer sollicitéieren, wa mer effektiv déi verschidde Loten ausschreiwen. Dat heescht mir si bëssen och do Tributaire vun enger nationaler Situatioun.

Par Rapport zu Helper mengen ech, sinn ech drop agaan- gen a par Rapport zu Koibestrachen: Bon, do sot Der, wéi leeft dat? Do misst eppes gemeet ginn. Bon ech wëll just hei nach eng Kéier soen, dass mer am Kader vum Plan sectoriel hei d'Weiche gestallt hunn, souwuel fir Helper, dass dat eng kommunal Zone soll ginn, respektiv Koibestrachen, dass dat am Kader vum Plan sectoriel endlech eng national Zone soll ginn. D'CSV huet sech enthalen. Dir hutt de Moment verpasst, fir kloer Akzenter ze setze par Rapport zu deenen zwou Zonen. Haut dann hei ze soen, wou si mer drun, mer musse weidergoen. Ären Asaz hutt der deementsprechend do verpasst, wëll ech hei ganz kloer do bekräfigen. Bon, Koibestrache gëtt jo dann eng national Zone „santé an technologie“ an do ass natierlech och de Wirtschaftsministère um Ball, deen natierlech lo muss aktiv ginn, fir do weider Terrainen ze kafen, fir se och déi Zone do ka weider entwéckelt och ginn a mir hunn och scho bei hinnen ugeklappt, fir effektiv ze kucke mat hinnen, wat d'Iwwerleeunge sinn. Well dat dote ka jo och nëmme goen, wann och am Kader vum Wirtschaftsmissioun an dem dote Beräich ka gekuckt ginn, wat kann zu deenen ugesidelt ginn. An do ass mengen ech och do effektiv déi Relatioun, déi, mengen ech, wäert privilegiéiert gi par Rapport zu deem dote Projet. A wéi gesot, par Rapport zu Helper hunn ech iech jo gesot, wéi d'Aschätzung vun de verschiddene Proprietären ass, wat d'Entwécklung vun Helper ugeet. An nach mengen ech, gëllt et hei se alleguete mat am Boot ze hunn, wa mer gären hätten, dass dee Projet vun enger lokaler Hand- wierzonen eng Realitéit soll ginn, wou natierlech och Wunnengsbau virgesi ginn ass. A wa mer d'Proprietäre gäre mathuelen, gëllt dann och hinnen, wéi gesot, effektiv, de Projet sou ze weisen, dass se och, mengen ech, si e gewëssene Benefice hunn als Proprietär fir hir Terraine mat eranzebréngen an och d'Gemeng e gewësse Benefice huet, andeems se kann eng lokal, eng kommunal Handwierzonen maachen, respektiv och mam Wunnengs- bau. Och dat ass, wéi gesot, eng Realitéit, déi hei zu Diddeleng ass.

Dir hutt effektiv de CHEM ugeschwat. Bon, mir hunn net op d'CSV misse waarden, fir en alternative Projet ze ent- wéckelen, wat no 2026 soll geschéien, wann d'Südspidol effektiv bis do steet. Ech mengen, mir sinn hei als Majori- téit un Daaler rugetruede fir ze kucken, wat kann een hei mam Site maachen. Natierlech och d'Oprechterhalung vun der Polyklinick. Mir mussen eis och Froe stellen, wat geschitt, dann déi Decisioun vum Verwaltungsgericht effektiv rechtskräfteg ass, wéi et do weider geet, well och dat, mengen ech, bréngt generell en neie Moment och hei zu Lëtzebuerg. Wat gelift? (onverständlech Fro) Ech mengen, dat ass déi national Diskussioun mat den IRMen. Dir wësst jo och net mat de Cten. Ech mengen dat wësst dir jo als Gesondheetsberuffer, wat do en Impakt ka ginn, quitt dass et nach an Appel ka goen. Ech mengen och dat kann nei Realitéiten op Lëtzebuerg bréngt, a villäicht och op Diddeleng. Ech weess net wéi do verschidde Positiounen si vu effektiv verschidden Orga- nisatiounen. Mee bon, alles dat muss een am Ae behalen, generell am Gesondheetsberäich. Mee op alle Fall wat de CHEM-Diddeleng ugeet, do wäert weider Geriatrie bedriwwen ginn, respektiv Polyklinick. An effektiv wäert da parallel un dem anere Projet geschafft ginn. An ech hat jo hei scho méi wéi eng Kéier gesot, dass mer a Kontakt ware souwuel mam Gesondheitsminister, wéi och mat der Familljeministesche an déi eis och zougesot hunn, dass fir deen dote Projet, wéi gesot, d'Relève ka geholl ginn, wann d'Südspidol bis steet. An da gëtt awer hei ugepran- gert, engersäits vun der CSV, dass mer net genuch um Niveau vum Wunnengsbau maachen. Bon, ech hunn iech d'Situatioun erkläert par Rapport zum Terrainsproprie- téiten, par Rapport awer och zum Droit de préemption. An da wa mer awer e Projet maachen, och wann e méi kleng ass, an ech denken hei un d'Rue du Commerce, un dat Caramutas Haus, dann ass d'CSV der Meenung, mer sollen do Büro maachen. Bei zwee Gebaier, déi der Gemeng gehéieren, ass d'CSV der Meenung, mer sollen do Büro maache fir de Staat an awer hei nees Discours halen, mer musse méi fir de Wunnengsbau maachen. Dat ass wierklech kontradiktoresch. Ech hat mer dann do éischer gewënscht, dir wäert da mat op de Wee gaangen an hätt de Projet matgedroen an net iech enthalen, well dat géif ärem Discours och eng Kredibilitéit deem-entsprechend och ginn.

Par Rapport zum CGDIS – ech mengen, den Henri Glesener ass drop agaan, wéi déi aktuell Situatioun ass. An ech hat och d'lescht Woch gesot, dass mer am nächste Gemengerot d'Konventioun wäerte virleien hunn. Ech mengen de Virlaf war jo engersäits Gesetz, respektiv Règlements Grand-Ducaux, déi och Detailer klären, well mer jo och eng Recette kréie vum CGDIS, déi mer jo och schonn hei ageschriwwen hunn a wéi gesot, ech mengen dat ware d'Prealabelen an déi Konventioun, déi wäert, do si mer nach am Gaangen, drun ze schaffen. Op jidde- falls wäert den nächste Gemengerot domadder effektiv befaasst ginn. Well mer hu jo engersäits schonn d'Kreditter drageschriwwen hunn. Mer wäerte sécher als Gemeng Proprietär vun de Gebailechkeete bleiwen. Mir si jo och Proprietär vum Terrain. Mir wäerten eng „mise à disposition“ maachen, eng Lokatioun maachen an herno wann effektiv déi nei Kategorie 4 steet, da wäerte mer natierlech déi Terraine recuperéieren an dat doten ass natierlech och eng ideal Plaz fir engersäits Gemen-



genateliieren, awer och fir nei Lotissementer um Niveau vun der Wunneng, well mer als Gemeng och do Proprietär sinn. Also mengen ech hale mer déi doten Terrainen. Mer wäerten se op alle Fall net verkafen, an och net op enger Stee „au mieux offrant“ deementspriedend bidden. Wann der awer och sot op der anerer Säit – wat seet d'CSV, wat seet se net? Dir sot hei, dass Déifferdeng hei Wunnenge keeft. Dir gitt dat Beispill. Ech wëll just soen, dass dat e private Promoteur ass an dass d'Gemeng do keeft. Et ass net, dass d'Gemeng hei Bauhär ass. Also wann een hei mat Beispiller hantéiert, da muss een och déi ganz Wouerechtkeet soen. Et si sécherlech 80 Wunnenge, mee wéi gesot, et ass e private Promoteur, deen hei effektiv gouf. An ze soen, mengen ech, dass mer déi 10% net spille gelooss hunn fir deem unzeecken, wat d'Madamm Andrich gesot huet – ech wëll nach eng Kéier hei erënneren, dass dësse Gemengerot e PAP „Lenkeschléi“ gestëmmt huet an e PAP „Am Duerf“, wou mer ganz kloer eist Virkafsrecht drageschriwwen hunn par Rapport zu de Logementer a mer hunn och dat gezunn hunn. Also hei dat ze behaupten, dass mer dat net géife maachen, dat stëmmt net. Well bei den doten zwee Projeten hu mer et ganz kloer gemeet a mer wäerten och deemnächst hei, wëll ech hei soen, och am Kader vum PAP „Lenkeschléi“, do kommen nach fénnef Maisons unifamiliales. Déi wäerte mer och kafen, sou wéi mer dat och am PAP virgesinn haten. Also hei Saachen ze behaupten, déi net stëmmen, dat ass, wéi gesot, deementspriedend falsch.

Falsch ass och, dass mer, wéi d'CSV seet, dass mer duerch de PAG blockéiert sinn. Ech hat hei ganz kloer gesot, dass mer alleguerten déi gréisser PAPen, dass mer déi virum 1. November an d'Prozedur geschéckt hunn. Déi huelen deementspriedend och hire Laf. Mir wäerten och sécherlech deen een oder deen aneren hei hunn. Mir hu jo lo och dofir déi 4 PAPen vun NeiSchmelz an d'Prozedur geschéckt. Mir sinn also hei deementspriedend net blockéiert. Wéi gesot, den 28. Februar wäerte mer och hei de PAG, d'Modifikatioun vum PAG, d'Refonte? vum PAG an d'Prozedur schécken. Mir hunn also déi Konditiounen geschafen, fir eis grad eben net ze blockéieren um Niveau vun der Entwécklung vun der Stad Diddeleng. Dat par Rapport zu effektiv, zu de Froen vun der Madamm Kayser. Hunn awer och wéineg eraushéieren, wou d'CSV hir Prioritéite fir Diddeleng wëll setzen. Ech hu ganz vill Froen hei héieren un d'Majoritéit, un de Schäfferot, awer wéi dir är Prioritéite wëllt lagen, hunn ech wéineg hei raushéieren. Ech deelen dem Martine Bodry-Kohn seng Aschätzung zum progressive Budget, dee mer hunn, an dass mer hei ganz kloer Akzenter op eng ganz Rei Punkte setzen, fir, mengen ech, dës Stad weider attraktiv ze halen a kënne weider ze bréngen.

Par Rapport zu der Madamm Goergen. Do war effektiv déi Fro, déi Der opgeworf hutt mat der Assurance accident, mam Taux, wat e bësse méi en techneschen Deel ass. Also den Taux fir 2020, dee kréie mer jo nach matgedeelt. Ech ka lo just soen hei, wat ech bei eise Servicen nach eng Kéier nogefrot hunn, och no der Sëtzung, dass den Taux de base, deen ass jo 0,8%. Dat hänkt jo ëmmer vun den Aarbechtsunfall of, awer och vun der Kategorie. Den Taux de base ass 0,8, den Taux effektiv ass 1,04 a fir d'Stad Diddeleng ass en 0,9. Also, wéi gesot, et hänkt ëmmer vun Aarbechtsaccidenter, respektiv vun de Kate-

gorien, also et beweegt sech ëmmer tëschent deenen zwee. An ech deelen awer generell Är Aschätzung, wat d'Finanzsituatioun vun der Stad Diddeleng ass an dass mer och e gesonde Spillraum hunn par Rapport zu de Recetten a respektiv och zu den Depensen, ass och do déi Schéier sou ass, dass mer effektiv net an den Depensen deementspriedend erstécken.

Dann par Rapport zu Ären Aussoen zu den Terrain-Reserven. Ech mengen, dass mer jo carrement higinn op NeiSchmelz. A well et jo puer Mol hei dat Wuert och gefall ass hei, NeiSchmelz, dass mer grad do, wou mer als Gemeng – an ech well nach eng Kéier bekräftegen, well awer mengen ech, dass verschidde Leit hei am Gemengerot de Projet „NeiSchmelz“ méi wéi eng Kéier virgestallt kritt – dass de Fonds du Logement net exklusiv zu 100% Bauhär ass. Den ass zu 80% Bauhär an d'Stad Diddeleng wäert Bauhär zu 20% sinn, wat de PAP Quartier „Italien“ ugeet, respektiv den Deel hei beim Fohrmann, dass mer dat gemeinsam maachen, dass mer grad mam Projet NeiSchmelz eng vill méi dicht bauen. Dass mer grad do, wou mer et och kënnen, och dat notze wäerten. An ech mengen, fir e Site vu 40 Hektar 1000 Wunnunitéiten, wann een dat demultipliziéiert Mol 2,4, da kann een ausrechnen, wéi vill Awunner dohinner wunne kommen, nieft deen, déi do schaffe kommen an deenen nächsten 10 bis 15 Joer, wou déi Entwécklung jo a Phase gemaach gëtt, probéiere mer jo grad do eben hält méi dicht ze bauen, ouni awer lo hei effektiv Tüer ze bauen, déi sou demesuréiert sinn, dass se et net méi an e Quartier packen. Mir hunn natierlech verschidde Leuchttüer virgesinn. Ech mengen, dat hutt dir jo och gesinn am Kader vun der Presentatioun vum PAG, respektiv vun de PAPen. An ech mengen, et war grad do dass Der uprängert, et wier kee Paradigmewiessel, ass et grad awer deen, wou en do ass, soss hätte mer dat bei NeiSchmelz net gemeet. Ech huele mat ganz Interessen op, dat wat Der gesot hutt par Rapport zu enger nationaler Industriezone zu Déifferdeng, dass do Handwierksbetreiber sech kënnen usidelen. Dat schéngt mer jo dann en neie Moment ze sinn, wat jo positiv ass. Déi Ufroen, déi mir bis dato mol ëmmer gemeet hunn un de Wirtschaftsministère war exklusiv national an net regional an net kommunal. Gäre ginn ech deem doten no, wann et do e Präzedenzfall gëtt. Ech weess lo net, wat do d'Konditiounen, respektiv Krittäre waren. Mee ech huelen déi do Ureegung, wéi gesot, gären op a froen, firwat dass do eng Ouverture gemeet gëtt, wou awer kann deementspriedend och gemëscht ginn.

Dann nach awer méi eng kritesch Remark par Rapport zu der Klimaziler vun der Stad Diddeleng. Net méi spéit wéi gëschet gouf et eng aner Diskussioun ronderëm national Klimaziler an ech mengen, do muss jiddereen säin Obulus leeschten. Mee den Usaz, deen um national wäert kommen, wäert och op d'Stad Diddeleng kommen. Ech mengen, mer probéieren hei lo mol dat ëmzesetzen, wat mer als Gemeng kënnen ëmsetzen. A wann zousätzlech nei Virgabe kommen, dann, ech mengen, huele mer déi gären op an och do huelen ech dat mat eran, wat och d'Madamm Kayser gesot huet: Mir si jo déi véiertgréisst Gemeng, mir hunn e regionale Rôle, mir hunn och en nationale Rôle, dass mer déi lwwerleeungen, déi op engem nationale Plang gemeet ginn am Kader vun der Klimaziler,



Nohaltegekeetsziler, dass mer déi awer och probéieren hei zu Diddeleng ëmzesetzen.

Par Rapport zu den Iwwerleeunge vum Här Jadin. Bon, wou effektiv zu den Nationalinstrumenter ronderëm de Pacte Logement. Ech mengen, mir wëssen alleguerten, wéi e Bilan mer kënnen zéie vun engem Pacte Logement um Niveau vun engem Wunnengsbau. Wéi gesot, ech si virdrun drop agaangen, och zum Droit de préemption, dass mer dee gezunn hunn. Do wou mer kënnen, do zéie mer en och. Mee wéi gesot, mir mierken och, dass verschidde Propriétaires a verschidde Promoteuren am Droit de préemption an och an de Präiskategorie verschidden Astuten abauen, déi et net méiglech maachen, en ze zéien, well mer soss präisdreiwend wirken a well ech mengen, dass och dat eng Optioun ass, déi mer wëllen deementspriedend maachen. Et ass sécherlech do wou mer e gezunn hunn, ass eng Verprachtung drop, mee näischt schléisst aus, dass mer och den doten Terrain am Kader och vun der Reform vum PAG sou mat eran huelen, dass mer en och kënnen entwéckelen, well dat do och en Deel ass, wou och nach weider Projeten, Wunnengsbauprojeten, méiglech sinn, also dass dat do en Deel vun engem Ganzen ass, wou mer och weider Terrainsreserven hunn an natierlech dann och kucken, wann de Pacte Logement 2.0, wat do mengen ech och vu méi Incentive gëtt, fir, ech mengen, et huet och keng wäert hei Fronten ze maache géint Propriétaires, mer musse kucken, Propriétaires mat an d'Boot ze kréien, fir Terrainen ze mobiliséieren – mengen ech nach méi an enger Situatioun, an där mer hei zu Diddeleng sinn, wou mer wëssen, dass eng Minoritéit eng Majoritéit vun Terrainen hunn an effektiv dann do um Drücker sinn, wat d'Mobilisatioun oder d'Immobilisatioun ugeet, deem no wéi een et gäre wëll, effektiv deementspriedend och dréien.

Par Rapport zum E-Reider. Wéi gesot, do hunn ech lo keng Statistiken. Dat muss ech iech dann noliwweren. Dir hutt mer de Mueren d'Fro gestallt. Dofir hat ech dat direkt um Ufank, wéi gesot, präziséiert. Par Rapport, wéi gesot, zu den Ausféierunge vun der Madamm Andrich-Duval. Ech mengen do sinn ech jo ugangs drop agange par Rapport zu der Wunnengssituatioun. An ech mengen, mir hunn net fir näischt – an dat sote mer jo och zesammen hei gemeet – dass mer de Stock vu Wunnengen, déi a Gemengenhand sinn, dass mer déi ugekuerbelt hunn. Bon, Dir sot zwar hei effektiv, et ass näischt geschitt. Bon, ech weess, dass eng Kéier en CSV-Premier d'Logementproblematik zur Cheffesaach gemaach huet. Och wor de Bilan ganz ganz moer. An ech wëll awer och nach hei soen, Dir hutt den Här Wolter zitéiert um IVL. Entretemps gëtt et och e Modu an e Modu 2.0. Och dat huet evoluéiert. Och dat ass eng aner Realitéit vum Modu 2.0 par Rapport zum IVL, well och do huet d'Realitéit am Niveau vum Aménagement du territoire an och vun der Mobilitéit hei zu Lëtzebuerg geännert, tëscht engem Modu 2.0 an engem IVL. Jo Modu 2.0 war nach en anere Minister, mee wéi gesot, d'Realitéit muss een net... Also wann een hei an engem Gemengerot eng Budgetsdebatt wëll féiere vun 2020, da muss een och d'Instrumenter huelen, déi à ce stade d'Applikatioun sinn, d'Orientéierung vun elo an net d'Orientéierung vu virun 30 Joer, well d'Lëtzebuurger Land an Diddeleng virun 30 Joer, och mat der Einlag vum Här Garcia, huet awer changéiert – Mol méi am Positiven, Mol méi am Negativen –

am Kader vun der Entwécklung, déi dëst Land, wéi gesot, erkennt mat sengen Terrainen a och mat der Präisspiral, wéi gesot, déi mer kennen. An ech wëll nach eng Kéier dat opgräife wat der sot par Rapport zu Helper. Och do ass en Deel natierlech virgesi vu Wunnengsraum. Also et soll eng Mëschzone gi vun Handwierkszone, respektiv och Wunnengszone.

Par Rapport zum Aménagement vun der Plaz, also vun der Kiermes zu Bireng – Do si mer Tributaire. Mir wäerte ganz kloer dee Projet net, effektiv, dem Projet vum Fonds du Logement, dee jo Bauhär vun der Baulück, virzéien. Bon, fir eis ass et ganz kloer, dass dee Projet fir d'éischt muss gemeet ginn, éier mer dann d'Aménagement ronderëm maachen. Et huet kee Wäert elo mat Aménagementemter do unzefänken, wann dann herno effektiv do e Chantier ass. Et gi jo effektiv och déi Aménagementemter beusprocht, wat jo awer mengen ech net zomuttbar wär. Wéi gesot, de Projet ass hei sprochräift. Ech weess awer, well ech dat nach eng Kéier nogefrot hat, tëscht dem Fonds du Logement an awer och den Architekten nach eng Rei Detailer ze kläre si wat d'Innenausrüstung ageet vum Projet, respektiv wier awer och dat heiten e Projet, dee gouf jo och an der Press presentéiert vu Fonds du Logements, well jo awer och hei Vollete vun der Economie circulaire och mat an d'Spill kommen. Och hei mengen ech gëtt probéiert, nei Weeër, wéi gesot, anzegoen. An déi generell Iwwerleeung, déi der gemeet hutt, mat de Quartieren, ech mengen, dass dat eng Iwwerleeung ass, déi ee kann ophuelen a firwat och net un eis Frënn vu l'Amis de l'histoire generell weider ginn, respektiv vun der Mémoire collective. Dat ka sécher effektiv e flotte Projet sinn, grad, effektiv wéi Der sot, wann och nach Zäitzeien do sinn, dass een dat effektiv och opgräift. Ech mengen, dass dat eng Iwwerleeung ass, déi ee sécherlech soll deementspriedend och weider, wéi gesot, poursuivieren. Ech mengen dat war par Rapport zu Äre Remarken. Dann den Här Gangler. Ech mengen och do deelen ech absolut Äre Aschätzung vum Budget, wann der sot par Rapport zum Parking am Duerf. Et ass richtig, dass de Parking de Moment vill besser leeft, wéi am Ufank: Dass e vill méi Usproch fënnt, dass vill méi Leit en notzen an doduerch natierlech och d'Recette méi an d'Luucht ginn an doduerch och déi Charge, déi mir ze droen hunn, erfogëtt. Et war vun Ufank un gesot ginn, dass een zwee bis dräi Joer, méi 3 Joer brauch, fir dass dat am Fong gräift. An et mierkt een am Fong hei, dass mer lo op engem Punkt sinn, wou mer awer och e gudd Roulement an de Parking erakréien an effektiv och Geschäftsleit eis och dee Retour ginn. Ech mengen si si jo och do iergendswéi de Bols, déi eis soen, wéi d'Akzeptanz ass. An deen ass de Moment, wéi gesot, ganz ganz ganz gutt.

Wéi gesot, firwat hu mer an de PAG déi 35.000€ ageschriwwen? Bon, mir hu jo lo och déi ganz Etude gemaach dëst Joer, notament ronderëm d'Supp, respektiv ronderëm awer och d'Ausschaffung vum PAG selwer. Dat wäert eis jo och nach begleeden d'nächst Joer. Well wa mer lo den 28. Februar de PAG a Prozedur schécken, an ech mengen, Dir sitt jo säit enger Zäitche Member vun dësem Gemengerot: Dir wësst jo, wéi Prozedure si ronderëm de PAG vun enger Refonte? Dat sinn déi selwecht, déi am Kader vun enger Modification ponctuelle. Do musse mer eng ëffentlech Informatiounsversammlung maachen.



Da komme sécherlech Leit, déi reklaméieren. Et komme sécherlech méi Leit, déi reklaméieren, par Rapport zu enger Modification ponctuelle. Da musse mer dat als Gemengerot verschaffen. Alles dat maache mer zesumme mat de Büroen, déi eis eis begleeden, notamment mam Büro Zeyen a Baumann, dat sinn och déi, déi eis effektiv an dem dote Prozess begleeden. An da musse mer natierlech och déi verschidde Kreditter virgesinn, fir effektiv dann och – muss ee lo hei och soen – de PAG-Refonte. Déi wäert eis jo nach e gutt Joer begleeden an deem ganze Prozess, mengen ech, wäerten se eis effektiv begleeden an do musse mer och Kreditter virgesinn, fir dat si natierlech och dee ganze Volet do och, wéi gesot, verschaffen. Dofir fällt och de Gros, mengen ech, vun Depensen op op d'nächst Joer, well jo och mengen ech nach vill Aarbecht op eis duerkënnt, nieft der Viraarbecht, wéi gesot, déi mer lo am Gaange sinn ze maachen.

Par Rapport zu deem Devis, deen Der mentionéiert, respektiv jo awer och den Decompte, dee scho gemeet gouf. Dat war jo just den Deel vun der Fassade, den elo gemeet gëtt. Deen Devis, dee mer deemools gestëmmt hunn, war just den Deel vum Devis vun der Fassade, wou mer wéi gesot 2013/14 frësch gemeet hunn an do hu mer nach guer keng genau Etüde gemeet, wat de viischten Deel vun der Fassade ugeet. Dofir war dat an dem Devis vun 2011 guer net dran, an dofir musse mer dat lo einfach op de Leeschten huelen. Dofir musse mer lo einfach Kreditter virgesinn, fir effektiv mam concernéierte Büro ze kucken, wéi d'Situatioun ass bei der viischer Fassad. A wéi gesot, dofir sinn déi Kreditter vun deem Deel hei virgesinn.

Wéi gesot, ech mengen den Här Garcia huet eng Rei Aschätzung gemeet an ass effektiv op deen Artikel vum Lëtzebuurger Land agaan an ech menge wann der deen Artikel bis alleguete gelies hutt, da verstitt der de Schwieeregkeetsgrad. Ech muss soen, dass de selwechte Chercheur och eng Analys gemeet huet, wat d'Stad Lëtzebuerg ugeet, wou d'Situatioun net anescht ass, wéi an der Stad Diddeleng, quitt dass déi tendu vum Territoire vun der Stad Lëtzebuerg en aneren ass, wéi d'Stad Diddeleng. Mee do mierkt een einfach, et ass jo net fir näischt dass 10% an ëffentlecher Hand an 90% a privater Hand, dass natierlech déi do Situatioun sech op de Gemenge generell rëmfanne sinn an dass een dann natierlech probéiert Akzenter ze setzen, do wou een effektiv Terrainen huet a mir hu jo lo d'Chance, mat NeiSchmelz kënnen Akzenter, wéi gesot, ze setzen.

Par Rapport zu den Ausféierunge vum Här Martini: Natierlech wäerte mer och déi 10% walte loosse bei A Bëlleg. Mir hunn de Moment just eng Modification ponctuelle gemeet. Och do wäert effektiv de PAP – de PAP ass jo och an d'Prozedur geschéckt gi vum 1. November – an do wa mer hei de PAP, respektiv spëtstens wa mer d'Convention d'exécution hunn vum PAP Abëlleg, wäerte mer hei déi 10% aschreiwe loosse, villäicht awer och méi en Fonction vun deem neie Pacte Logement. Ech menge mir sinn hei e bësse jo hei och u Prozedure gebonnen. PAP stëmmen, respektiv d'Convention de construction. Ech kéint mer gutt virstellen an där Zäitschinn, an der mer eis beweege par Rapport zu deem dote PAP, respektiv par Rapport zum neie Pacte Loge-

ment 2.0, dass déi doten Zuel villäicht méi héich ugesat ka ginn, mengen ech – à discuter am Kader vun den nationalen Instrumenter, déi mer deementspriedend hunn, déi mer natierlech och um lokale Plang Nidderschrëft fannen.

Dir hutt Déi Fro gestalt par Rapport zum Sponsoring, ob dat legal ass. Bein, en ass legal, soss wieren déi Budget virdrun net vum Inneministère approuvéiert ginn. An Dir hutt jo och all Kéiers am September/Oktobre hei eng liste modificative virleie ronderëm de Sponsoring, also ass alles legal. An dat sinn am Fong Suen déi mer rakraien am Kader vun der Fête de la Musique. Ech ginn all Kéiers drop an hei am Gemengerot, wa mer iwwer d'Liste modificative schwätzen. Also alles am legale Beräich. Wann et net legal wier, da géif den Inneministère eise Budget net approuvéieren an dat war jo bis dato ni de Fall, also leeft alles hei am Kader vun der Legalitéit, vun der Budgetsapprobatioun.

Wat LETZSHOP ugeet, do deelen ech Är Aschätzung awer net. Ech menge mir hunn hei eng Kontributioun als Stad Diddeleng op enger nationaler Plattform éischens an zweetens hänkt et bei der Aktivitéit – an dat huet mech awer e bësse vermësst an Är Analys – hänkt jo awer déi Attraktivitéit vun der nationale Plattform vum Matmaache vun de Commercen of. An ech kann lech awer soen, dat déi Leit, déi bei LETZSHOP ugestallt sinn, net midd ginn, all Dag vun Norden duerch de Süden ze fueren, Osten-Westen, fir effektiv sou vill wéi méiglech Geschäfte vun deene Gemengen déi bei LETZSHOP mat dobäi sinn, mat erop ze huelen. A wann Der och eppes net fannt, wann Der et sicht, dann huet et villäicht och eppes domadder ze dinn, dass villäicht ee Geschäft, wat et géif ubidden, net op der Plattform ass. Sou einfach ass et. Oder villäicht d'Utilitéit net gesäit, oder villäicht Ängschen huet vis-à-vis vun enger digitaler Plattform, well och dat ass eng Realitéit um nationale Plang an eiser Geschäftswelt an et ass och eng Realitéit d'ailleurs, hei zu Diddeleng, wou déi Responsabel vu LETZSHOP wéi gesot och probéiere mat u Bord ze huelen, well et nieft der physescher Verkaafsfläch, déi een huet, jo och eng digital ass an en plus kritt ee jo och nach zousätzlech d'Saachen Heem geliwwert vun engem Lëtzebuurger Betrib. Mee ech mengen, et ass sécherlech nach e jonke Projet ass, en neie Projet ass, awer mierken, dass iwwert eng ganz Rei Geschäfte awer drop sinn. Mee et ass sécherlech och do Sputt no uewen ass, fir dass méi Geschäfte dropkommen. Also sécherlech nach vill lwwerzeegungsarbecht ze maachen.

Mir wëssen awer och, wéi generell hei am Land d'Situatioun vun der Geschäftswelt ass. Do sinn net alleguete jonk Entrepreneuren, déi effektiv d'Digitalisatioun an d'Ängscht fir d'Digitalisatioun hunn. Do sinn, wéi gesot, oft nach Betriber, déi dat éischter als eng Hämmschwell ugesinn. Och dat si Realitéiten, mat deenen een och ze kämpfen huet an awer probéiert dat, wéi gesot, weider ze dreien. Par Rapport zu der Salle Polyvalente: Ech mengen, ech si virdrun drop agaan. Ech mengen, dass dat e flotte Projet gëtt, well mer do d'Kreeslafwirtschaft mat eranhuelen, d'Economie circulaire. Den Hild, dee bleift sécherlech bestoen. Hei geet et virun allem drëm en zousätzleche Raum ze schafen, sief et Versammlungs-



raim, sief et awer och Raim fir Manifestatiounen. Mee natierlech ass et och virgesinn, an dat mengen ech, huet een an der regionaler Studie jo gesinn, déi ëffentlech ass – wann eng Kéier déi Unterföhrung kommen, sollt se bei der Diddelenger Gare, dann ass natierlech de Centre Hild ee vun de Gebaier, déi deementspriedend weiche muss. Mir wëssen awer och alleguerten heibannen, dass de Centre Hild e Gebai huet, wat eng Rei Joren op sech huet, an dass dat awer och e Gebai ass, grad wann der déi Saachen uschwätzt vun Accessibilitéit, mengen ech och do eng Rei Faiblessen huet, géif ech mol soen,

Defizienten huet, a mengen ech och hei probéieren iwwert den Hall Polyvalent an der Beetebuergerstrooss och do eng Rei Saachen deementspriedend och ze, wéi gesot, ze verbessern. Mee wéi gesot, den Hild bleift bestoen. Mir probéieren einfach hei d'Unzuel vu Versammlungsraim effektiv auszubauen. Wéi gesot, den Här Glesener ass op de ganze Volet vun der Sécherheet agaangen, notamment um Niveau vum CGDIS. Ech mengen do si mer natierlech gehalen als Gemeng, eis Kontributioun mat eranzebréngen. Dat ass net méi wéi richtig, well de d'Etablissement publique ass vu souwuel de Stad, wéi och d'Gemengen doru bedeelegt sinn, mee awer och do – wéi Der richtig gesot hutt – mir als Gemeng eis Hausaufgabe gemeet hunn, fir en Terrain auszesichen, fir dass den neie CGDIS do ka gebaut ginn an och en attendant deen zur Verfügung stellen, iwwert eng Konvention, iwwert e Contrat de bail, eng Mise à disposition, déi mer och am nächste Gemengerot hei wäerten debattéieren a wou jo och da Virgabe si vum Gesetz, respektiv vum Règlement Grand-Ducal, well et jo och do Schlësele ginn, wie wat kritt. Et ass mengen ech och deem Rechnung gedroe gëtt, well och d'Situatioun vum de Rettungszentren hei am Land jo och verschidde sinn an natierlech, wann een e Rettungszenter huet wou effektiv méi eng Wichtigkeet huet, duerch säi regionale Rôle an dat ass bei Diddeleng jo effektiv och de Fall. Duerch seng Asaz, déi si aktuell maachen, fält natierlech och d'Recette vun der Staatesäit vum CGDIS méi héich aus, wéi wann een effektiv e Rettungszenter huet, deen effektiv méi an engem rurale Raum ass – ech drécken et einfach Mol sou aus. Dat heescht deene Reglementer Grand-Ducauxen gëtt also Rechnung gedroen, och an der Recette, déi mer als, wéi gesot, als Gemeng kréien.

Voilà, ech hat elo vu menger Säit aus probéiert, op déi verschidde Punkten anzegoen. D'Kolleege wäerten op alle Fall och op hir, wéi gesot, Punkten agoen. Ech mengen, dass mer och hei e Budget hunn, dee progressiv ass an deen Diddeleng wäert weider bréngen, sou wéi mer och dat an eiser Schäfferootsdeklaratioun festgehalten hunn. An ech ginn elo d'Wuert weider hei un de Loris Spina.

LORIS SPINA (SCHÄFFEN – LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Léif Kolleege aus dem Schäffen- a Gemengerot. Ech géng och da fir d'ëischt awer mol jiddwerengem Merci soen, deen d'Wuert ergraff huet zu dësem, jo dach, wichtige Budgets-Dokument. Där hutt alleguerten deen Exercice ganz ganz eescht geholl. Dir hutt iech domat auserneegesat, dir hutt iech Gedanke gemaach, an deementspriedend och Ureegungen a Bemierkungen de Moien eis matgedeelt an och eng Rei vu Kriticken an ebe Froen, esou dass jiddwereen a sengem Rôle ass, an

natierlech och jiddweree mat sengem perséinleche Brëll dat Dokument analyséiert huet. Ech muss awer och festhalen, dass am Grousse Ganze ganz ganz vill Positives bei deene Bemierkungen dobäi war, sou dass dat Dokument jo sécherlech e gutt Dokument ass, dat Diddeleng wéi och scho vum Buergermeeschter ugedeit gouf sécherlech wäert weiderbréngen an et sinn natierlech och ganz vill Punkten do erëmzefannen déi an der Schäfte-rotserklärung senger Zäit no de Walen ugekënnegt gi sinn, do hu mir déi ugekënnegt Vitesse de Croisière respektéiert, agehalen, a mir leien do als Schäfte-rot ganz gutt an eise Timing.

Wat elo déi verschidde Ressorten a Froen ubelaangt, géng ech dann effektiv ufänke mat der Madamm Kayser, déi Froen vum Paddle gestallt huet an do ass et esou datt mir decidéiert hunn, well Livraisonsretarden opkomm sinn, de Paddle elo net bei dësem Wieder – quitt datt et am Moment awer erëm ganz agreabel dobaussen ass, awer net am Wanter opzemaachen. Mir géifen do waarde bis d'Fréijoer éier mir dann do d'Dieren opmaachen a wéi gesot, dann an Zesummenaarbecht mam Tennis, déi awer schonn eng Rei vu Kontakter hate wou Leit Interesse gewisen hu wat de Paddle ubelaangt eis da freeën dat zesummen opzemaachen. Wat d'Emplacement ubelaangt, do ass et jo esou dass mir um Kennedy och eng Etüde virgesinn hu wéi och schonn de Moien e puer Mol erwänt déi Hal vum Tennis respektiv och vum CND, déi soll dohinner kommen, à priori kann de Paddle do bestoe bleiwe mee wann net da kann en och déplacéiert ginn, esou wéi dat och senger Zäit ugekënnegt ginn ass hei, dass et am Fong geholl mobil wäert bleiwen. Soss sinn nach eng Rei vu Froen komm am Sportberäich. Ech wëll och do soen, dass der do alleguerten de Fair-Play gewaart hutt, wier dat am Sport och gären hei gesat, egal wien do och eng Fro oder eng Kritik hat, dat war awer alles, fannen ech, ganz fair a sportlech.

Ech kommen dann zu den Äntwerten: Den Hartmann ass zwee mol ugeschwat ginn, engersäits fir d'Vestiairen. Do wellechawerdrunerënnerendassengerzäit am Dialog, dee mir do lancéiert haten, natierlech d'Doleancen an d'Ufroen vun de Veräiner, och vum Handball an deem heite Fall, och consideréiert gi sinn an alleguerten déi Projeten, déi mir do haten do war och kee Projet dobäi zum Beispill de Volet Vestiairen anescht behandelt huet oder méi grouss Vestiairë proposéiert hätt. Entre temps ass d'Entwécklung och am Handball e bëssen esou gewiescht dass effektiv méi Leit am Vestiaire sinn, wéi vläicht nach wou dee Projet ausgeschafft ginn ass, ier en natierlech ëmgasat ginn ass a witzegerweis sinn och d'Material notamment d'Poschen, déi si vill méi grouss gi wéi se deemools waren. Mëttlerweil sinn dat richtig Valisen, déi do eragefouert ginn, esou dass et wierklech bei deene Senioren- a Seniorinnematcher enk an deene Vestiaire



war an do si mir am Fong geholl der Demande an deem Sënn nokomm, fir dat da relativ einfach awer elo ze vergrësseren ouni grësser Investor. Bei de Storen ech mengen do war sengerzäit den Här Claude dee war mat senger – well deen nach President vun der Kommissioun war hunn se déi effektiv déi Beanstandung?? och deemoools scho gehat a mir waren am Fong sou verblíwwen, dass mer gesot hu mir kucken emol, ob an der Realitéit dat néideg ass oder net. Déi éischt Jore war et net kloer. Deemno wéi d'Sonn stoung wat dann do stattfonnt huet war et eemol ee Problem mol net, an iergendwann hu mir gesot „Gutt, da well et awer heiansdo ee Problem ass, dann investéiere mir elo an déi Storen“. Am Fong geholl dee selwechte Prozess dee mir och am Grimler haten. Mir hu fir d'éischt gesot, mir kucken eis d'Saach un a wann et da Sënn mécht, dann investéiere mir an deementspriechend ass dat elo hei am Budget virgesinn. Jo, d'Slacklinen, ech mengen do ginn et méi Plaze wou een déi kéint usetzen.

Mir hunn elo proposéiert dat beim Lycée beziéungsweis beim Zentrum no am Park ze maachen. Da muss een och do kucke gëtt dee Sport acceptéiert? Wann do vill Interesse ass, da wäert nach déi eng oder déi aner Statioun bäikommen an do ass sécher och NeiSchmelz eng flott Méiglechkeet. Mir brauchen eis sécherlech net ze verstoppen a mir si weiderhin eng Héichbuerg do ginn ech deenen Intervenanten och Recht, och well mir de Veräiner vill zur Verfügung stelle punkto logistesesch Ënnerstëtzung awer och d'Infrastrukture sinn an engem ganz gudden Niveau an de Sport zu Diddeleng gëtt groussgeschriwwen, wat een effektiv net nëmme mat Titele muss zielen, do ginn ech dem Här Jadin komplett Recht. Et ass e flotten Aspekt vun deem Ganzen, mee och soss ass de Sport wichteg, wann een net onbedéngt Titel kritt. Engersäits ass et eng flott Virbereedung op d'Liewen, anersäits huele mir d'Kanner vun der Strooss, wéi een dat esou schéi seet, an dat soll ee sécherlech ënnerstëtzen. Et ass eng Zort vu Sozialaarbecht, dat mécht de Sport ganz kloer, awer net nëmme de Sport. Ech mengen, et sinn och aner Institutiounen a Veräiner an Associatiounen zu Diddeleng, déi dat ganz änlech maachen an hirem Beräich an ech mengen do si mir hei zu Diddeleng ganz gutt opgestallt. Och déi sëllegen Etüden, Här Friederich, sief et um Meyer um Kennedy awer och ronderëm de Strutzbierg oder d'oppe Schwämm, ginn natierlech mat alle concernéierte Partner um Site, ronderëm de Site, d'Awunner gi mat abezunn, d'Schoulen, d'Maison Relaisen, wann do Synergië méiglech sinn, da gi se natierlech och gemaach. An nach ass et esou, dass et einfach wichteg ass, dass do dee gewëssenen Dialog mat alle concernéierte stattfënnt.

Am kulturelle Beräich, och do si mir a bleiwe mir gären eng Héichbuerg. Do ass eng Fro opkomm zum Plan de développement culturel vun der Madamm Kayser. Bon engersäits ass et fir e gewëssenen Ist-zustand festzesstellen: Wat fënnt hei statt um kulturelle Plang engersäits vum Gemengenservice aus? Ze rappelléieren dass mir ee Gemengenservice sinn op der Schmelz, an awer och déi aner kulturell Acteuren déi zu Diddeleng tätég sinn, sinn do nach Synergië méiglech? Wien kann do vläicht nach mat wem zesumme schaffen? Wat felt eventuell? Ginn et, wei gesot, Verbesserungsméiglechkeeten an och zu wéi enge Konditiounen wäeren déi da méiglech? Ech mengen,

alles dat sinn Aufgabe vun deem Plan de développement culturel. Flott ass et, dass dat eeneg Aufgabe sinn déi och am Projet 2022 erëmfanne sinn, dat heescht och do si Synergië sichtlech méiglech, well déi zwee Prozesser awer do verschidde Gemeinsamkeeten erëmfonnt hunn.

Wat den Här Garcia ugeschwat huet vun der Kultur an der Dekollektiv, an ech mengen effektiv, do wëlle mir op de Wee goen, dass déi hal déi den Dekollektiv zur Verfügung kritt, dass mir do ronderëm ee gewëssene Kreativhub wëllen opbauen, wou da méi Acteuren, déi am kulturellen ënnerwee sinn, do zesummekommen an hir Kulturstätte Diddeleng zesumme verwierklechen. Bottom up, also et ass jo elo eng rudimentaire Hal an da soll do déi Entwécklung an dee mat allen Concernéierten, mat alle Bierger, déi Interesse do hunn, kënnen do eppes zesummen opbauen. Ech mengen, dat trëfft e bëssen dat, wat den Här Garcia och ugeschwat huet.

Den Här Martini hat d'Fro vum Sponsoring ugeschwat. Also engersäits ass et kloer, dass et legal ass, anersäits fënnt een dat och an eiser Dokumentatioun erëm. Dat si Recetten dann deementspriechend an do gëtt et och ëmmer eng Pièce, eng Rechnung, mat deene verschiddene Partner déi mir do hunn. Dat kann engersäits eng finanziell Ënnerstëtzung sinn et kann awer och een Apport en Nature sinn, je nodeem wat de Partner do interesséiert.

Flott fannen ech och dass mir haut keng grësser oder komplizéiert Debatt hate ronderëm eis Manifestatiounen méi gréng a méi nohalteg ze maachen. Mir sinn eis eens, dass mir op dee Wee wëllen zesumme goen a mir sinn eis och eens, dass et ee laangen a schwierege Wee wäert ginn an och do brauche mir d'Ënnerstëtzung engersäits vum Gemengerot awer och all de Veräiner, Associatiounen a Benevoller, déi eis do um Terrain begleeten an dofir fannen ech et dat och flott datt mir hei do kee kënschtlechen Drock opgebaut hunn. D'Biergerparticipatioun, e flott a spannend Thema, dozou stinn ech nach ëmmer, awer och een Thema wou mir alleguerten eis mussen do erawuessen an eis Erfarunge sammeln. De Biergerforum war jo ee flotte Model, wou een awer och ganz éierlech muss soen datt de Biergerforum zum Schluss éischer (ech nennen dat elo) eng grësser Meckerkëscht ginn ass an och do den Zweck e bësse verfeelt huet. De Biergerrot – Ech mengen, den Här Garcia huet schonn e bëssen op d'Äntwert virgegraff, déi d'Madamm Kayser gestallt huet, déi wéi dee Biergerrot zesummegeruff ginn ass, also dat war aleatoire, sinn d'Leit do ugeschriwwen ginn an effektiv war elo de Feedback am Ufank méi zeréckhalend, wéi mir eis dat erhofft hunn an do hu mir geduecht fir dass de Biergerrot awer sollt stattfannen, géife mir op eis verschiddene Leit beziéungsweis Comitéen, déi mir an de Quartieren hunn, déi jo effektiv scho gesot hunn, datt se wëlle matschaffen, hu mir déi ugeschriwwen, se sollen ee Vertrieeder da schécke fir de Grupp an deem Sënn nach ze completéieren.

Jo, wéi eng Sujeten do ugeschwat gi sinn dat war elo net iwwerraschend, dat ass kloer, dass dat Mobilitéit engersäits ass, grësser Projeten, komplex Projeten, awer och vläicht da ganz kleng Projeten, déi awer deen eenzele Bierger dann awer beréieren, wann et dann ëm Propriétéit



oder d'Zigarettestämp geet. Dat ass awer och bëssen d'Id-di vun deem Biergerrot. Mir huelen deem eenzele Bierger eescht, wat dee concernéiert, deem ass fräi, deem ass fräi iwwerlooss wéi eng Sujeten hien do well abordéieren, a wat hien dann am Alldag stéiert oder verbessere wëll an dann zesumme probéiere mir Léisungsweeër opzefanne – zesummen an deem Sënn, dass och eis Gemengevertrieder, Gemengeservicer do vertruete sinn an den externe Beroder oder externe Moderator dat jo och moderéiert, deem dann dorop hiweist a wéi eng Richtung d'Léisung kéint goen an dat dann an deem Sënn kanaliséiert, dass d'Leit och verstinn datt déi Prozesser heiansdo vill méi komplex si wéi een dat heiansdo um Comptoir oder um Facebook mengt an dat ass am Fong geholl och eng flott Erfahrung déi d'Bierger dann zesumme mat eis maachen. Wéi gesot, et ass e bëssen Neiland, och verschidde Bierger trauen sech net an dofir mengen ech solle mir deem Ganzen och an deem Sënn weiderhin eng Chance ginn. Den zweete Biergerrot ass jo ugekënnegt fir Februar an de Biergerpanel, do gesinn ech dann och éischter d'Kommissiounsmitglieder, well de Biergerrot jo zoufälleg zesummegevielt gëtt. Awer de Biergerpanel, dat ass an deem Sënn eng flott Plattform, wou Leit déi an de verschiddene Kommissiounen aktiv sinn, och do kënne matschaffe well dee Biergerpanel 200-250 Leit berécksiichtge wäert, déi schonn an iergendwelleche Workshopen oder soss iergendwellech sech geäussert hunn, dass se wëlle fir Diddeleng mat matschaffen.

Well mir jo transparent sinn, well ech iech och net virent-halen, dass dee ganze Prozess an der Biergerbedeele-gung vill Uklang lénks a riets fënnt, mir hunn eng Rei vu Studenten, déi sech bei eis mellen, mir hu Leit, vun der Press déi sech bei eis mellen, mir hu Leit déi Publika-tiounen oder Zäitschrëften hei zu Lëtzebuerg schreiwen, déi sech bei eis melle fir engersäits gewuer ze ginn, wéi dat an der Praxis hei zu Diddeleng ëngesat gëtt well mir awer ganz kloer do eng Virreideroll hunn, an si felicitéie-ren eis engersäits fir de Courage an och déi Initiative déi mir awer do an deem Domaine op den Terrain leeën. Voilà, dat gesot, hätt ech mengen ech den Tour vun den Äntwerte gemaach, ech soen iech wéi gesot villmools Merci a sinn da gespaant op äre Vott.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Loris SPINA fir seng Stellungnam, an ech ginn d'Wuert weider hei un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (SCHÄFFEN – LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech wäert da wéi ëmmer kuerz a präzis op déi puer Froen äntweren, déi fir mech iwwereg bliwwen sinn. Ech fänken direkt un hei mat der éischter vum SeniorPLUS. Do ass et esou, dass Kontaktdeschutz gefrot ginn ass. Bon, dat geet, mir maachen eng Annonce an d'Blidchen, respektiv mir hunn een Depliant leien hei am Haus respektiv am Club Senior an d'Leit kënnen dann Hëllef Doheem selwer uruffen an da kréien se dee Service gebueden deem se brauchen, respektiv mir kréien da just vun Hëllef Doheem d'Rechnung geschéckt, wou den Numm an d'Adress vum Bierger steet an dann ass et fäerdeg. 2018 hate mir 10 Leit an 2019 ass et selwecht. Et si relativ wéineg Leit, déi de Service an Usproch huelen. Mee mir hunn awer festgestallt, soubal mir eng Annonce an d'Blidche gemaach hunn, direkt Leit sech mellen.

Dann huet d'Madamm Kayser nach de Sommet économique ugeschwat, do muss ech lech enttäuschen, och dir kritt fir deem nächste keng Invitatioun. Dat ass elo ganz brutal, mee do gëtt et awer och eng Ursaach. Et ass nämlech d'Initiativ vum Schäfferot de Sommet économique an et soll och e bësse méi an engem familiäre Kader bleiwen, eleng schonn duerch d'Tatsaach, datt en an zwee Deeler gemaach ginn ass: Deen éischten Deel entweder ass ee Minister dobäi oder een aneren héije Vertrieder wou d'Press dann och dobäi ass an den zweeten Deel ass dann effektiv de Schäfferot eleng mat de Chef d'Entre-prises, mam Arbeitsamt, an och mam Lycée, fir kënnen eventuell och puer méi intim e bësse méi quackelech Dossieren unzeschwätzen. Dofir ass dat esou, dat ass keng Ursaach, datt mir iech net wëllen do bäihuelen, mee et ass de Wonsch vun den Entreprises a vum Schäfferot, dat an engem familiären intime Kader ze halen an do gëtt och an Zukunft näischt dru geännert, och net bei der Press.

Gutt, an dann huet den Här Jadin geschwat vum Club Senior a vun de Fraise vum Elektreschen. Ech weess zwar net, firwat dir lech do just d'Elektrescht eraus-gepickt hutt, mee ech äntweren da just op d'Allgemeng-fraise vu Club Senior: d'Entretien-, d'Maintenance- an d'Energiekäschen, déi sinn awer stabil. Et ass näischt dass do eppes géif explodéieren, nee. De Club Senior ass een Haus, dat all Dag a Betrib ass, all Dag sinn do Leit, och d'Weekender mam Thé Dansant, mat der Ampiras und und und, an do si ganz vill och elektresch Apparater, et ass awer näischt do wat hei elo sollt besuergneser-reegend sinn, dass do géifen d'Fraisen an den nächste Jore géifen dovugaloppéieren.

Dann ass d'Madamm Andrich, déi huet gefrot no der ALA. Effektiv, d'ALA huet eis ugeschriwwen gehat als Diddelenger Gemeng, awer net nëmmen d'Diddelenger Gemeng, och all déi aner Gemengen hei am Land ugeschriwwen, vu dass si hir Maison de Soins um Goldknapp vergréis-sen ëm 36 Unitéiten an all Gemeng hat dann do Méiglechkeet sech kënne mat engem Droit d'Admission Prioritaire kënnen anzekafen. Dat kascht am Ganzen 90.000€, an där fannt d'Joer 30.000 am Budget an dann déi nächst zwee Joer all Kéiers erëm eng Kéier 30.000, dat ass selwecht wéi de Baubegënn, dee geet och d'nächst Joer lass, an all Joer wou gebaut gëtt, bezuele mi eng Tranche sou dass dann 2022 de Bau fäerdeg ass a mir och dann déi 90.000 ganz bezuelt hunn. Een Zëmmer kascht 90.000€, jo. Mir als Diddelenger Gemeng hunn een Zëmmer do eis reservéiert. Dann huet den Här Gangler e ganze Koup Froe gestallt. Mam CIGEL, firwat do näischt am Budget virgesinn ass bei de Recettes ordinaires. Wann der da kuckt bei der Depense ordinaire, do gesitt der de Fonctionnement vum CIGEL. Do ginn iwwer 300.000€ bezuelt an do



steet eng kleng Remark drënner: „Suivant des comptes“ an da gëtt sech op de Budgetsartikel vun de Recettes bezunn, well mir meeschtendeels dee Montant vun iwwer 300.000€ net brauchen. Firwat brauche mir deen net? Well mir meeschtendeels dee Staff vun 19 Leit net kënnen besetzen, well mir net ëmmer déi gëeegent Leit kréie fir anzustellen, ergo ginn och déi Suen net ëmmer gebraucht fir d'Funktionskäschte vum CIGEL kënnen ze profitéieren. Dir hutt vun der Etüd LIST geschwat. Do hate mir de virleschte Gemengerot driwwer geschwat. Ech ginn net méi drop a méi präzis op déi Fro ze äntweren, mee wann d'Resultater do sinn, effektiv ginn déi dann och an deene responsabele Kommissiounen virgestallt. Dat ass logesch.

An dann hutt Dir nach puer Froen gestallt vu Müllcamionen, dass deen, d'Emrüste vu Camionen, selbstverständlech, vu dass mir elo ee ganz neie kafen deen op d'Gewiicht taxéiert gëtt, an et ginn och nach zwee Anerer, eeler Camionen, déi ginn och emgerüst, dass een dat kann och esou wéi mat deem Neie maachen. Dir hutt gefrot, déi 10.000€ Subside fir d'Veräiner, déi ginn net aus dem Klimapakt geholl, déi ginn elo mol bei den Dépenses ordinaires vun der Gemeng geholl. Mir musse kucken, wéi dat sech entwéckelt. Mir betriede jo elo Neiland mat deene Subsidien a Gänseféisschen, wéi déi Green Events, wann dat natierlech sollt immens klammen, da wäerte mir dann och an de Klimapakt déi Sue siche goen. „OUNI“ de Buttek – OUNI, jo, dat gi Punkten am Klimapakt, wa mir dat hei realiséiere wäerten. Dir hutt och geschwat gehat vu konkrete Projeten zu dem Nohaltegkeets-Masterplan. Wann dee fäerdeg ass, dann eréischt gesi mir jo, wou konkret Projete kënnen gemaach ginn, mir müssen also de Masterplan wou mir elo opbauen, dee musse mir fäerdeg stellen, déi Workshopen an alles, a wat dobäi erauskënnt, dat geet an d'Projete wei et dann duerno d'Semester fäerdegstellen.

Dir hutt vum STEP geschwat gehat, de STEP keeft deen Terrain. Mir sinn a Verhandlung mat ARCELOR an et ass och esou dass mir dës Kéier am Budget Hallschent mol virgesinn hunn. Dee ganzen Terrain kascht warscheinlech 4.24 Milliounen. Dat gëtt awer opgedeelt op déi 5 Membersgemengen, je no Awunnengläichwäert. Dat heescht Diddeleng bedeelegt sech dann do mat 39.87%, dat wäeren 1.690 Milliounen Euro ausmaache wann et fäerdeg ass. Wéi gesot, mir hunn elo dës Kéier an de Budget Hallschent emol agesat, ob mir se awer dës Kéier gebrauche wësse mir net, dat kënnt dorop un mat den Verhandlungen mat der ARCELOR. Et ass och nach d'Gemeng Keel, d'Gemeng Rémeleng ass nach derbäi, déi brauchen och Terrain vun dem ganzen Areal. Mir hunn awer elo schonn eppes an de Budget dragesat gehat, wann et soll, da kënnen mir da schonn eng éischt Tranche bezuelen an dann den nächste Budget kritt der de Recht an de Budget gesat. Voilà, ech proposéieren datt ech dat

elo alles beäntwert hunn, wat gefrot ginn ass, an deem Sënn Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem René Manderscheid fir seng Stellungnam an da ginn ech d'Wuert weider un d'Josiane Di Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (SCHÄFFIN – LSAP):

Voilà, Merci Här Buergermeeschter, ech probéieren elo op déi verschidde Froen déi gestallt gi sinn hei anzegoen. Ech well awer allgemeng direkt am Ufank eppes soen. Ech mengen den Här Buergermeeschter huet zwar scho relativ vill doriwwer geschwat, Personalkäschten an och d'Augmentatioun vun de Präisser oder wa mir en Devis remanié musse stëmmen, firwat dat kënnt, ech wëll just hei einfach emol als Iddi, wéi dat kënnt, d'Personalkäschten: D'Bildungshaus eleng. Elleng d'Maison Relais musse mir 15 Leit astellen. Ech weess net ob jiddweree sech dat esou bewosst ass, do ass emol nach kee Portier dobäi an och nach kee Botzpersonal. Also alles dat fannt dir och am Budget erëm. Mir maachen eng Crèche op, och do musse mir 14 Leit Personal astellen, eleng fir d'Maison Relais. Also dat ass net wéineg, an dann ass et normal datt ech mengen dass eis Personalkäschten an d'Luucht ginn. Mir kënnen natierlech och soen, mir bauen elo net méi, a mir halen op Leit anzustellen a mir bidde keng Plaz méi un. D'Präisser, d'Augmentatioun, an ech muss dat eng Kéier ganz kloer soen, ech sinn de Moment relativ vill ënnerwee bei neie Projeten an ech muss éierlech soen, wann dir eng Soumissioun maacht, an et ass wierklech de Fait dass et esou ass, an et mellt kee sech méi, oder dee wou sech mellt, dee läit 200.000€ iwwert dem Präis, dee mir festgehalten hunn, da kënnt dir net soen elo hale mir op, da baue mir de Projet net méi weider, da loosse mir d'Haus verfallen. Ech mengen da sidd dir esou gutt an da kommt dir an de Gemengerot an da sot dir: Voilà, mir maachen hei een Devis remanié, an dat ass wierklech wouer, et ass wierklech de Moment um Marché esou, dass dir keng Firma méi fannt fir d'Projeten ze maachen, well iwwerall gebaut a Stroosse gemaach ginn a sou weider.

Bon, da wëll ech, mir schwätzen ëmmer iwwer Bëschcrèche. Ech weess, Esch huet eng Bëschcrèche, Schëffleng huet och eng. Bëschcrèche – an ech soen et all Joer erëm eng Kéier – dat Gebai muss net am Bësch leien. Ech mengen, mir sinn am Gaang eng nei Crèche ze bauen, an d'Konzept soll selbstverständlech an déi Richtung goen an och do kënnen se profitéieren, well se och wierklech op der richteger Plaz leie fir all Dag an de Bësch ze goen, ech mengen deem steet elo näischt méi am Wee an och do wäerte mir an déi Richtung goen.

Dann hat mir d'Madamm Kayser gesot, d'Admissioun an de Minettsdäpp an Nuddelsfabrik. Ech menge mir hate scho vill driwwer geschwat. Mir maachen d'Aschreiwungen am September. Natierlech, wann elo ee seet, hei mäi Congé parental hält am Januar op, dat heescht mir missten am Fong eng Plage während 5 Méint ophalen a keen anere bäiloossen, well mir wëssen: Ah am Januar oder Februar kënnt ee bäi. Dat schéngt mir ganz schwéier. Ech mengen, den Drock ass extrem héich wat Aschreiwungen an de Crëchen, dofir ass am Fong déi De-



cisioun komm gewiescht fir nëmmen nach Aschreiwungen am September ze maachen. Nach soll een awer ëmmer – a mir kréie jo elo bësse Sputt duerch Italien – kann een awer ëmmer Plazen ophalen, wann eng Urgence kënnt. Voilà, dat zur Admissioun. Wat geschitt mat der Waldschoul? Also ech krut déi Fro scho relativ oft gestallt an de leschte Méint. Ech mengen dir wësst, datt mir ab Mäerz Chiffere kréien an datt mir am Juni spëtstens déi provisoersch Schoulorganisatioun mussen hei virleeën. Ech mengen, datt dat och de Moment ass wou een da weess wat geschitt mat der Lenkeschléi, wéi, wat fir eng Stroosse ginn dohinner, wat fir eng Kanner ginn dohinner. De Moment Spekulationen an Dramsätz, „mir maachen d'Waldschoul zou, mir maachen hei, mir maachen do“, ech mengen dat wier de falsche Moment. Mir maache sécher d'Waldschoul net zou. Nach kann een iwwerdenke wat do soll kommen. D'Fro beim Bildungshaus, an ech mengen dat sinn déi Leit déi an der Schoulkommissioun sëtzen, déi wëssen dat och, d'Contingente gi verdeelt pro Kand. Wann e Bildungshaus op eemol keng voll Klasse méi huet, a mir Stonnen dohinner musse ginn, dann mengen ech da wieren déi aner Gebaier ronderëm net frouh an da soen déi: „Hei, da kréien si och manner Stonnen vum Contingent. Dat wësst dir alleguer, virun allem déi Leit déi an der Schoulkommissioun sëtzen.“

Pedibus – Ech muss do soen, ech fannen dat flott, d'Iddi fir d'Schëlde opzeriichten an, d'Leit mol e bësse mat an d'Responsabilitéit ze huelen. Dat ass och guer kee Problem, well de Plang dee mir gemaach hunn am Ufank, dee war iwwert d'ganz Gemeng. Mir hu just probéiert eng Testphase ze maachen. Coin des parents ass d'Fro gestallt ginn, ob dat gutt funktionéiert. Jo, mir haten 10 Coin des Parents um Strutzbiereg a mir haten der 6 an der Diddelfamill. Wéi gesot, och dat leeft weider, a gëschter war eng Reunioun mam Anna-Louisa vun der Eltereschoul an och do ass geplangt gi scho fir elo de Plan fir 2020.

Service Jeunesse – D'Froen: wou kennt dee sëtzen? Ech mengen, déi ass nach net gekläert. De Moment brauch en net ëffentlech sinn, well e mol d'Koordinatioun mécht tëscht deene verschidde Servicer. Natierlech an enger zweeter Phase soll en och vum Public accessibel sinn, vun de Familljen, vun de Kanner, vun de Jonken. Eppes wat nach ganz wichteg ass, mir hunn elo de 14. Januar hu mir Rendez-Vous um Ministère, wou mir nach eng Kéier iwwer si – well si bezuelen e jo och mat wahrscheinlech, oder finanzéieren e mat, wou mir nach eng Kéier iwwer dat ganz Konzept mam Ministère schwätzen, mee wéi gesot, dat kann ech iech elo de Moment nach net méi soen, ech wäert iech awer zum gegebenen Zäitpunkt dat alles soen.

Den Här Jadin: : Zu Ma Commune, ech hunn do net richteg verstane wat do net gewiesselt huet. Also Ma Commune ass eng Plattform, wou ee sech eemol alogged, wou een da seet: „Voilà, ech logge mech hei an, ech kann Demarches administratives maachen, ech ka mir eng Kopie vun enger Facture froen, ech ka mir en Extrait froe vun der Populatioun, bon et sinn nach vill Saachen. Et kann ee Formularen eroflueden, ech weess elo net wat do à Jour gehale muss ginn. Also, ech hunn déi Fro elo net verstanen. Bon wéi gesot, ech



kann iech awer d'Resultat soen: Ma Commune hu mir fir 2019 126 Ufroen iwwert dee Site erakritt, déi och da beäntwert ginn si vun eiser Populatioun.

Dann natierlech vill Diskussioun ëmmer iwwer de SIGI. Benotze mir all déi Programmer, déi vum SIGI ugebuede ginn? Nee, ganz kloer, nee. De SIGI bitt der 44 un – 44 verschidden Applikatiounen – wéi vill genau d'Gemeng Diddeleng der benotzt dovun, dat hunn ech nogefrot an ech kréien och do vum SIGI en Détail. Bezuele mir all déi Programmer? Jo. Ech mengen all Gemeng bezilt déi Programmer. Wa mir eng Kéier op en anere Wee wëlle goen, elo sinn an deene 700.000€ déi 44 Programmer dran. Déi kënnen d'Gemengen notzen – ech muss iech awer éierlech soen, datt et ganz schwéier ass fir an d'Servicer ze goen an ze soen: Benotz du dee Programm vum SIGI oder benotz du... do muss ee fir d'éischt emol eng Bestandsopnam maachen, wat wou genotzt gëtt. Ech mengen, dat wäerte mir och maachen, dat hu mir eis virgeholl, an da kann een herno natierlech och soen „voilà dat do dat ass am Package mat dran, dat ass fir näischt, an dat do muss du bezuele wann s du et keefs“. Sou, ech mengen, dat wär dat.

Den Här Friedrich nach: D'Maison Relais / Fussball. Ech mengen et ass net esou, datt déi Kanner net an enger Maison de Relais wäeren, déi an der Fussballschoul sinn, do sinn der ganz vill an de Maison Relais, et sinn der awer och déi si bei den Elteren doheem an der Mëttesstonn. Op Butschebuerg schécken, ech mengen, dat schéngt mir relativ schwierig, well wat soen ech deene Butschebuerger? Bleift dir elo doheem, well mir hunn elo d'Fussballschoul déi kommen elo heihinner iessen? Also déi Kanner si scho betreit an enger Struktur, just net an der Struktur déi am noosten dobäi ass. Do si mir awer am Gaang zesumme mam Service des Sports ze kucken. Mir haten eng éischt Reunioun fir eventuell d'Kanner op déi Siten ze bréngen um 2 Auer wou se dann hire Sport maachen. Jo, soss mengen ech, dat wier alles vu mir gewiescht.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Josiane Di Bartolomeo-Ried, an da ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert weider.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – SCHÄFFIN): Jo Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Merci alleguer fir är Interventiounen. Bon, bei mir wäert et da bësse méi queesch duerch de Geméisgaart goen, well jiddereen heiansdo dat eent opgegraff huet an dat anert. Ech probéieren et e bessen ze bündelen, mee ech mengen net datt et mir elo ganz wäert geléngen. Zuch/Tram ass nach eng Kéier ugeschwat ginn, esou wéi och d'Etüden. D'CSV hat leschte Kéier, leschte Gemengerot, Froen dozou gestallt, déi hunn ech beäntwert, do gëtt et näischt



bäizeféieren. Vlächcht just als Rappel wéinst den Datumer, déi och gefrot gi si wéini de Minister kënnt. Ech hat iech leschte Kéier gesot datt nach een tech-neschen Arbeschtsgrupp wier ugangs Januar an datt dann nach eng Kéier de Minister géif vun eis gesi ginn. Dat ass wann ech mech net ieren den 23.1. an duerno géif gekuckt ginn, datt de Minister erof op Diddeleng kéim. Et ass bemängelt ginn datt mir Nohuelbedarf hei an deem Land hunn. Et ass ganz dacks de Premier zitéiert ginn, dee gesot huet „wann et dem Land gutt geet, da soll et de Leit gutt goen“. Ech ka mech un Zäiten erënnere do ass et deem Land hei, nach vill besser gaangen, an do war d'CSV och an der Regierung. Wann ech mech net erënnere souguer kontinuéierlech bis 2013. Wann do eppes geschitt wier all déi Joren – an ech huelen do d'LSAP net eraus, well mir waren och jorelaang mat iech an der Regierung – wann do alles gemaach gi wier, wat elo muss nogeholl ginn, da wiere mir net esou wäit wat de Stau ubelaangt, wéi mir elo sinn. Mee wéi gesot, elo ass ee risegen Nohuelbedarf do an et ass och vun eenzele Virriedner gesot ginn, dat gëtt jo gemaach, et ass gesot ginn, mir kënnen eis net an d'Stad oder op Beetebuerg beame loossen, ma genau sou wéineg kënnen mir déi Infrastruktur déi feelt beamen an et wäert effektiv eréischt besser ginn – an d'Madamm Goergen hat dat gesot – wann déi Beetebuurger Gare an déi Zuchstreck do ausgebaut ass a fäerdeg ass. Et ass gesot ginn, de Subside vum Citybus. Jo, effektiv, dat waren déi Informatiounen déi ech krut hunn am Februar. Deem gëtt et näischt bäizefügen, d'Welt huet alt erëm eng Kéier geännert.

D'Käschte vum Personal, vum TICE sinn nach eng Kéier kuerz ugesprach ginn. Entweder mir wëlle weider am Stau stoen oder ee gudden, funktionéierende öffentliche Transport. Wa mir dee wëllen, an ech mengen do si mir eis jo iwwer all d'Bänken eens, da kascht dat ee gudde Batz Geld, an da kritt een deen och net zum Nulltarif. Jo, den TICE huet vill Personal, mee net méi ewéi e brauch a jo dem TICE säi Personal dat sinn och gréisstendeels Beamten, an domat gi se och adequat bezuelt, an dat soll och esou sinn. Ech menge kee vun iech a kee vun eis well schlecht bezuelten, iwwer d'Chauffere fir sech oder seng Kanner ze transportéieren an, wann dir déi Diskussiounen déi an deene leschte Jore gefouert gi si bei de private Busentreprisen e bëssen noverfollegt hutt, da wëllt dir sécher net datt déi doten Diskussiounen och géifen hei gefouert ginn. Op alle Fall wëll dës Schafferot dat net, an dofir steet en dann och hannert der Personalpolitik vum TICE.

De Biergerrot – Bon, de Loris ass drop agaangen. Do ass och iwwert Verkéiersproblemer diskutéiert ginn. Natierlech gëtt do iwwer Verkéiersproblemer diskutéiert, well jidderee steet am Stau a jidderee diskutéiert iwwer Verkéiersproblemer – allerdéngs, an dat kann de Loris bestätegen, do kruten d'Leit erkläert, firwat verschidde Saache machbar sinn, firwat verschidde Saachen net machbar sinn, wat do musse fir Weeër ageschloe ginn, firwat dat heiansdo net esou schnell geet, wéi d'Leit sech dat virstellen oder fir de Loris ze zitieren: „wéi se dat dann um Facebook oder um Comptoir“ zielen, an déi hunn dat och verstanen, an d'Madamm Kayser-Wengler sot virduer e bëssen ironesch, da

géif d'CSV dann och an dee Biergerrot kommen: Guer kee Problem, da kritt Dir et do och erkläert, an da verstitt Dir et dann och.

Et ass nach eng Fro gestallt ginn zum TICE. Ech kucken ob ech dat elo erëmfannen, da brauch ech herno net méi drop anzegoen, wisou do Sue vum Ordinären an den Extraordinären – ma dat ass well den TICE eng Remark vum Contrôle krut, si missten dat esou maachen, an d'Erklärung wier déi, an ech zitieren déi elo, ech sinn nämlech dovun ausgaange gewiescht, datt eng Remark am TICE-Budget wier, mee ech hunn awer gesinn datt se d'Remark effektiv net dobäi gemaach hunn. Dat wier well den TICE am Kaderbudget 2019 fir Determinatioun vum Rapport d'Resultat final aus dem Bilan geholl hätt anstatt d'Resultat de l'exercice propre. Dat ass d'Erklärung firwat dat huet missen eriwwegeholl ginn a wéi gesot dat war keng Eegeninitiative dat war d'Remark déi de Contrôle dem TICE gemaach huet. De Flexibus – Jo, ech hat iech dat deemools am off gesot, well ech d'Zuelen nogekuckt hat a fir keng falsch ze soen, ech soen se dann och eng Kéier an de Mikro: D'Entreprise huet mir gesot datt 30-40 Leit, dee Flexibus dagdeeglech géingen notzen.

Et ass nach Cours d'Appui gefrot ginn. Jo, dat ass ee Projet vum Projet ensemble an, se sinn nach am Gang dorunner ze schaffe fréistens géife se ufänken no der Fuesvakanz: se wëllen dat um Däich maachen am Sall vun de Cours de langues. Wéi gesot, et ass nach net definitiv, geplangt ass et, et zwee mol d'Woch wëllen ze maache mat Studenten a fir eben dat wat Dir och gesot hutt, datt et net ze vill nach eng Kéier Schoul no der Schoul ass, wéilten se dat ganz och gär mat Sorties pédagogiques verbannen. Mee wéi gesot, et ass nach net ganz ficeliert.

Giten – Den 11. November ass e Concours d'architecte ausgeschriwwen ginn. Bis den 13. Februar kënnen d'Leit sech mellen. De 6. März kéim e Jury zesummen an den ORT sot, datt se géifen direkt am Januar d'Demanden och maachen un de Ministère fir dat ganz subsidéiert ze kréien an all Gite kéint dann do maximum 50% kréien. Dat sinn elo déi lescht Infoe wou ech do hunn. Et ass monéiert ginn, datt net alles transparent wier an hannert zouenen Dieren, bon, ech muss iech soen, et muss och erlaabt sinn, als Schafferot, respektiv och mat de Servicer a Rou kënnen ze schaffen, ouni permanenter Polemik ausgesat ze sinn. Dat nämmelecht gëllt och fir d'Kommissiounen – ech menge mir préparéiere gär eppes, mir kommen dann an d'Kommissioun, mir kommen net fir all Zebra – ech huelen elo meng Kommissioun, et ginn der warscheinlech nach, mir kommen net fir all Zebrasträifen an eng Verkéierskommissioun. Dat géif och kee Sënn maachen. Mir kommen natierlech mat de grouse Projeten an da schaffe mir erëm drun a wann do Ännerunge komm sinn, wéi elo eben am Vélosprojet oder och am Parking résidentiel, da komme mir natierlech ufanks des Joers rem an eng Verkéierskommissioun. Mer profitéieren och dovunner well de Romain Molitor souwisou hei ass fir d'Diskussiounen iwwert de PAG fir eng Verkéierskommissioun ze maachen, mat deem wat vun deemools geschafft ginn ass a mat weider Detailer, woubäi ech jo schonn weider Detailer lescht Woch hei ge-



sot hat wei u sech den Timing wär, dann huet de Gemen-
gerot dat eben éischter, wéi d'Verkéiserskommissioun.

Et ass gesot ginn, ech menge vun der Madamm Goergen,
mir géifen alles lues ëmsetzen amplaz radikal ëmzedenken:
Jo, stëmmt, mee och Ännerungen déi ee mécht déi
mussen och vum Bierger ugeholl ginn, dat ass eppes dat
eis och um Häerz läit a virun allem, datt dat wat mir
maachen, datt dat och duerchduecht ass, an datt mir wa
mir bis op den Terrain ginn eben esou mann wéi méiglech
herno mussen nobesseren. Et ass gesot ginn, de Bus
– sief et de Citybus oder och den RGTR-Bus – dee sté-
ing am Stau. Jo, dee steet am Stau, well mir stinn alle-
guerten am Stau. Mir kënnen natierlech de Citybus oder
de Stad den RGTR nëmmen ubidden. Mir kënnen leider kee
forcéieren en ze huelen.

Zu der Semaine de Mobilité – Jo, mir hunn eng kreativ
Paus, wéi dir dat genannt hat, 2018 gemaach, an ech
sinn awer der Meenung dat hat eis och gutt gedoen,
well dir hutt gesinn datt de Mobilitéitsdag, deen hat déi
lescht Joren esou wéi e war einfach kee Succès méi. A
mir hunn dat dëst Joer ëmgeännert gehat an dat ass och
besser ukomm, an ech mengen, datt eng kreativ Paus,
wéi eise Beoptragen dat da genannt huet, och gutt ge-
doen huet. Et ass vläicht bësse wei am reale Liewen:
Heiansdo eng kleng Paus oder eng Vakanz, déi deet jidde-
rengem gutt an ech mengen datt mir op deem Wee, dee
mir elo ageschloen haten awer kënnen weiderfueren.

Vëlosweeër / Sécherheet – Jo, dat ass den A und O fir e
Vëlosfuerer. Knackpunkten a Problemer, jo, sinn déi
selwecht wéi se ware virun, wat hat den Här Garcia
gesot, viru 25 Joer, well Diddeleng sech jo, wéi soll ech
soen, et huet sech scho villes geännert, mee Diddeleng
ass awer u sech dat nämlech bliwwen. D'Topographie vun
Diddeleng déi ännere mir net an dofir bleift et och schwéier
verschidde Saachen ze realiséieren. Ech hu virdu
laachend gesot, Dir sot „95: 24 Joer si vergange bis
eppes geschitt ass“, da begréisst Dir jo, datt ech an de
Schäfferot komm sinn, fir datt eppes geschitt ass. Geck
an den Eck, ech mengen d'Vëlofueren hei am Land, an dat
wësse mir, dat gëtt ganz dacks nëmmen als Sport oder
och nëmmen als Fräizäitaktivitéit ugesinn, an net als
Fortbewegungsmëttel, souzesoen als Ersatz och vum
Auto. An bis dat sech ännert, musse mir gutt Vëlosweeër
op den Haaptachsen hunn a mir mussen déi alleguerte
matenee verbannen, dat heescht datt ee wéi dir virdu
gesot hutt vun Diddeleng op Esch, iwwer Kayl kënn
datt een an d'Stad kënnt, an datt een sech eben net
muss permanent enger Gefor aussetzen, well soss sinn
einfach vill Leit net bereet din op de Vëlo ëmzeklappen.
Ech mengen awer och, datt een duerchaus ka bei
verschiddene Weeër op den Auto verzichten an zum
Beispill de Vëlo oder seng zwee Féiss an de Grapp huelen,
an do schwätzen ech déi sougenannte „Schoultaxien“ och
un. Ech mengen dir gesitt, wann dir laanscht d'Schoule
moies fuert, dat ass schrecklech, do gëtt all Kand bal an
de Klasesall eragefouert mam Auto an d'Eltere streiden
sech nach géigesäiteg, fir déi puer Parkplaze wou do si
fir datt sâi Kand dann och nëmmen esou no wéi méiglech
era kënnt. Dat ass net néideg, well 99,9% vun deene
Kanner, déi hei an d'Primärschoul ginn, déi hunn zwee
gesond Been an ech gi mol dovun aus datt mir alleguerten,

déi hei ronderëm den Dësch setze fréier alleguerten zu
Fouss gaange sinn an et ass eis näischt geschitt a mir
setzen nach ëmmer hei an et huet eis warscheinlech
och gutt gedoen. A wa mir dat emol scho moies an de
Spëttestonnen eraus hätten, dann hätte mir e gudden
Deel hausgemaachte Verkéisier aus de Spëttestonnen
eraus. Och den ëffentlechen Transport ass trotzdeem
hautdesdaags awer eng Alternativ fir eng ganz Partie
Faarten ginn. A gläich ass en och nach gratis. Vläicht dréit
jo dat och nach e bëssen dozou bäi, datt Leit sech et
iwwerleeën. Ech soen et nach eng Kéisier, ech hunn et scho
puer Mol gesot, ech sot et virdu: Mir kënnen d'Leit just
incitéieren, mir kënnen se awer leider net dozou zwén-
gen et ze huelen. Awer ee wou all Dag am Stau steet,
a sech do och driwwer beklot, a ganz vill Leit hu ree-
gelméisseg Aarbechtszäiten, a ganz vill Leit hunn net
d'Ausried „oh ech muss awer mäi Kand nach an d'Crèche
bréngen“ oder „Ech muss mäi Kand nach an d'Maison
Relais féieren“, déi Leit, wou all déi doten Ausrieden net
hunnen, ane een Horaire hunn, dee fix ass, ech mengen,
fir déi ass haut awer den ëffentlechen Transport eng
reell Alternativ a wäert och nach besser ginn, wéi gesot,
wann d'Gare Beetebuerg an déi Zuchstreck ausgebaut
ass, da wäert dat hoffentlech och optimal funktionéie-
renden. Wéi gesot, et ginn där Leit vill, an och déi Leit
géifen domat de Verkéisier hei zu Diddeleng an doriwwer
eraus, well an deenen anere Gemengen, ech menge wann
dir bëssen Zeitunge gelies hutt déi lescht Wochen, wou
iwwerall iwwert de Budget geschwat ginn ass, da waren
d'Problemer wat de Verkéisier an d'Mobilitéit ubelaangt
iwwerall déi nämmelecht, an et sinn och iwwerall déi näm-
melecht Léisunge virgeschloe ginn. Vläicht – wann der
gesitt wéi d'Autoszuelen an d'Luucht gaange sinn, da
gesitt dir och firwat de Problem ëmmer méi schwéier
gëtt an de leschten 10 Joer. 2000 waren nach 319.000
Autoen an 2018 waren et der scho 482.000 Autoen op
eise Stroossen. Da wësst dir ongeféier, wat dat heescht,
an déi Zuel hält och net op mat wuessen.

Vitessen anhalen – Och do soen ech iech, mir kënnen
d'Leit net dozou erzéien d'Vitessen anzehalen. Ech
weess och, datt d'Police, well mir permanent mat deenen
eis och ofschwätzen, ganz vill Reklamatioune kritt, mee
och si kënnen net ëmmer an iwwerall sinn. Leider geet
et awer hautdesdaags just duerch d'Bestrofen a wann
et am Portmonnie wéi deet. Am Schlëmmsten allerdé-
ngs fannen ech et, virdu sinn d'Zone 30en ugeschwat
ginn, wann an de Quartiere Leit déi do wunne selwer
erwëscht ginn, datt se ze schnell waren an ech soen
iech och dat kënnt leider fir. [Tëscheruff] Mir plauderen
elo net aus dem Nähkästchen. Mir kënnen ëmmer nëmme
Reegelen als Gemeng festleeën – wann d'Leit sech am
Verkéisier awer net drun halen, da si mir ganz schnell
als Gemeng mam Latäin um Enn an da musse mir op
d'Police zrëckgräifen. Virdu sinn ech bedauert gi fir
de Ressort Mobilitéit a Verkéisier. Ech soen da Merci,
datt ee mech fir dee Ressort bedauert, ech muss awer
soen, och wann ech mech ganz dacks muss opreegen,
e mécht awer ganz ganz vill Spaass. Intelligent Luuchte
sinn ugeschwat ginn op dem Eck, jo, also wéi gesot
ech ginn dat weider an da kucke mir ob een dat kéint
maachen.



De Report-It ass, also d'App ass eigentlech gelueft gi fir de Report-It, a Beetebuerg huet jo scho 7 Deeg déi App an huet och scho puer Fäll genannt kritt. Ech hunn elo net gekuckt, ob mir schonn deen éischte Fall genannt kritt hunn – nach net – mee ech ginn awer mol dovun aus, datt dat och bei eis wäert gutt funktionéierenden, well et gi jo awer Erfahrungswärter aus anere Gemengen. Nach muss een och do soen et muss een och emol kucke wat erakënnt an ob een déi Problemer, déi do erakommen och kënne ganz schnell geléist sinn. Wann net, mengen ech, kann een och de Leit awer trotzdeem dat matdeelen an eng Äntwert ginn.

Vël'OK-Zuele si gefrot ginn. Se hu 4 Encadrant'en CDI, 12 CDDen, dat sinn déi Leit déi vun der ADEM geschéckt ginn, am ganze CIGL-Esch schaffen 19 Diddelenger. Dir musst wëssen datt, mir kënne eis, oder mir, de CIGL-Diddeleng oder de CIGL-Esch, déi kënne sech déi Leit net eraussichen. Et ass net dass ee ka soen, dat war vläicht fréier eng Kéier de Fall, mee du kanns net soen ech wëll elo Diddelenger oder ech wëll elo Escher, nee. D'ADEM schéckt déi an de ganze CIGL-Esch wéi gesot hat 19 Diddelenger Leit do schaffen. Dat ass net de Vël'OK mee dat ass wéi gesot de ganze CIGL-Esch. Dann, mir hate 429 Abonnén. Also ech schwätzen elo emol bis Enn November gell, dat sinn déi lescht Zuele wou et ginn, a mir hunn bis Enn November och nëmmen ee missten ausschléissen. Reparaturen hate mir der un Diddelenger Véloen 394. Allerdéngs muss ee betounen, dat ass och wann eng Schell muss ersat ginn, dann ass dat och eng Reparatur, dat gétt als Reparatur gezielt, a ganz dacks sinn et extrem kleng Reparaturen, sief et eng Vice, eng Schrauf, oder wéi gesot eng Schell, alles dat gétt awer als Reparatüre matgezielt. Déi 116.000€, dat ass effektiv de Recht Kredit 2019 vu datt mir keng nei Statioun gemaach hunn ass och näischt driwwer bezuelt ginn. Domat ass d'Fro och vum Eurohub beäntwert. Mir hunn déi net bezuelt. Wat gelift? Ech huele staark un, si selwer, mee ech kann dat awer nofroen, mee vun eis op alle Fall net. Pro-Sud, do ass gefrot ginn, dee Vélos-rapport, also déi lescht Reunion war am Februar 2019, an zanterdeem hu mir elo och näischt méi héiere respektiv och kee Rapport geschéckt kritt. Ech hat awer nach eppes vergiess. Virdrun ass jo och bei der App gesot ginn, Dir hat virdu gesot Här Gangler, Dir sidd dann dohinner gaangen an et war kee Vélo fräi. Elo kënnt dir dat op der App kucken ob eng fräi ass, allerdéngs musst Dir awer da ganz schnell sinn, well an der Tëschenzäitlech ka schonn een lech de leschte Vélo virun der Nues ewechgeholl hunn. Kommt dann awer net a sot, dat wier der App seng Schold.

Virdrun ass och nach gesot ginn, de Mensch, dee wier ganz dacks vergiess gi beim Verkéier. Bon et ass net fir näischt datt Europa déi SUMP? ugeleiert huet an datt mir dat och hei wëlle maachen, well do gétt de Mensch an de Mëttelpunkt vun der Stadplanung gesat anstatt dem Verkéier eben déi Zentral Roll ze ginn. Et soll also eng Alternativ eigentlech zu der traditioneller Verkéiersplanung sinn, wou bis elo ëmmer den Auto am Mëttelpunkt stoung. OPnGO ass gefrot ginn. Wat am Parking erakënnt. Dat gesi mir esou net, dat heescht mir kréie just eng global Zuel. Ech hunn elo de leschten ofgeschlossene Mount vum Parking nogefrot, dat ass den Oktober, an do

wären 10% iwwer OPnGO erakomm, wat menger Meenung no guer net schlecht ass.

Adapth ass gesot ginn. Bon, nee, also et ass e bëssen nuancéiert. Ech hunn hei net gesot, datt mir géifen de Minimum maachen, ech sot mir géifen dat maache wat si gesot hunn, respektiv wat och Ponts et Chaussées an d'Staatlech Verkéierskommissioun wëll, mir kennen eis net nëmmen un Adapth halen, wat si als de Minimum virgesi wat méiglech ass, gell. Wa si soen, ech soen elo iergendeng Ziffer, wa si soen 3cm ass de Minimum, fir dass de gutt mat denger Kutsch driwwer kënns da kucke mir déi 3cm zesumme mat Ponts et Chaussées, mir kucken awer och d'Plaz, wou et ass, an da maache mir dat. Mee wéi gesot, ech ka mech erënneren, datt fir de Shared Space – mee do weess de Buergermeeschter méi – ass deemools Adapth esouguer erofkomm fir mat duerch Diddeleng ze goen, respektiv duerch den Zentrum ze goen, a mir ass, wéi gesot, och näischt bekannt, et huet kee sech elo bei mir beschwéiert. Allkéiers wann dir mir erëm en Zebrasträifen oder eng Plaz sot, da ginn ech dat erëm weider, da gi si kucken, an da soen si „jo mir halen eis awer un déi Normen déi mir ugi kritt hunn“. Vun dohier, wéi gesot, mellet et ëmmer wann dir wierklech eng Plaz gesitt, wou dir mengt hei dat doten ass wierklech schwierig, mellet mir et, oder mellet et an der Circulatioun direkt, an da gi si et och allkéiers kucken. A wa mir kënne norëschten, maache mir et gären. Mee wéi gesot, et ass net iwwerall méiglech.

An da verschidde Saachen. D'Horodateuren ass gefrot ginn. Jo, déi musse Contactless sinn, dat schreift Europa esou fir, ab dem 1.1.2020. Dat erklärt och, well déi sinn dann e gudde Krack méi deier. Dat heescht all déi nei Horodateuren, déi ee bestellt ab 1.1.2020 mussen alle-guerte Contactless sinn, an dat schléit dann och an de Portmonni an och an de Budget.

Stellplaz fir d'Camperen hat dir och gefrot. Bon, am Moment ass elo do net geplangt, se weider auszebauen a genau aus deem Grond wat där gesot hutt, well et eben och elo schonn dacks virkënnt, datt d'Leit sech net un déi maximal Dauer hale wou se dierfen do stoen an da muss d'Police agräife fir déi lass ze ginn, a wat et méi grouss ass wat de Problem ëmmer méi grouss gétt. Allerdéngs muss ech soen, dat kann een awer duerchaus am Hannerkapp behalen, wann eng Kéier d'Méiglechkeet ass – et muss jo och vläicht net op där doter Plaz sinn – fir esou eppes ausweisen, well et hat Succès. Déi Dumping Station, déi ass super gutt ukomm an ech gi mol dovun aus – oder zumindest hoffen ech et – datt vill Leit déi do uewen déi Dumping Station gebrauchen och an Diddeleng kommen, an d'Duerf akafe ginn, een huele goen, an iesse ginn. An dann ass jo och ekonomesch an touristesch dat erreecht, wat mir wollten. Voilà. Dann hoffen ech datt ech alles hunn.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Claudia. Ech mengen, mir hunn elo probéiert hei als Schäfferot op déi verschidde Remarken, Froen esou komplett wéi méiglech anzegoen. Dofir wäre mir dann elo och zum Schluss vun hei den Debate ronderëm de Budget ukomm, ronderëm de Rectifié 2019, mee virun allem den



Initial 2020. Mir kënnen awer net vunenee goen, ouni datt mir awer de Vott maachen do ronderëm. Do wäert dann d'Spannung nach eng Kéier steigen dofir géife mir awer als éischt emol mam Rectifié 2019 ufänken.

Wien ass mam Rectifié 2019 esou wéi e presentéiert gouf averstanen? Stëmme vun der LSAP... Wien ass dogéint? Hesitatioun, et ass d'CSV. Wien enthält sech? Dat sinn déi Gréng an déi Lénk. Gutt. Da gi mir iwwer zum Initial 2020.

Wien ass mat deem Budget averstanen? Dat ass d'LSAP. Wien ass dogéint? D'CSV, déi Gréng an déi Lénk. Gutt, villmools Merci.

Da wäre mir elo zum Schluss vun eiser ëffentlecher Sitzung, wéi gesot, ukomm an och zum Schluss tout court vun der Sitzung.



L'APPLICATION DE LA VILLE DE DUDELANGE

Informez-vous sur les derniers événements de votre commune, l'heure de passage du prochain bus, la collecte des déchets, ou signalez vous-même un problème sur la voie publique.

Il vous suffit d'installer l'application sur votre smartphone (disponible gratuitement sur Google Play ou App Store), et c'est parti !

DIE APP DER STADT DÜDELINGEN

Informieren Sie sich über die neuesten Ereignisse in Ihrer Gemeinde, wann der nächste Bus kommt, die Müllabfuhr oder melden Sie ein Problem im öffentlichen Raum.

Installieren Sie ganz einfach die App auf Ihrem Smartphone. Die App ist kostenlos und kann im App Store und im Google Play Store heruntergeladen werden. Los geht's!

Le collège des bourgmestre et échevins / Das Schöffenkollegium
Dan Biancalana, bourgmestre / Bürgermeister
Loris Spina, René Manderscheid, Josiane Di Bartolomeo-Ries, Claudia Dall'Agnol, échevins / Schöffen



BP 73 L-3401 Dudelange
T 516121-1 /// ville@dudelange.lu
website: www.dudelange.lu
blog: www.ondiraitlesud.lu
f /villededudelange @villededudelange

